

# INFO BLAT

°03 24

Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng




## GEMENGEROTSSËTZUNG VUM 17. ABRËLL 2024



Ville de Differdange

Actualités | Events | DIFFMAG | Emploi | Differenttogether.lu | FR / EN / DE / PT

Vivre | Découvrir | La ville | Démarches | Contact

# Conseil communal du 27 septembre 2024

ACCUEIL > CONSEIL COMMUNAL DU 27 SEPTEMBRE 2024

**Conseillers présents**

| | | |
|---|---|---|
| ALTMEISCH Guy (bourgmestre, LSAP) | CEMAN Emina (CSV) | OLTEN Claude (CSV) |
| ULVELING Tom (1er échevin, CSV) | CILLIEN Eric (DP) | PREGNO Laura (déi gréng) |
| WAGNER Thierry (échevin, LSAP) | DIDERICH Gary (déi Lénk) | SCHEUREN Michel (LSAP) |
| HARTUNG Gerard dit Jerry (échevin, CSV) | HUBERTY Caroline (LSAP) | TEMPELS Guy (CSV) |
| CHARLÉ Zenia (échevine, LSAP) | MEISCH François dit Fränz (DP) | |
| AGUIAR Paulo (déi gréng) | MULLER Emy (LSAP) | |

L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.

**INFO BLAT** .03 24


COMPTE-RENDU DU 24 FÉVRIER 2021

4-64

CAFÉ DES LANGUES

65

PAGE DES ASSOCIATIONS

66



**ÉDITEUR** Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
Tél.: 58 77 1-01 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

**RÉALISATION** Service média et communication

**IMPRIMEUR** Imprimerie Heintz, Pétange

**TIRAGE** 500 exemplaires

**© PHOTOS** Couverture: Joanna Hudyka Photography

**INFOBLAT** imprimé sur du papier 100 % recyclé
**L'INFOBLAT** est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

**ÉDITION 03/2024**, ISSN: 1561-7262, titre clé: Informatiounsblat

**F** Ville de Differdange

# SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 18 MAI 2022

## CONSEILLERS PRÉSENTS

Guy Altmeisch, bourgmestre (LSAP)
Tom Ulveling, 1er échevin (CSV)
Thierry Wagner, échevin (LSAP)
Jerry Hartung, échevin (CSV)
Fred Bertinelli, échevin (LSAP)
Paulo Aguiar (déi gréng)
Eina Ceman (CSV)
Zenia Charlé (LSAP)
Eric Cillien (DP)
Elisabeth Da Silva (DP)
Gary Diderich (déi Lénk)
Morgan Engel (Piraten)
Fränz Meisch (DP)
Erny Muller (LSAP)
Claude Olten (CSV)
Laura Pregno (déi gréng)
Michel Scheuren (LSAP)
Manon Schütz (déi gréng)
Guy Tempels (CSV)

## ORDRE DU JOUR

### SÉANCE PUBLIQUE

1. **Communications du collège des bourgmestre et échevins.**
2. **Présentation du Gemeinwohlbericht de la Ville de Differdange.**
3. **Projets communaux : école des filles de Differdange — travaux de mise en conformité, devis — article budgétaire 4/910/221311/22016.**
4. **Finances communales : comptes administratif et de gestion de l'exercice 2022.**
5. **Plan d'aménagement général et projets d'aménagement particuliers : modification ponctuelle du plan d'aménagement particulier dénommé Lauterbann, concernant des fonds sis au même lieudit à Niederkorn, présentée par le collège des bourgmestre et échevins pour le compte de la Ville de Differdange.**
6. **Personnel communal : création d'un poste sous le statut du fonctionnaire communal appartenant au groupe de traitement C1, sous-groupe administratif, pour les besoins du service écologique et création d'un poste EMI pour les besoins du département social.**
7. **Actes et conventions**
    a. Acte de vente en futur état d'achèvement d'un immeuble comprenant 11 logements situés dans la rue des Ligures à Niederkorn ;
    b. Contrats de bail pour des logements locatifs situés au sein du complexe Gravity à Differdange ;
    c. Contrat de prestation de service de transport de nuit Night Card ;
    d. Pacte communal du vivre-ensemble interculturel signé avec l'État du grand-duché de Luxembourg ;
    e. Convention de collaboration avec l'ASBL Life concernant le service de WG Projet ;
    f. Convention de partenariat avec la Fédération luxembourgeoise d'escrime portant sur l'évènement 6 Tickets 2 Paris ;
    g. Convention avec le syndicat des copropriétaires de la résidence Maison-Krieps pour la mise à disposition d'un terrain communal dans l'intérêt de la sécurisation de l'accès à l'entrée du bâtiment.
8. **Règlements communaux :**
    a. Modifications au Règlement des taxes, tarifs et prix — chapitres *B-6 Mise à disposition de matériel*, *B-8 Tarifs d'entrée aux manifestations*, *C-2 Cours pour adultes*, *D-1 Repas sur roues*, *G-1 Stationnement* et *G-2 Droits de place — Food Trucks*.
    b. Règlements temporaires de circulation.
9. **Dénomination du parc public parc Terrain-AS.**
10. **Changements au sein des commissions consultatives et des groupes de travail.**
11. **Questions.**

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *ouvre la séance. Il salue monsieur Waltersdorfer qui présentera un bilan du projet d'économie de bien commun. Il lui demande de prendre un micro lorsqu'il prendra la parole pour que ses propos soient enregistrés.*
*Monsieur Meisch et madame Pregno annoncent des questions pour la fin de la séance.*
*Guy Altmeisch passe aux communications.*

**TOM ULVELING (CSV)** *annonce que la place du Jumelage sera inaugurée le 21 juin vers 18 h. Le programme détaillé sera envoyé aux conseillers communaux. Un diner est prévu après l'inauguration. Chaque fraction peut désigner un représentant.*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *signale que le concept de sécurité pour les maisons relais est fini. Il concerne surtout l'accès aux maisons relais par les parents. Il faut faire une distinction entre l'éducation formelle et l'éducation non formelle. Les maisons relais s'occupent de l'éducation non formelle. Les éducateurs sont censés soigner les rapports avec les parents.*
*De bonnes relations permettront d'éviter les malentendus et d'améliorer le suivi des enfants dans un dialogue positif.*
*Tout cela n'est possible que si l'accès aux bâtiments est bien structuré afin d'assurer la sécurité. Une entrée sera destinée aux parents. Ensuite, ceux-ci devront s'enregistrer et attendre leurs enfants et, le cas échéant, un éducateur. Ils ne pourront pas circuler à l'intérieur du bâtiment, mais pourront prendre un café dans un coin spécialement aménagé pour eux. Les maisons relais ne seront pas accessibles pendant les heures de cours, car la base juridique n'est pas la même.*
*Thierry Wagner a demandé un concept par maison relais illustré par de nombreuses photos. Le préposé communal à la sécurité et le service scolaire ont analysé le dossier. La commune remplit les conditions de la fonction publique.*

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Dir Dammen an Dir Hären, ech géif Iech bieden, Plaz ze huelen, da kéinte mer ufänke mat eiser Reunioun vum 17. Abrëll am Gemengerot. Ech begréissen Iech alleguerte bei deem gudde Wieder. Ech begréisse besonnesch en Expert, dee mer haut op Besuch hunn, den Här Waltersdorfer, deen eis zum Punkt 2, dem Projet Gemeinwohl-Ökonomie, Detailer gëtt, eng Presentatioun mécht, e Bilan final ofliwwert. Dat ass ganz interessant.

Ech wier och frou, Här Waltersdorfer, wa mer zum Punkt 2 kommen, dass Dir an Är Kolleegin kéint bei e Mikro goen, soss kréie mer dat net opgeholl fir de Rapport herno. Dat vereinfacht d'Saach fir Iech an och fir eis, wa mer dat wëllen ophuelen. Ech soen Iech Merci.

Si Froen unzemellen? Den Här Meisch. Ech schreiwen d'Madamm Pregno op. Wann dat sech am Laf vun der Sitzung eriwwrege soll, kënne mer dat jo nach ëmmer zréckzéien. Do hu mer jo eng gewësse Flexibilitéit.

Kéime mer zum Punkt 1, de Kommunikatioune vum Schäfferot. D'Wuert geet un den Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, den 21. Juni wéilte mer d'Place du Jumelage aweien, sou géint 18-18.15 Auer. De genaue Programm kritt Der nach zougeschéckt. Da kënnt Der Iech den Datum vläicht schonn notéieren. Owes ass en Dinner. Do géif ech Iech bieden, vun all Fraktioun een ze designéieren, deen op deen Dinner kéint oder wéilt matgoen. An dat dann dem Sophie, wannechgelift, matzedeelen. Dat war et. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Här Wagner, wannechgelift.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Schéine gudde Moien och vu menger Säit. Ech wollt Iech matdeelen, dass mer e Concept de sécurité fir eis Maisons relais ausgeschafft hunn, virun allem am Beräich vum Accès fir d'Elteren. Mir musse jo ënnerscheeden tëscht der Éducation formelle an der non-formelle. Den non-formale Beräich sinn eis Betreiungsstrukturen, wou, ganz einfach ausgedréckt, d'Kanner encadréiert ginn an hirer Fräizäit. Dat heescht, d'Kanner sinn do net am renge Schoulkader.

Duerfir ass et ëmsou wichteg, dass d'Eltere mat an d'Boot geholl ginn. Wat am Optrag vun eisen Haiser effektiv steet, dass se en Austausch mat den Eltere solle fleegen. Deen Echange soll net nëmmen hëllefen, d'Relatiounen ze verbesseren, mee och Mëssverständnisser direkt aus dem Wee ze raumen. Esou entsteet e gudde Suivi vum Kand, béid Säite kënne Probleemer opwerfen an et kann ee positiven Dialog entstoen.

Natierlech geet dat just iwwer e strukturéierten Accès an eis Gebaier, fir dass d'Sécherheet ëmmer déi absolutt Prioritéit huet.

Eltere kréien eng Entrée zougewisen. Do ass e Coin parent amenagéiert, wou se sech enregistréieren. Si kënnen do op hiert Kand waarden a bei Bedarf mam Personal diskutéieren. Si däerfen net duerch d'Gebai zirkuléieren, si kënnen an engem konvivialen amenagéierten Eltereneck waarden, souwäit déi besteeënd Infrastruktur et erméiglecht. Si kënnen e Kaffi drénken, wärend se waarden, wéi zum Beispill zu Uewerkuer an der Villa. Alles an enger fréndlecher Atmosphär.

Den Accès ass och just méiglech wärend der Ouverture vun de Maisons relais an ass och net zougänglech an de Schoulzäiten. Do gëtt et jo eng aner Base juridique, do si mer jo, wéi gesot, am formale Beräich.

Ech wollt e Gesamtkonzept pro Haus, illustréiert mat ville Fotoen, fir dass jiddweree weess, wat wou méiglech ass. Eise Sécherheetsmann op der Gemeng wéi de Schoulservice kruten den Dossier, fir ze analyséieren. Mir erfëllen d'Konditioune vun der Fonction publi-

que, well mer e Presenzregëster féieren an et ass ee Coin parent, also e speziellen Espace dofir zougewisen.

Eng Info iwwert den Télévie: Eise Promi-Dinner leschte Samschdeg war nees en Erfolleg. 8.000 Euro konnten agesammelt ginn. Mat den 11.200 Euro, déi nach nodréiglech bäikomm sinn, déi am Centre de promesse 2023 gesammelt goufen, sinn am Ganzen iwwer 170.000 Euro 2023 zesummekomm. Plus dann elo 2024 nees 8.000 Euro vum Promi-Dinner.

E Samschdeg ass d'Gemeng Déifferdeng fir den Télévie-Dag um Fernsee vertrueden, fir deen neie Scheck ze iwwerreechen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Wagner. D'Wuert geet un den Här Hartung, wannechgelift.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. Här Buergermeeschter, léif alleguer, gudde Moien, ech fänke mat engem méi heikelen Theema un, de Chambres meublées.

Ech wëll direkt virausschécken, datt et net d'Intentioun vun dësem Schäfferot ass, se ze verbidden, well fir vill Leit ass et quasi déi eenzeg Méiglechkeet, fir e Logement ze hunn.

Trotzdeem, oder grad, well déi Vulnerabelst hei riskéieren ausgebeut ze ginn, ass et wichteg, datt mir derfir suergen, datt dëse Wunnraum uerdentlech ass an de Minimum vun de gesetzleche Gegeebenheeten erfëllt ginn: Gesondheet, Hygiène, Sécherheet a Bewunnbarkeet vun de Gebailechkeeten. Leider ass dëst net an alle Chambres meublées ginn.

Et fänkt schonns domat un, datt se, laut dem Gesetz vum 20. Dezember 2019, missen op der Gemeng offiziell deklaréiert sinn, mat den entspriechende Pièëcen dobäi. A verschiddener maachen dëst net, well eeben de Wunnraum net déi gesetzlech gefuerdert minimal Viraussetzungen erfëllt.

Duerfir geet haut, per Recommandé mat Accusé de réception a Lettre simple, jeeweils e Bréif eraus un d'Proprietären an d'Exploitanten, falls een do ass, wou mir dëst widderhuelen. Wuelverstane fir déi, déi dëst nach net gemaach hunn.

Ech zitéieren de Betreff vum Bréif: „Mise en demeure et rappel sur les obligations découlant de la loi du 20 décembre 2019 relatives aux critères de salubrité, d'hygiène, de sécurité et d'habitabilité des logements et chambres donnés en location ou mis à disposition à des fins d'habitation et des conséquences en cas de non observation."

Am Bréif kréien de Proprietär an, gegeebenefalls, den Exploitant déi legal Dispositiounen erklärert a ginn opgefuerdert, alles an d'Weeër ze leeden, fir konform zum gesetzleche Rahmen ze ginn.

D'Gemeng huet op hirem Internetsite en Onlineformular fräigeschalt, wou si d'Deklaratioun kënne maachen an all d'Pièëcen eroflueden.

Des Weidere steet am Bréif – an dat ass een neie Moment –, datt mer Konsequenzen duerchzéien, vu datt se aktuell net konform zum Gesetz sinn, datt ab haut a bis si konform zum Gesetz si fir dës Zëmmere keng nei Aschreiwungen op der Gemeng als Haaptwunnsëtz kënne gemaach ginn.

Mir erënnere se un den Artikel 5 aus dem besote Gesetz, dee beseet, datt op ons Initiativ Kontrolle bezüglech den uewe genannte Krittäre kënnen duerchgefouert ginn. Mat den entspriechende Moossnamen, déi virgesi sinn, wéi datt, wa sech net un d'Gesetz gehale gëtt, et sech ëm eng Strofdot handelt, mat méigleche penale Suitten.

D'Proprietären oder d'Exploitantë kënne sech fir weider Froen an Informatiounen un eise Service logement wenden. D'Donnéeë stinn am Bréif.

Dëst resüméiert, en gros, den Inhalt vum Bréif, deen haut erausgeet. Wou mir ons natierlech juristesch berode gelooss hunn a mat onse concernéierte Servicer ofgestëmmt hunn. Dës Weidere steet et um Internetsite a mir hunn et elo hei kommunizéiert.

*Thierry Wagner informe le conseil communal que le diner des célébrités en faveur du Télévie a rapporté 8000 €. En 2023, le centre de promesses de Differdange avait rassemblé 170 000 € auxquels s'ajoutent donc 8000 € désormais.*
*La commune remettra le chèque samedi à la télévision.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *a une communication concernant les chambres meublées. Le collège échevinal n'a pas l'intention de les interdire, car pour beaucoup de personnes, elles constituent la seule chance de se loger.*
*Malheureusement, les gens vulnérables sont les plus à risque d'être exploités. C'est pourquoi les chambres meublées doivent remplir des conditions minimales concernant la salubrité, l'hygiène et la sécurité.*
*D'après la loi du 20 décembre 2019, les chambres meublées doivent être déclarées à la commune. Mais tout le monde ne se tient pas aux règles — notamment quand les chambres ne remplissent pas les conditions. Les propriétaires reçoivent alors une lettre recommandée de mise en demeure. La lettre reprend les mesures légales et exhorte le propriétaire à se tenir à la loi.*
*Les propriétaires peuvent remplir un formulaire en ligne et téléverser toutes les pièces.*
*Dans la lettre, la commune communique également aux propriétaires qu'ils ne pourront plus inscrire des locataires à la commune tant que les règles ne seront pas respectées. L'article 5 de la loi autorise des contrôles sur place. Si la loi n'est pas respectée, il s'agit d'une infraction entrainant des suites pénales. Le service logement est à disposition des propriétaires s'ils ont des questions ou ont besoin d'informations.*
*La commune enverra la lettre aujourd'hui. Le collège échevinal a demandé un avis juridique et s'est concerté avec les services concernés. Les informations se trouvent aussi sur le site internet.*
*Jerry Hartung espère qu'une fois que les derniers locataires seront partis et que les propriétaires récalcitrants ne pourront plus inscrire*

*des gens comme résidents permanents, ils n'auront plus d'autre choix que de réaliser les travaux nécessaires. Le cas échéant, la commune effectuera des contrôles et procèdera à des fermetures.*
*L'objectif est que les propriétaires respectent la loi pour que les locataires vivent dignement et en sécurité. Le collège échevinal a longtemps réfléchi à la meilleure façon de procéder. Finalement, il a décidé de ne plus tolérer certaines situations.*
*Dès que les travaux de mise en conformité auront été effectués, les chambres seront rouvertes à l'inscription dans la commune. Le formulaire en ligne permettra d'agir rapidement.*
*Jerry Hartung passe au rapport d'activité de la bibliothèque communale et des archives. La bibliothèque dispose de 41711 livres et 4691 CD. Vingt-six-mille-quatre-cent-soixante pièces ont été prêtées. La bibliothèque compte 2499 membres, dont 1475 sont actifs. Six-cent-vingt-trois personnes se sont inscrites en 2023.*
*La bibliothèque collabore avec les maisons relais, les crèches et les écoles.*
*Dans le cadre de Bibliomobil, la bibliothèque livre des ouvrages au domicile de personnes à mobilité réduite. Jerry Hartung mentionne aussi les autres activités.*
*En ce qui concerne les archives, la numérisation occupe une place de plus en plus importante. De nombreux documents se trouvent sur archives.differdange.lu. Le site compte 200 visiteurs par mois.*
*Les archives ont reçu des demandes d'écoles et d'universités, d'un musée, de particuliers et des services communaux.*
*Jerry Hartung mentionne le projet Mémoire du passé et le projet de numérisation des plans historiques. La collaboration avec les acteurs nationaux se passe bien.*
*L'échevin en profite pour remercier les collaborateurs de la bibliothèque et des archives.*
*Les conseillers communaux disposent de la version numérique du rapport, mais ils peuvent le recevoir en papier s'ils le veulent.*

Mir hoffen duerch dës Mesure, wa bis Zëmmeren eidel sinn, wann ee fortplënnert, a sech hei kee méi nei mat Haaptwunnsëtz kann aschreiwen, dëst och fir déi lescht Proprietären endlech Motivatioun genuch ass, fir Aarbechten unzefänken an dofir ze suergen, datt hir Chambres meublées déi vum Gesetz virgeschriwwe minimal Viraussetzungen erfëllen. Falls net, wäerte mir natierlech Kontrolle maachen an noutfalls ganz zoumaachen.

Wéi uganks gesot, et geet ons net drëms se zoumaachen, mee dofir ze suergen, datt se de Krittäre punkto Gesondheet, Hygiène, Sécherheet a Bewunnbarkeet Rechnung droen. Fir datt déi Leit, déi do wunnen, gesond a sécher sinn. Et ass keng Decisioun, déi ons einfach gefall ass. Mir hu laang verschidde Pisten analyséiert, éier mer dëse Wee ageschloen hunn. Fir ons war awer kloer, datt wa mer just nokucken, mer dës illegal Situatioun toleréieren a mer keng Besserung kréien.

Falls een d'Deklaratioun mécht an d'Konformitéit beluecht ass, ginn d'Zëmmere fir d'Aschreiwungen natierlech direkt nees fräigeschalt. Dofir och den Onlineformular um Internetsite vun der Gemeng, fir datt dëst séier ka goen.

Da stellen ech Iech nach den Aktivitéitsrapport vun der Bibliothéik an de Gemengenarchive fir d'Joer 2023 vir. D'Bibliothéik hat op den 31. Dezember 2023 41.711 Bicher a 4.691 CDen. Insgesamt goufe 26.460 Pièცen ausgeléint. D'Bibliothéik zielt 2.499 Persounen, déi bei hinnen ageschriwwe sinn, wouvun 1.475 Leit aktiv sinn. Am Kalennerjoer 2023 hate si 623 nei Aschreiwungen. Wann een déi Zuele mam Joer virdru vergläicht, si se all an der Hausse, wat jo e gutt Zeeche fir ons Bibliothéik duerstellt.

Punkto Aktivitéite schaffe si enk mat de Crèchen, Maison-relaisen an de Schoulen zesummen. Et leeft de Projet Bibliomobile, wou all éischte Mëttwoch am Mount eng Livraison à domicile fir Leit à mobilité réduite um Niveau vun der Gemeng proposéiert gëtt. Iwwert dëse Wee goufen 360 Bicher u Privatleit an 240 Bicher an d'Maisons de soins verléint.

Aner Aktivitéite sinn: Bib fir Kids, Lundi littéraire, dräi Atelieren, de Manga, verschidde Liesungen. Net ze vergiessen hire Marché aux livres, deen iwwer ee ganze Weekend geet a vill Interessenten unzitt.

An den Archive si si och ganz aktiv, wou si besteeënd Material souwéi d'Done vu Privatleit oder den Associatiounen ophuelen. Alles gëtt ëmmer méi digital, an d'Archiv huet scho vill Dokumenter digitaliséiert. Um Internetsite archives.differdange.lu kann ee vill flott opbereeten Dokumenter noliesen. Dat hunn 2023 pro Mount am Duerchschnëtt 200 Visiteure gemaach.

Sur place wore ronn 45 Demandë fir eng Recherche, sief et vun enger Schoul oder Uni, engem Musée, engem Privaten oder vun anere Gemengeservicer.

De Projet de numérisation des plans historiques leeft gutt weider. Ganz flott ass och de Projet Mémoires du passé, dee si an Zesummenaarbecht mat onsem Service Senior Plus maachen. D'Zil ass, per Videoopnam Interviewe vun Déifferdenger Zäitzeien, hir Temoignagë fir déi nächst Generatiounen oprechtzeerhalen.

Onst Archiv schafft och gutt um nationalen Niveau mat alle wichtegen Acteuren zesummen.

Ofschléissend wéilt ech deem ganze Personal aus der Bibliothéik an den Archive Merci soe fir hir engagéiert Aarbecht.

An der Zäit ass de Rapport no der Presentatioun op Pabeier ausgedeelt ginn. Vu datt mer wëlle méi paperless ginn an hei jiddereen digital ënnerwee ass, géif ech Iech e mailen. Falls awer ee léiwer eng Pabeierversioun hätt, sot mer wannechgelift Bescheed, da kritt Der dëst natierlech och esou. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. Den Här Cilien huet sech gemellt. Här Cilien, wannechgelift.

**ERIC CILLIEN (DP):**

Här Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, ech wollt Stellung huelen zum Sécherheetskonzept.

Eltere sinn e wichtege Partner vun der formaler an non-formaler Bildung. Dat gëtt jo och esou an der Préambule vun dësem Sécherheetskonzept festgehale fir ons Maison-relaisen. Eis Fraktioun steet voll hanner dësem Konzept.

Mee ech mengen, et ass awer illusoresch ze denken, datt doduerch datt d'Elteren an den Entréesberäich vun der Maison relais kënnen oder an de Coin parent kënnen, mer do nëmmen am Usaz dat erreechen, wat an der Préambule virgelieft gëtt: „Le travail avec les parents ne peut être couronné de succès sans une collaboration active".

Esou eng aktiv Kollaboratioun kréie mer net hin, wann d'Elteren am Aganksberäich vun der Maison relais op hiert Kand waarden. An do kréie se och net mat, wat och an der Préambule steet, wéi d'Atmosphär vun enger Maison relais ass a si léieren doduercher och net den deeglechen Oflaf vun hirem Kand an der Maison relais kennen. Ech mengen, do brauche mer eis keng Illusiounen ze maachen.

Dofir brauche mer aner Aktiounen. Ech huelen un, datt do dann och aner Momenter sinn. Oder ech hoffen, datt do dann och aner Momenter sinn, wou d'Eltere wierklech aktiv kënnen drun deelhuelen. Ech wollt dat just nëmme soen, well dat gëtt d'Impressioun, datt eng Ouverture do ass, déi net wierklech do ass.

Ech wéilt dem Här Hartung, an Iech alleguer, felicitéiere fir d'Initiativ par rapport zu den Zëmmeren, déi e Fléau sinn – a schonn éiweg. 2005 schonn, wou ech déi éischte Kéier an de Gemengerot komm sinn, hu mer probéiert, dogéint virzegoe mat Kontrollen. Iergendwéi ass dat eng Saach, där ee ganz schwéier Här a Meeschter gëtt. Ech felicitéieren Iech zu dëser Initiativ. Villmools merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Cilien, fir déi léif Wierder. Mir kéimen zum Punkt 2 vum Ordre du jour, dem Bilan respektiv der Bewäertung a Relatioun mat der Gemeinwohl-Ökonomie an der Gemeng Déifferdeng.

De Label gëtt verginn no Gespréicher mat eise Mataarbechter an eisen Awunner. Den Detail vun dëser Analys gëtt Iech virgestallt vun der Madamm Frisch an dem Här Waltersdorfer. Déi zwee Vertrieder vun der Firma hunn enk mat un dësem Label geschafft.

Ech géif Iech d'Wuert ginn, fir déi Presentatioun ze maachen. An ech wier och frou, wann Der no der Presentatioun nach e gewëssene Moment géift bei eis bleiwen, fir déi Froen, déi opkommen, ze beäntwerten. Dann hu mer direkt vum Spezialist d'Äntwerten op d'Froe vun de Conseilleren. Ech soen Iech Merci. Dir hutt d'Wuert, wannechgelift.

**LARA FRISCH (GEMEINWOHL-ÖKONOMIE LUXEMBURG ASBL):**

Merci. Gudde Moien. Mir sinn hei, fir de Bilan, d'Bilanzéierung vum Projet virzestellen. Mir soen Iech Merci fir déi Zäit, déi Dir eis gitt, fir dat ze maachen.

Als Éischt fänke mer un, fir Iech net nëmme Merci ze soen, mee och deem Schäfferot virdrun. An awer och dem Här Krecké an natierlech alle Mataarbechter an och dem GWÖ-Team, déi eis ënnerstëtzt hu wärend dësem ganze Projet. Villmools merci fir Är Zäit a fir Är Contributiounen op alle Fall.

Hei ass d'Agenda. Mir fänken u mat dem Kontext: Wéi ass déi Studie zustane komm? Mir erzielen e bëssen, wat GWÖ ass. Dann d'Revue, d'Ergebnisser souzesoen, an d'Detailer. Mir kucken, wéi dat Ganzt bilanzéiert gouf, mat Beispiller. Den Ausbléck an dann natierlech eng Diskussioun, also Froen an Äntwerten.

Fänke mer u mam Kontext. GWÖ ass en neit, en innovatiivt Wirtschaftsmodell, wat dofir do ass, fir de Changement innerhalb vun Unternehmen/Fir-

**ERIC CILLIEN (DP)** *souhaite revenir sur le concept de sécurité dans les maisons relais, que les démocrates soutiennent.*
*Il doute qu'en cantonnant les parents à un coin près de l'entrée, la commune arrive à atteindre la participation active qu'elle semble demander dans le préambule. Si les parents doivent rester à l'entrée, ils n'apprendront à connaitre ni l'atmosphère de la maison relais ni le déroulement de la journée de leurs enfants.*
*Eric Cillien espère qu'à d'autres moments, les parents pourront vraiment découvrir la vie dans la maison relais.*
*Le conseiller communal félicite monsieur Hartung pour l'initiative concernant le fléau que représentent les chambres meublées. En 2005 déjà, des contrôles avaient été effectués, mais il n'est pas facile de régler ce problème.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe au pont 2 de l'ordre du jour, le bilan sur l'économie de bien commun. Madame Frisch et monsieur Waltersdorfer vont présenter leur analyse. Le bourgmestre leur demande de ne pas quitter la salle après la présentation afin de répondre à d'éventuelles questions.*

**LAURA FRISCH (GWÖ)** *va tirer un bilan du projet.*
*Elle remercie le conseil communal, mais aussi le collège échevinal précédent, monsieur Krecké et toute l'équipe de GWÖ pour leur soutien, leur temps et leurs contributions.*
*Comment cette étude a-t-elle vu le jour ? Laura Frisch va expliquer ce qu'est l'économie de bien commun avant de présenter les résultats de l'analyse. Ensuite, le conseil communal pourra poser ses questions.*
*L'économie de bien commun est un modèle économique moderne permettant de mesurer le changement au sein d'entreprises ou de communes. Cela, sur la base de quatre valeurs universelles et cinq points de contact. Il s'agit d'un mouvement international comprenant de nombreux partenaires et une cinquantaine de communes.*
*Differdange a obtenu le label de ville de bien commun, le certificat*

*le plus élevé. Elle fait partie des villes modèles comme on en trouve aussi en Italie, en Espagne, en Allemagne, en Autriche, en Suisse et en Amérique du Sud. Ces villes promeuvent non seulement l'économie, mais aussi le droit des hommes et la solidarité.*
*Laura Frisch cède la parole à monsieur Waltersdorfer.*

**GREGOR WALTERSDORFER (GWÖ)**
*rappelle que la première phase a commencé en mars dernier. Des entretiens ont été réalisés avec des collaborateurs, des citoyens et des entreprises.*
*En juillet 2022, Gregor Waltersdorfer a présenté le projet à l'ancienne bourgmestre et aux chefs de service. Des ateliers ont aussi été organisés.*
*En automne, GWÖ a tenu 11 workshops auxquels ont participé entre 10 et 20 collaborateurs. Quatre de ces ateliers concernaient les collaborateurs de la commune, car ce sont eux qui peuvent contribuer le plus à l'économie de bien commun.*
*Tout d'abord, un état des lieux a été dressé pour définir comment travailler de manière plus efficace.*
*En septembre 2022 et en février 2023, le collège échevinal a reçu des rapports intermédiaires. Un premier bilan en présence du conseil communal a eu lieu en mars. Gregor Waltersdorfer espère que les conseillers s'en souviennent.*
*En mai 2023, GWÖ a fait ses premières propositions d'amélioration et a commencé à rédiger le rapport, qui fait désormais 86 pages.*
*En octobre 2023 a eu lieu une première entrevue avec le nouveau collège échevinal. Celui-ci souhaitait que le personnel se concentre sur Net0Cities. GWÖ a rencontré le collège échevinal une deuxième fois fin février 2024 pour lui présenter les résultats.*
*Le rapport compte 25 articles. Differdange reçoit une évaluation pour chaque article. Il s'agit de voir ce que la commune fait pour le bien commun de manière volontaire. Se tenir à la loi ne suffit pas pour obtenir des points. Discuter de l'économie de bien commun rapporte un point, la mise en place des premières mesures deux ou trois*

men, awer och a Gemenge messbar ze maachen. Et baséiert op dem Haaptinstrument vun der Matrix, wou et dréms geet, véier universell Wäerter a fënnef Haaptberéierungsgruppe vun de Communnen tastbar a messbar ze maachen. Et ass eng international Beweegung mat ganz ville Partner, e grousst internationaalt Netzwierk mat ënner anerem 50 Communnen, déi et ënnerstëtzen.

Déifferdeng, andeems se zertifizéiert gouf als Gemengwuel-Stad, ass déi gréisste GWÖ-zertifizéiert Stad bis elo. Domadder schléisst se sech anere Gemengen un an Italien, Spuenien, Däitschland, Éisträich, Schwäiz, Südamerika, a gehéiert souzesoen zu de Vorzeigestädte, also Stied, déi de Modell inkorporéiert hunn op eng Aart a Weis, fir ze kucken, fir d'Wirtschaft ze fërderen, awer och fir d'Mënscherechter ze fërderen an d'Solidaritéit.

Elo komme mer zum Prozess, wéi de Prozess zustane komm ass. Heifir ginn ech d'Wuert un den Här Waltersdorfer.

**GREGOR WALTERSDORFER (GEMEINWOHL-ÖKONOMIE LUXEMBURG ASBL):**

Merci. Gudde Moien och vu menger Säit. Am Mäerz virun zwee Joer hu mer ugefaange mat der éischter Phas, der Planungsphas. Wou mir Interviewe gemaach hu mat Mataarbechter, Bierger, Entreprisen. A mir hunn eis e puermol mat dem GWÖ-Team ofgestëmmt, wéi dee Prozess kéint ausgesinn.

Am Juli 2022 war de groussen Optakt am Ale Stadhaus, wou déi fréier Buergermeeschtesch all d'Chefs de service agelueden hat, dass mir dee Projet virstelle konnten. Mee och, dass mir déi Workshoppen, déi mir geplangt haten, promouvéiere konnten a fir grouss Participatioun ze kréien.

Am Hierscht dat Joer hate mir eelef Workshoppen organiséiert, am Duerchschnëtt haten 10 bis 20 Mataarbechter drun deelgeholl. Et ware Workshoppen zu alle Berührungsgruppen, dat heescht de Liwweranten, de Finanzpartner, Mataarbechter, Bierger, dat gesellschaftlecht Ëmfeld.

De Fokus louch op de Mataarbechter, mat véier Workshoppen, well mir gesinn hunn, datt d'Stad am beschte kéint zum Gemeinwohl bäidroen. Wenn all Mitarbeiter wirklich arbeitsfähig werden und sich abstimmen und wenn die Mitarbeiter als Basis stehen, dann kann man die Lieferanten angehen. Das war unsere Überlegung.

Was haben wir gemacht in den Workshops? Mir hunn eng Bestandsopnam gemaach, mee och Iddie gesammelt, wéi d'Stad sech kéint verbesseren. Well dat war och eng kloer Demande vun dem GWÖ-Team. Déi wollte wëssen, wéi een nach méi effikass schaffe kéint, zum Beispill.

Mir hunn de Schäfferéit Zwëscheberichter gemaach, een éischten am September 2022 an een zweeten no deene Workshoppen am Februar 2023. Am Mäerz war dunn eng Aarbechtssëtzung mat Iech – ech mengen, déi meescht waren dobäi a kënne sech hoffentlech nach erënneren. An där Aarbechtssëtzung gouf den Tëschestand presentéiert, déi méiglech politesch Ziler gebrainstormt an déi konkretiséiert.

Vu Mee 2023 un hu mir u Verbesserungsmoossname geschafft an hunn ugefaangen, e Bericht ze schreiwen. Dee Bericht huet ee Moment 86 Säiten, mee ouni Biller, dat heescht, et gi méi Säiten.

Am Oktober 2023 war dunn eng Entrevue mam neie Schäfferot, wou mir dee Projet nei orientéiert hunn, aus deem einfache Grond, fir d'Mataarbechter ze entlaaschten, fir dass se sech op NetZeroCities fokusséiere konnten.

Wéi de Bericht Enn Februar fäerdeg war, war eng weider Entrevue mam Schäfferot, wou mir d'Ergebnisser presentéiert hunn. Leschte Freideg war de Review mam Reviewer. Hien huet dee ganze Bericht gelies an en Avis ofginn, ob dee Bericht verständlech wär an ob dat alles zesummepasse géif, wat mir geschriwwen hunn.

Wat ganz wichteg ass, dee Bericht huet 25 Haaptkapitelen. An all Haaptkapitel gëtt d'Stad bewäert no dësem Bewäertungsscheema.

Wat gëtt bewäert? Et gëtt bewäert, wat fir Moossnamen d'Stad fir d'Allgemengwuel mécht – a fräiwëlleg Mooss-

namen. Dat heescht, wa sech d'Stad un d'Gesetzer hält, da sinn dat null Punkten. All Punkt iwwer null ass positiv. Dat heescht, et si schonn déi fräiwëlleg Moossnamen, déi eng Stad mécht.

Éischt Schrëtt heescht, datt d'Gemeng sech mat dem Theema auserneesetzt a plangt. Zwee bis dräi Punkten heescht, datt d'Gemeng éischt Moossnamen ëmgesat huet.

Wann ee véier Punkte wëll, da muss een d'Moossnamen evaluéieren. Dat heescht kucken: Huet dat eppes bruecht? An dat ass en immens ambitionéierte Level, wann ee 40 % vun de maximale Punkten erreeche wëll. Dat muss kloer gesot ginn.

Wann ee virbildlech si wëll, muss een innovativ sinn, all d'Moossnamen evaluéiert hunn, mee och e Virbild si fir aner Gemengen.

Komme mer elo zu den Ergebnisser. Wéi gesot, mir hate leschte Freideg e Review-Gespréich. De Reviewer, Gebhard Moser, ka leider haut net dobäi sinn. Dofir huet hien eis e Videomessage geschéckt, deen ech gär wéilt virdroen.

(Virspille vum Videomessage)

Das war die Videobotschaft vom Reviewer. Er hat es schon angesprochen, die Stadt erzielt 70 von 250 möglichen Punkten. Das sind 28 % der möglichen Punkte.

Um ein bisschen mehr ins Detail zu gehen, sehen Sie hier die 25 Hauptkapitel in der Matrix, die schon angesprochen wurden. Insgesamt gibt es noch 60 Unterkapitel, das heißt, hier sind die Durchschnittswerte. Man sieht schon ganz gut die Stärken und die Schwächen der Stadt.

Zum Beispiel: Die Stärken sind ganz klar bei den Bürgern, wie die Stadt die Menschenwürde der Bürger fördert. Da sind wir über der Schwelle von vier Punkten oder 40 %. Oder auch das Zusammenleben mit den Bürgern, dass die Bürger solidarisch gemeinsam zusammenleben, da sind wir bei fünf Punkten.

Man sieht aber auch die Schwächen, und die sprechen wir auch noch an. Das sind vor allen Dingen drei Kapitel. Bei B1, den Finanzpartnern, geht es darum, mit ethischen Banken zusammenzuarbeiten. Bei C1, den Mitarbeitern, um eine gute Organisationskultur. Da kommen wir noch auf einen Indikator zu sprechen. Und dann die Transparenz gegenüber den Mitarbeitern.

**LARA FRISCH (GEMEINWOHL-ÖKONOMIE LUXEMBURG ASBL):**

Mir weisen Iech elo, wéi et opgebaut ass, dass Der Iech am Bericht orientéiere kënnt: All Kapitel huet eng Iwwerschrëft. Hei hu mer d'Beispill „Gesellschaftliches Wohlergehen", D2.1.

Den Zweck ass ëmmer ausformuléiert. D'Zil vun där Kategorie ass: d'Zesummeliewe fërderen, d'Teilhabe, d'Participatioun um ëffentleche Liewen ze fërderen.

Ëmgesate Moossname sinn, zum Beispill, d'Summerfest, de Wok, de Coliving, de CollecDiff, den Hoplr, déi App, déi ass och super, d'Maison des conflits, de Sproochecafé. Dat sinn alles ganz gutt Beispiller. An do huet och Déifferdeng ganz gutt ofgeschnidden an där Kategorie.

Geplangt Moossname sinn dann ëmmer, wat nach doriwwer eraus geet, dat heescht, wat och nach muss evaluéiert ginn. Zum Beispill de Pakt vum Zesummeliewen, do si ganz konkreet Moossnamen, déi mussen och agehale ginn, de lokalen Aktiounsplang fir Inklusioun, Shared Spaces – dat ass alles och am Koalitiounsofkommen elo opgeschriwwe ginn.

Fir de Fortschrëtt vun deene Projeten ze moossen, ze bewäerten, ass et wichteg ze kucken: Wéi eng Indikatoren hu mer? Do ass ganz kloer, zum Beispill, d'Unzuel vun de Veräiner. Dat sinn der 260, no eisen Zuelen, déi mer kritt hunn. D'Besich am Ale Stadhaus, dat sinn der 8.300 bei 103 Produktiounen. Dat sinn d'Date vun 2021. Do ass d'Bewäertung erauskomm: siwe vun zéng Punkten op där Schinn.

Den Zilwäert fir déi nächst zwee Joer muss och ëmmer festgeluecht ginn, do hu mir den Zilwäert aacht festgeluecht.

*points et l'évaluation des mesures quatre points. Gregor Waltersdorfer signale qu'obtenir 40 % des points est un objectif ambitieux. Il s'agit de devenir un modèle pour les autres communes.*
*L'évaluateur du projet, monsieur Gebhard Moser, n'a pas pu venir aujourd'hui, mais il a envoyé un message vidéo que Gregor Waltersdorfer montre au conseil communal.*
*(Message vidéo)*
*Gregor Waltersdorfer explique que Differdange a obtenu 70 points sur 250, c'est-à-dire 28 %.*
*Il rappelle que la matrice compte 25 articles principaux et 60 souschapitres permettant de reconnaitre les points forts et les points faibles de Differdange.*
*Parmi les points forts figure la façon dont la commune assure la promotion de la dignité de ses citoyens ainsi que du vivre-ensemble et de la solidarité. Le chapitre 3 fait partie des points faibles et contient des éléments comme les partenaires financiers, la culture organisationnelle et la transparence à l'égard des collaborateurs.*

**LARA FRISCH (GWÖ)** *précise que chaque chapitre du rapport porte un titre. L'objectif de chaque chapitre est exprimé clairement.*
*Dans le domaine du vivre-ensemble, les mesures comprennent la Fête de l'été, CollecDiff, Hoplr, la maison des Conflits ou le Café des langues. D'autres mesures figurent dans le programme de coalition comme le Pacte du vivre-ensemble, le Plan d'action pour l'inclusion ou les shared spaces.*
*Des indicateurs servent à évaluer la progression des projets. La commune compte ainsi 260 associations et l'Aalt Stadhaus a accueilli 8300 spectateurs pour 103 productions… La commune obtient sept points sur dix. L'objectif pour l'année prochaine est de huit points.*
*Lara Frisch mentionne ensuite le projet pilote MobiDiff, qui pourrait se révéler utile dans le cadre de NetZeroCities, car il contribue à réduire l'empreinte carbone des collaborateurs de la commune.*
*Differdange est un modèle en matière d'accueil des réfugiés. Le Karro a été transformé rapidement*

*avec l'aide des entreprises locales et du CID.*
*Le service Senior Plus joue aussi un rôle important. Les employés ont lancé de nombreux projets innovants et continuent de le faire.*

**GREGOR WALTERSDORFER (GWÖ)** *passe à la question de la fluctuation du personnel en 2022 et 2023. En règle générale, un taux inférieur à 10 % est considéré comme acceptable. Au-dessus, les frais sont jugés comme trop importants. On estime que chaque remplacement coute six mois de salaire.*
*Differdange ne remplit pas non plus le taux de 5 % de personnel handicapé.*
*Pour le personnel, la commune n'obtient qu'un seul point.*
*Quelque 10 % des citoyens quittent Differdange chaque année. L'analyse des tendances est intéressante. Au cours des deux dernières années, la durée moyenne du temps vécu à Differdange a baissé d'un an. 28 % de ceux qui partent ont moins de 30 ans. Mais ce sont toutes les catégories d'âge qui quittent Differdange plus tôt. Cela concerne aussi les personnes de cinquante ou soixante ans. À la commune d'essayer d'en comprendre les raisons.*
*Bien entendu, le renouveau de la population a aussi des avantages. Mais le guide de Colleen Besch exprime clairement la volonté de faire de Differdange une ville dans laquelle on reste.*
*En ce qui concerne le logement, 63 % des Differdangeois sont propriétaires et 26 % sont locataires. 8 % louent un logement subventionné. Cela représente 23 % des logements en location.*
*La plupart de ces logements sont construits par le Fonds du logement et la SNHBM. Ceux appartenant à la commune ont explosé et sont passés de 3 à 170 en 4 ans. S'y ajoutent les logements gérés par l'AIS Kordall ou des associations comme Ënnerdaach.*
*GWÖ n'a pas de données pour les autres communes, mais peut-être peut-on les obtenir auprès du Syvicol. Gregor Waltersdorfer pense que Differdange s'en sort particulièrement bien.*

Déifferdeng huet eng Rei ganz gutt Best-Practice-Moossnamen, déi am Zäitraum vun 2022 bis 2023 ze verzeechne sinn. E Beispill ass de Pilotprojet MobiDiff. A wann dee géif weidergefouert ginn, wär dat och eng gutt Schinn, fir NetZeroCities ze ënnerstëtzen. Well mat där App kann een definitiv den $CO_2$-Ofdrock vun de Mataarbechter vun der Gemeng, vun der Verwaltung ganz gutt reduzéieren.

D'Opnam an d'Ënnerbréngung vun de Flüchtlinge stécht immens aus dem Bericht ervir, dass Déifferdeng eng vun deene virbildlechste Gemengen am Land ass. Well et ass immens schnell vollbruecht ginn, dass de Karro ëmgebaut ginn ass, a mat der Ënnerstëtzung vu lokale Firmen natierlech a mam CID.

An natierlech, wat och immens gewäertschätzt muss ginn an der Gemeng, dat ass de Service Senior Plus. Do sinn immens vill Projeten, innovativ Projeten an awer och kreativ Projete vun de Mataarbechter lancéiert ginn. An déi och ëmmer erëm weider duerchgefouert ginn. Also dat sinn der just e puer. Et gëtt der nach!

**GREGOR WALTERSDORFER (GEMEINWOHL-ÖKONOMIE LUXEMBURG ASBL):**

Weise mir nach e puer Beispiller vun Indikatoren, Fortschrëttsindikatoren. Ech hunn et schonn ugeschwat: In Bezug auf die Mitarbeiter haben wir Donnéeën zur Fluktuationsrate 2022 und 2023. Unter 10 % ist okay. Über 10 % ist einfach zu viel und einfach auch zu teuer. Fluktuationen kosten. Das sind Mitarbeiter, die abwandern und die dann wieder rekrutiert werden müssen. Man muss sich vorstellen, ein halbes Jahr Stillstand, weil die Monate, bis nachbesetzt ist, bis eingearbeitet ist – das kostet sechs Monatsgehälter.

Ausserdem ist die gesetzliche Quote von 5 % für Menschen mit Behinderungen, dass man die einstellt, noch nicht erfüllt. Da ist man sogar unter null. Das drückt die ganze Punktezahl, hier bei bei den Mitarbeitern. Deswegen ist da ein Punkt.

Zu den Bürgern. Rund 10 % der Bürger wandern pro Jahr ab. Das ist ähnlich wie bei den Mitarbeitern. Aber was dann interessant ist, da haben wir mit dem Accueil eine Analyse gemacht: Wie lange lebten denn die Bürger überhaupt in der Stadt? Und da sehen wir einen klaren Trend: In den letzten zwei Jahren hat sich die durchschnittliche Aufenthaltsdauer von denen, die freiwillig abgewandert sind, also nicht die Verstorbenen, um ein Jahr reduziert, nun mehr auf acht Jahre, die sie im Durchschnitt wohnten.

28 % von denen, die abgewandert sind, sind unter 30 Jahre. Die blieben maximal fünf Jahre. Die drücken den Durchschnitt. Aber der generelle Trend, dass man weniger lange in Differdange lebt, zieht sich durch alle Altersschichten. Das muss klar gesagt werden. Auch 50-, 60-Jährige, die nochmal umziehen, leben auch immer kürzer in Differdange. Da stellt sich die Frage: Wie soll Differdange drauf reagieren? Was heißt das jetzt für die Integration?

Natürlich hat ein schnelllebiger Wechsel von der Bevölkerung auch seine Vorteile, dass man immer wieder neue Einflüsse bekommt. Aber wenn im Leitbild steht, das mit Colleen Besch ausgearbeitet wurde, dass es eine Stadt des Lebens sein soll, dass man eben einmal ankommt, dann würde ich sagen, haben Sie da einen super Indikator an der Hand, um Ihre Fortschritte hier zu belegen.

Auch zu „Gesellschaftliches Umfeld, soziale Gerechtigkeit, Anteil der subventionierten Wohneinheiten" haben wir die Donnéeën zusammengetragen. Hier in Orange sehen wir Bürger, die in einem Eigenheim wohnen. Das sind 63 %. 26 % der Bürger leben zur Miete, die unsubventioniert ist. 8 %, in dunkelrot, leben in Mietwohnungen, die in irgendeiner Form subventioniert sind. Wenn man die 8 % bei den 26 % einbezieht, sind es 23 % der Mietwohnungen, die nach sozialen Kriterien vermietet werden.

Der Hauptteil von den 8 % kommt von den staatlichen Entwicklern, Fonds de Logement und SNHBM. Der zweitgrößte Anteil sind die Gemeindewohnungen, die in den letzten vier Jahren von drei auf fast 170 hochgeschossen sind. Dazu kommen noch die AIS Kordall und zum Schluss noch soziale Organisationen, mit denen die Stadt

weniger zu tun hat, wie zum Beispiel „Ënnerdaach".

Hier wär es interessant, einen Vergleich mit anderen Städten im Land zu machen, wo wir natürlich keine Donnéeën haben, aber vielleicht könnten Sie das in den Syvicol mitnehmen. Ich glaube, da würde Differdange richtig gut dastehen. Ich glaube nicht, dass eine andere Gemeinde einen Prozentsatz von 23 an Mietwohnungen aufweisen kann, die nach sozialen Kriterien vermietet werden.

Kommen wir zum Ausblick: Wie geht es weiter? Der Herr Moser hat es angesprochen, die Lara und ich werden seine Kommentare noch einarbeiten bis Freitag, dann muss der Bericht eigentlich nur noch veröffentlicht werden. Optional könnte vielleicht der Service communication den Bericht vor der Veröffentlichung grafisch aufbereiten, wenn das kein Problem darstellt, einfach damit es der Corporate Identity entspricht.

Was auch zum Ausblick gehört: Was ist das Potential von dem Gemeinwohl-Bericht? Da haben wir drei Ideen.

Einerseits kann es ein Tool sein, das sie vor oder in jeder Schöffenrats- und Gemeinderatssitzung heranziehen, wenn Sie ein Thema diskutieren. Dann schlagen Sie nach im Bericht: Wo stehen wir im Moment? Über was müssen wir abstimmen? Bringt uns das weiter? Wurde das schon mal gemacht? Und wie können wir überhaupt den Erfolg und die Wirkung messen? In den meisten Kapiteln haben wir Indikatoren vorgeschlagen, auch wenn wir noch keine Daten sammeln konnten.

Weitere Option, wie es weitergehen kann: In zwei bis vier Jahren, wenn der Gemeinderat wieder abstimmt, machen wir die Rebilanzierung, dass wir unseren Fortschritt messen können, ganz plakativ mit den Punkten. Oder, wenn man in die Tiefe geht, sieht man es auch an den Indikatoren, ob die vielen geplanten Maßnahmen dann auch umgesetzt wurden und auch die gewünschte Wirkung erzielt haben.

Oder noch eine Option: Man kann die Gemeinwohl-Ökonomie in die lokalen Unternehmen tragen, damit auch sie einen Beitrag zum Gemeinwohl aufzeigen können. Wo man dann sehen kann, zum Beispiel: Wie hoch ist der Medianlohn im Unternehmen? Das heißt: Wie viel stärkt das Unternehmen die lokale Kaufkraft? Oder wie viele Arbeitsplätze schafft es? Damit sich Differdange auch in der Geschäftswelt und im City-Management weiterentwickelt.

Zum Schluss wollen wir Sie noch zum GWÖ-Event am Montag, den 29. April einladen. Das ist schon mit Herrn Krecké abgestimmt. Sie sind herzlich eingeladen zur Überreichung von der Urkunde. Dies findet in der Foundry in der Stadt in Hollerich statt. Der Mitbegründer der Gemeinwohl-Ökonomie, der eigentliche Vordenker, Christian Felber, wird eine Keynote halten. Weitere drei Organisationen werden ausgezeichnet werden. Und natürlich geht es auch ums Netzwerken bei der Veranstaltung.

Die Keynote wird auf Englisch sein, die Auszeichnungen vielleicht auch, aber die Diskussionen können, wie in Luxemburg üblich, in alle Sprachen sein, die man so kennt.

Mir soe Merci fir d'Nolauschteren. Gäre beäntwerte mer elo Är Froen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen Iech Merci, fir déi flott Erklärungen an och Merci fir déi explizitt Videobotschaft. Ouni déi Erklärunge wieren d'Froe vill méi schwéier. Ech géif de Kolleegen an de Kolleeginnen d'Wuert gi fir d'Froen. Den Här Cilien, wannechgelift.

**ERIC CILLIEN (DP):**

Ech wollt am grousse Ganze Merci soen fir d'Presentatioun. 70 Punkte vun 250. Mir sinn déi gréisste Gemeng, déi esou vill Punkten erreecht. Dat schéngt awer net vill, 70 vun 250, an deem Sënn.

Ech stelle mer d'Fro: Wat muss ee maachen, fir nach besser ze ginn. Also mir maache jo scho ganz vill hei an der Gemeng a mer gesinn, Dir hutt d'Punkten opgewisen, effektiv, wou mer musse méi maachen, zum Beispill d'Astellung vu Behënnerten, méi behënnert

*Jusqu'à vendredi, madame Frisch et Gregor Waltersdorfer vont inclure les commentaires de monsieur Moser dans le rapport, qui pourra ensuite être publié. Le service médias et communication pourrait s'occuper de la mise en page le cas échéant.*
*Pour Gregor Waltersdorfer, la commune devrait se référer à ce rapport chaque fois qu'un sujet est abordé par le collège échevinal ou le conseil communal afin de voir où elle se situe et ce qu'elle peut faire. Les différents chapitres comprennent des indicateurs facilitant l'évaluation.*
*Il est aussi possible de tirer un nouveau bilan dans deux ou quatre ans pour mesurer les progrès réalisés jusque-là et voir si les mesures mises en place ont produit les résultats escomptés.*
*Enfin, la commune pourrait essayer d'introduire l'économie de bien commun dans les entreprises locales. Quel est le salaire médian ? Créent-elles des postes d'emploi ?*
*Pour conclure, Gregor Waltersdorfer invite le conseil communal à la remise du certificat de GWÖ le lundi 29 avril à Hollerich. Christian Felber y tiendra une présentation en anglais. Mais les discussions pourront se tenir en luxembourgeois ou dans une autre langue.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *remercie monsieur Waltersdorfer et madame Frisch pour leurs explications.*

**ERIC CILLIEN (DP)** *remercie à son tour GWÖ pour la présentation. Soixante-dix points sur deux-cent-cinquante semblent peu, mais Differdange est la seule commune de cette taille à en avoir obtenu autant.*

*Que peut-on faire pour s'améliorer ? Car Eric Cillien a l'impression que la commune fait beaucoup. Il a été question du faible nombre de collaborateurs handicapés. La commune doit aussi essayer de maitriser les fluctuations du personnel. Mais 70 points, ce n'est pas beaucoup. Comment est-ce possible ?*

**GREGOR WALTERSDORFER (GWÖ)** *trouve au contraire que c'est beaucoup. Mertzig, par exemple, a obtenu nettement moins de points. Il faut disposer d'énormément de données pour atteindre 40 % des points.*
*Differdange est sur la bonne voie. Elle connait désormais ses points faibles et ses points forts. Si le collège échevinal réalise les mesures du programme de coalition, la commune dépassera légèrement le seuil de 40 %.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *croit avoir compris que le collège échevinal ne souhaite pas poursuivre cette initiative. Or la présentation d'aujourd'hui a prouvé que les données rassemblées sont intéressantes pour Differdange. À titre d'exemple, les données sur les fluctuations de personnel et de la population sont importantes pour un des points traités tout à l'heure : le Pacte du vivre-ensemble interculturel.*
*Gary Diderich trouve dommage de ne pas en profiter pour des couts qui restent raisonnables. Il trouve que la commune devrait réaliser un nouveau bilan dans quelques années.*
*La commune participe à de nombreux projets comme NetZeroCities ou les différents pactes. Il serait regrettable de ne pas en mesurer le succès.*
*D'un côté, les personnes sur le terrain n'ont pas le réflexe de se donner des indicateurs. De l'autre, certaines mesures ne sont pas du tout mises en valeur. Il existe probablement d'autres mesures pour lesquelles il n'existe pas de données. Sans données, on ne peut pas fixer des objectifs.*
*Comme l'a expliqué monsieur Moser, parfois, il vaut mieux se concentrer sur quelques idées seulement et de se donner les moyens*

Mataarbechter. Mir musse kucken, datt d'Fluktuatioun méi kleng gëtt an der Gemeng an esou weider an esou fort. Mee trotzdeem ass 70 vun 250 kee grousse Montant. An do froen ech mech, wéi dat ass.

**GREGOR WALTERSDORFER (GEMEINWOHL-ÖKONOMIE LUXEMBOURG ASBL):**

Op den éischte Bléck gesäit et no net vill aus, mee et ass vill. Wann ee vergläicht mat Mertzig, zum Beispill, déi wäit drënner leien, well se net déi Kapazitéiten hunn.

Das ist eben den Bewertungsstufen geschuldet, dass man ab 40 %, wenn man vier Punkte von zehn erreichen möchte, pro Thema wirklich schon viele Donnéeën haben muss, um die Evaluierung von den Maßnahmen zu machen oder zu belegen.

Differdange ist auf einem guten Weg. Vor allen Dingen, man sieht ja genau die Stärken und die Schwächen. Wenn alles umgesetzt wird, was im Koalitionsabkommen steht, sind Sie knapp an den 40 %. Innerhalb von zwei Jahren kann man schon so um die 10 % gutmachen.

**ERIC CILLIEN (DP):**

Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Här Diderich.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Meng Fro adresséiert sech éischter un de Schäfferot. Wéi ech verstanen hat, war de Schäfferot net méi gewëllt, dat heite weiderzemaachen. Wann ech awer elo déi Presentatioun lauschteren, denken ech, dass mer do awer ganz interessant Donnéeën iwwer Déifferdeng kritt hunn.

Eleng schonn d'Fluktuatiounsrate souwuel vun de Mataarbechter wéi vun den Awunner ze kucken, wat jo och fir en anere Punkt, deen haut um Ordre du jour steet, de Gemengepakt vum interkulturellen Zesummeliewen, relevant ass. A sech dann dee Moyen, deen Tool net méi ze ginn, fir e weidere Suivi ze maachen, fir e Präis, deen awer verhältnisméisseg – mat anere Saachen, déi mer reegelméisseg u Käschten eis awer ginn, géif ech dat awer ganz staark bedaueren, wa mer als gréisste Gemeng, déi bis elo deen dote Prozess duerchgemaach huet, net a véier, fënnef Joer nach eng Kéier géife kucken, wou mer do dru sinn.

Mir maache mat am NetZeroCities an aneren Initiativen, ënner anerem deem Gemengepakt, dee genannt ginn ass, an eng sëllegen aner Saachen. Do maache mer ganz vill an och eis Mataarbechter, eis Associatiounen, Sozialträger an esou weider an esou fort. A wat eebe feelt, dat ass, d'Erfolleger ze moossen, déi dat mat sech bréngt.

D'Leit um Terrain, déi hunn net de Reflex, sech esou Indikatoren an Donnéeën ze ginn. An da si Saachen, déi gemaach gi sinn, da kommen déi guer net ervir. Dat war am Fong jo och d'Äntwert op dem Här Cilien seng Fro. Et ka sinn, dass nach Saachen do sinn, nach Tresore ronderëmschlummeren, mee si ginn net identifizéiert, well se net an Donnéeën erfaasst sinn. Wat éischtens schued ass, well een dann net weess, wou een domadder drun ass. Zweetens schued ass, well ee sech dann net och Ziler ka ginn, déi een erëm weiderbréngen.

Et ass dat, wat interessant ass bei deem heiten Tool. Den Här Moser huet dat och ganz kloer gesot: Et wär gutt, sech vläicht zum Deel manner Iddie virzehuelen, méi konkreet an d'Ëmsetzung ze goen a sech eeben déi Ziler ze ginn, da kënnt een heiansdo besser weider wéi wann een – an dat kënnt jo awer heiansdo vir an eise Kommissiounen oder Klimateam oder esou, dass mer sëllegen Iddien diskutéieren an da kréie mer op eemol d'Gefill, dass näischt dovunner geschitt. An da kënnt een éischter an eng Dynamik, déi ongesond ass, amplaz dass een an eng positiv Dynamik kënnt.

Dat ass eppes, wat ech heivu géif zréckbehalen, dass ee sech léiwer net ze vill Iddie virhëlt, déi duerno kënnen am Sand verlafen, mee d'Prioritéit éischter op d'Ëmsetzung leet.

Den Här Moser huet gesot, et wär e „beachtliches Ergebnis". Ech mengen, hie kennt sech besser aus mat deem Tool wéi mir. Dofir behalen ech dat emol zréck.

Ech géif d'Fro stellen, ob een dat net nach eng Kéier kéint iwwerdenken, dat heite weider ze maachen. Et si jo e puer Pisten do. Dat kann een och auswäiten op d'lokal Betriber. Deene méi Begleedung ze ginn oder eeben einfach déi nämmlecht Zertifizéierung nach eng Kéier ze maachen.

Wann do iergendwou Schwieregkeete waren, da soll een déi ugoen. Wéi den Här Buergermeeschter hei am Gemengerot gesot huet, war de Retour vun de Mataarbechter vläicht net ëmmer esou enthusiastesch.

Mee ech muss soen, aus menger professioneller Praxis, hunn ech, an engem ganz anere Beräich, en Gender-Diversity-Management-Prozess eng Kéier ëmgesat, wou et ëm den edukative Beräich gaangen ass. An do ware Mataarbechter och net onbedéngt frou, fir sech Tonnen Theorie unzehéieren, sech Ziler mussen ze setzen an dann ze kucken, wéi een déi Ziler erreecht. Well dat nach eng zousätzlech Aarbecht ass, natierlech. A well dat Froestellunge sinn, déi engem net esou geleefeg sinn an déi een e bëssen erausrappen aus der Alldagspraxis.

Et ass awer grad dat, wat ee ka weiderbréngen. Mee da muss een awer och déi zousätzlech Mëttel zur Verfügung stellen als Gemeng, wat dann och bestëmmt dozou féiert, dass ee seng Mataarbechter méi laang hält.

Wann ee bis do ass, dass een d'Erfolleger ka moossen, da gesinn d'Mataarbechter nach méi de Sënn an Zweck wéi bei enger éischter Evaluatioun. A wann een an eng zweet erageet a sech Ziler gëtt an déi dann och erreecht, da mécht dat alles nach vill méi Sënn. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech géif Iech direkt dorop äntweren, Här Diderich. Et ass esou, dat wat mer haut presentéiert kritt hunn, dat ass den Ist-Zoustand vun der Situatioun, wéi se haut ass a wéi d'Entwécklung war an deene leschten zwee Joer.

Mir fannen et als Schäfferot ganz wichteg. Déi Zuelen, 70 vun 250, hunn eis och e bëssen erféiert, well mer gewinnt sinn: da muss een awer wéinstens bis an d'Mëtt kommen, bis dass et gutt gëtt. A mir hunn awer elo de Géigendeel beschriwwe kritt. Mir wäerten eis deem Resultat dann do fügen, mee wat mir awer fannen: Dat do ass den Ist-Zoustand a mir sinn der Meenung, dass mer elo eng gewësse Phas/Zäit, een, zwee Joer musse kréien, fir ze reagéieren op déi Chifferen, déi eis elo virleien, fir op déi net esou gutt Situatioun kënnen ze reagéieren.

Et ass jo näischt, wat dogéint schwätzt, no enger Zäit – wou mir dann zwee Joer Zäit hunn oder X Joer oder X Méint Zäit hunn, fir ze reagéieren – nach eng Kéier mat der Firma Kontakt opzehuelen an eng nei Analys ze starte vun deem, wat war a wat mer geschafft hunn an deenen zwee Joer, wou mer konnte schaffen. Dass mer Zäit kréien, fir déi Chifferen do ze verbesseren. An da vläicht vu 70 op 90 Punkte vun 250 eropzekommen. Mer musse jo d'Méiglechkeet hunn, fir kënnen ze reagéieren.

D'autant plus wëll ech soen, dass mer, niewent där Analys hei, an deene leschte Joren och nach e Klimapakt hunn, en Naturpakt, en NetZeroCities – déi och Analyse maachen an déi eis och, parallel zu deem do, Chiffere liwweren, wat besser ka gemaach ginn. Sief dat NetZeroCities am Isolatiounsberäich, sief dat am Verbrauch mat Stroum, sief dat Naturpakt a Relatioun mat der Natur, sief et Klimapakt a Relatioun mat eisen Ofgasen. Dat si jo alles Wäerter, déi mer och zur Verfügung gestallt kréien, déi eis d'Méiglechkeet ginn, positiv op déi Wäerter ze reagéieren.

Dofir si mir der Meenung, elo mol den definitive Bericht ofzewaarden, mat voller Freed dee Label 70 vun 250 Punkten unzehuelen, eis eng Méiglechkeet ze ginn, fir ze reagéieren an dann, kuerz- oder mëttelfristeg, nach eng Kéier mat der Firma zesummenzeschaffen, fir dann eng Analys ze maachen: Wat huet eis eis Reaktioun bruecht?

Well ech gesinn net d'Zil, fir elo virunzeschaffen. An deem, wou mir mat-

*d'atteindre les objectifs fixés. Les commissions, par exemple, débattent en permanence d'idées, mais on a l'impression que rien ne se passe. Ce n'est pas une dynamique saine.*
*Monsieur Moser a parlé d'un résultat remarquable et il s'y connait. Gary Diderich demande au collège échevinal de revoir sa position quant à ce projet. Il pourrait même être étendu aux entreprises locales. Les problèmes peuvent être résolus. Le bourgmestre a, par exemple, expliqué que les retours du personnel n'étaient pas vraiment enthousiastes. D'expérience, Gary Diderich sait que le personnel n'a pas toujours envie d'entendre des tonnes de théorie et de fixer des objectifs. Cela représente plus de travail et nécessite une remise en question. À la commune de se donner les moyens de conserver son personnel plus longtemps.*
*Une fois que le succès des mesures pourra être mesuré, le personnel comprendra l'utilité de ce projet.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *souhaite répondre immédiatement. Il signale que la présentation d'aujourd'hui constitue un état des lieux.*
*Le collège échevinal a pris peur quand il a vu que la commune n'avait obtenu que 70 points sur 250. Mais GWÖ lui a expliqué que le résultat était bon. Le collège échevinal a désormais besoin de temps pour réagir à cet état des lieux, qui n'est pas exceptionnel. Rien n'empêchera la commune de contacter une nouvelle fois GWÖ dans quelques mois ou quelques années pour faire une nouvelle analyse.*
*Guy Altmeisch rappelle par ailleurs que le Pacte climat, le Pacte nature et NetZeroCities livrent aussi des chiffres et des données concernant l'isolation des bâtiments, la consommation d'électricité, les émissions de gaz, l'état de l'environnement… La commune dispose donc de données qui lui permettent de réagir.*
*Guy Altmeisch se réjouit de lire le rapport final et d'accepter la certification de 70 points sur 250. La commune pourra ensuite réagir aux remarques et demander à*

*GWÖ de dresser un nouveau bilan dans quelque temps.*
*Actuellement, Guy Altmeisch ne voit pas pourquoi il faudrait poursuivre ce projet. Il ne voit pas de plus-value pour la commune. C'est pourquoi il préfère se donner le temps de réagir et faire une nouvelle analyse plus tard.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *remercie les rapporteurs.*
*Elle rappelle que les écologistes ont lancé ce projet. Elle se dit contente que cette présentation ait eu lieu et que le conseil communal dispose d'un état des lieux.*
*Elle se réjouit aussi des déclarations concrètes du bourgmestre, car elle lui avait demandé où en était le projet à plusieurs reprises. Toutefois, elle ne se souvient pas de la réponse, qui était probablement aussi floue que d'habitude. La réponse d'aujourd'hui est un peu plus concrète et Laura Pregno l'en remercie.*
*Elle trouve que ce n'est pas une mauvaise idée de demander une nouvelle évaluation dans quelques années même si elle aurait préféré que la commune poursuive le projet. Monsieur Altmeisch a parlé des nombreuses évaluations, mais cela prouve que le travail au sein de la commune est riche.*
*Si le collège échevinal réalise son programme de coalition, il atteindra 40 % des points. Il a donc des objectifs concrets. Une nouvelle évaluation permettra à l'opposition et à la population de vérifier si le collège échevinal a tenu ses promesses. En tout cas, les écologistes n'hésiteront pas à poser des questions.*
*(Interruption de M. Tempels)*
*Laura Pregno demande à monsieur Tempels de faire ses remarques dans le micro pour qu'elle puisse réagir.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *remercie les rapporteurs et les conseillers communaux. Il est content des compliments de l'opposition et espère avoir 170 points dans 2 ans.*

**HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)** *constate que monsieur Altmeisch place la barre très haut.*

schaffen, dat gëtt eis keng richteg Plusvalue an deem Ganzen. Duerfir hu mir gesot, dass et besser wier, wa mir eis do géifen Zäit ginn, fir ze reagéieren. An dann nach eng Kéier mat der Firma a Kontakt ze kommen, fir dann nach eng Kéier eng nei Analys ze maache vun deem Ganzen. Dat ass emol zu deem Punkt.

D'Madamm Pregno freet d'Wuert. Madamm Pregno, wannechgelift.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci fir d'Wuert. Als Éischt e grousse Merci un d'Rapporteuren. Ech verheemlechen net, dass mir als Gréng am deemolege Schäfferot Undreiwer ware vun deem Projet. Ëmsou méi frou si mer, dass déi Presentatioun hei stattfonnt huet, dass mer offiziell Aussoe kruten, déi eis iwwert de jëtzege Stand vun der Stad Déifferdeng berichten.

Ganz besonnesch frou sinn ech, déi konkreet Wierder vum Här Buergermeeschter ze héieren. Well ech hat souwuel an der Budgetsried wéi och an der éischter Sitzung vum Gemengerot am Januar nogefrot, wou mer mat deem Projet dru wieren.

Ech weess och schonn net méi, wat d'Äntwert war, déi ech dee Moment kritt hunn. Well dat war, wéi ech leider muss soen, wéi sou oft, e bëssen eng flou Äntwert. An ech muss awer elo soen, dass déi hei Äntwert e Stéckelche scho méi konkreet war, wéi dat, wat ech an der leschter Zäit hei esou gewinnt war. Dofir emol e Merci vu menger Säit.

Jo, dat ass eng Perspektiv, wann Der Iech sot, dass Der an zwee, dräi Joer Iech nei evaluéiere loosst. Dat fannen ech schonn net esou schlecht. Natierlech wär ech méi frou gewiescht, wann d'Gemeinwohl-Ökonomie einfach an deem Prozess dobäibliwwe wier. Dir sot, Dir hätt vill Teams, Dir hätt vill verschidden Evaluatiounen. Dat weist, wéi facettëräich déi Aarbecht op der Gemeng ass a wéi vill Voleten een do muss ofdecken.

A wann ech héieren, dass Der kéint an zwee, dräi Joer op 40 % kommen, wann Der Äre Koalitiounsaccord anhaalt, fannen ech dat ëmsou méi flott. Well domadder hutt Der jo u sech konkreet Ziler, déi Der jo schonn op Pabeier hutt a konkreet Weeër hutt. Dir hutt Iddien, Dir hutt Gedanken.

Dat wär fir Iech d'Méiglechkeet, Iech evaluéieren ze loossen. An natierlech fir d'Oppositiounsparteien an och fir d'Bierger anengems en Tool, fir ze kucken, ob Der dann zu deem stitt, wat Der gesot hutt oder wat Der geschriwwen hutt. Well ech hu jo schonn héieren: Walversprieche ginn ass eppes anescht wéi e Koalitiounsaccord. An Dir wësst, mir froe jo do no. Mir si gespaant, wat mer dann an zwee Joer ze héiere kréien, wat Der Wëlles hutt.

Wat gelift, Här Tempels? A okay. Mee déi ënnerschwelleg Remarken, sot se vläicht an de Mikro, da kënne mer reagéieren, wann Der d'Wuert hutt. Villmools merci.

Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Pregno. Nach eng Wuertmeldung? Nee. Da géif ech Iech Merci soe fir déi flott Presentatioun an dem Gemengen- an dem Schäfferot. Merci fir d'Stellungnamen. Mir huelen dat alles mat. Mir sinn och frou, fir e Luef ze héiere vun der Oppositioun. Deene gudde Rotschléi wäerte mer Folleg droen an da kucken, mer wéi mer an zwee Joer do stinn. Dann hoffe mer, dass mer net méi bei 70, mee bei 170 stinn. An da wäerte mer de Bierger an all Mënsch hei an der Gemeng zefriddestellen.

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Dat do war awer elo d'Miesslat héich geluecht.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Den Här Krecké mengt, ech hätt e bëssen héich gegraff. Mee bis dohinner huet d'Evaluatioun och vläicht evoluéiert, dass mer dann anescht bewäert ginn a se net méi esou streng mat eis

sinn. Ech soen Iech Merci, op jidde Fall, fir déi flott Presentatioun.

Mir kéimen zum Punkt 3 vum Ordre du jour, Projets communaux. D'Meederchersschoul zu Déifferdeng: Travaux de mise en conformité, Devis. Ech géif dofir d'Wuert un den Här Ulveling ginn. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, am Kader vun de Renovatioune vun all eise Schoulgebaier, maache mer eis un d'Meederchersschoul zu Déifferdeng erun. Mer hunn ee Projet opgestallt. D'Renovatioun soll an e puer Phase geschéien.

An de Joren 2005, 2006 gouf en Ubau gemaach. Den Albau ass sengerzäit awer net matrenovéiert ginn. An der Renovatioun ass elo virgesinn, Fënsteren, Klassesäll, dat heescht Buedem, Ustrach, Mobilier, Musekssall, d'Informatik ze erneieren, Eclairage op LED ëmzestellen, Chauffage an d'Ventilatioun ze erneieren, souwéi eng Mise en conformité ze maache vun de Kelleren.

Haut hu mer en Devis vun der éischter Phas virleien. Do geet et haaptsächlech ëm d'Renovatioun vun de Fënsteren, déi sollen ersat ginn. An der Soumissioun steet e Montant vun 800.000 Euro. Dee gouf awer liicht depasséiert. Mir hunn elo e Gesamtcoût, mat der TVA inclus, vun 1.106.611 Euro.

Ech muss Iech éierlech soen, wat mech an deem Devis stéiert, dat ass deen héije Montant vun den Architektekäschten. Fir nei Fënsteren ze installéieren, do brauch een e Meter, Länge Breite oder Héhe x Breite, an da geet een hin an et kuckt ee bei de virege Soumissiounen, wat mer do u Fënstere scho geliwwert kruten an et inspiréiert ee sech do. An et hëlt een dann dee Modell, dee mer am Fong elo schonn an all eise Gebaier agebaut hunn, an da mécht een dat selwer. Da kascht dat keng 85.000 Euro, fir just Fënsteren ze maachen.

Mee ech hu mer awer soe gelooss, do géif och een Energiepass hannendrun hänken, do géif ee Suivi vum Chantier drun hänken, do géife Garantien drun hänken. Ech huelen dat zur Kenntnis. Trotzdeem fannen ech et net gutt, dass een net och bei esou Projeten de Courage huet, verschidde Saachen erauszehuelen an ze soen, dat maache mer selwer.

Den Ustrach, zum Beispill, dee kéint ee selwer maachen ouni Architekt. Saachen, wou een en Architekt oder e Büro brauch, sinn ech jo d'accord, dass een dat hëlt. Mee ech wollt dat awer soen. An ech wollt och e Gespréich elo féiere mat eise Servicer, fir ze soen, dass ech am Fong géif léiwer an Zukunft gesinn, dass een dat anescht géif maachen, fir net onnéideg Suen auszeginn. Ech hunn näischt géint Architekten, wëll ech ganz kloer soen, mee ech mengen, mat 80.000 Euro kann een zwou, dräi nei Spillplaze bauen. Déi wäre méi gutt ugeluecht wéi dat doten.

Dat gesot, ass et wichteg. D'Energiesanéierung, NetZeroCities spillt do mat, dass een déi Fënsteren ersetzt, déi gewësse Joren awer schonn um Bockel hunn. Dofir géif ech Iech bieden, den Devis ze stëmmen. Mee, dass Dir wësst, ech maachen dat ënner Protest, géif een am Fussball soen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir d'Erklärungen. Den Här Cilien, wannechgelift.

**ERIC CILLIEN (DP):**

Här Buergermeeschter, Här Ulveling, villmools merci fir dës Erklärungen. Mir waren och schockéiert iwwer déi Fraisë fir d'Architekten. Mir kënnen nëmmen ënnerstëtzen, wat Der gesot hutt, datt ee misst op de Wee goen, Saachen, déi mer selwer maache kënnen, och selwer ze maachen. Wa mer doduerch Geld aspuere kënne fir aner Saachen, ass dat nëmme luewenswäert.

Déi Mise en conformité ass eng absolutt Necessitéit. D'Enseignanten an d'Kanner wäerten am Alldag dovunner profitéieren, wann déi Säll, déi 2005 nach net renovéiert goufen an déi awer ganz vill Joren um Bockel hunn, endlech a Stand gesat ginn.

De Campus am Zentrum platzt aus allen Néit. Ech wéilt profitéiere vun dësem Punkt, fir eng Kéier nozefroen,

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *réplique que le mode d'évaluation évoluera peut-être et que GWÖ ne sera plus aussi sévère avec Differdange.*
*Il passe au point 3, l'école des filles de Differdange et cède la parole à monsieur Ulveling.*

**TOM ULVELING (CSV)**
*explique que l'école des filles de Differdange va être rénovée en plusieurs phases.*
*Il rappelle que l'annexe a été construite en 2005-2006, mais qu'à l'époque, l'ancienne bâtisse n'a pas été rénovée. Désormais, il est prévu de refaire les fenêtres, les salles de classe, le mobilier, la salle de musique, la salle d'informatique, l'éclairage DEL, le chauffage, la ventilation, les caves…*
*Le devis d'aujourd'hui porte sur les fenêtres. La soumission fixait un montant de 800 000 €, mais les frais totaux se montent à 1 106 611 €.*
*Tom Ulveling trouve les honoraires d'architecte exagérés — surtout pour remplacer des fenêtres. Il suffit de multiplier la longueur par la hauteur et la largeur. Cela ne coute surement pas 85 000 €. Cependant, le prix inclut un pass énergétique, le suivi du chantier et les garanties. Mais l'échevin se dit que la commune peut réaliser certains travaux elle-même la prochaine fois. Elle peut par exemple s'occuper de la peinture sans passer par un architecte.*
*Tom Ulveling va en discuter avec les services communaux afin d'éviter les dépenses inutiles. Il n'a rien contre les architectes, mais 80 000 €, c'est le prix de 3 nouvelles aires de jeux.*
*D'un autre côté, des transformations sont nécessaires dans le cadre de NetZeroCities. C'est pourquoi le conseil communal ferait bien d'approuver le devis.*

**ERIC CILLIEN (DP)** *se dit également choqué des honoraires d'architecte. Il ne peut que soutenir monsieur Ulveling dans sa volonté de réaliser plus de travaux en interne. L'argent économisé pourra être investi pour d'autres projets.*
*La mise en conformité de l'école est nécessaire. Il était temps de procéder à des rénovations, dont les en-*

*fants et les enseignants pourront profiter.*
*Le campus du centre explose littéralement. Eric Cillien en profite pour demander si le collège échevinal planifie un nouvel établissement. Il a aussi entendu dire que le projet de l'école Um Bock a été repoussé.*

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG)** *salue la rénovation du bâtiment. Le remplacement des fenêtres et l'isolation sont importants.*
*Les honoraires de l'architecte représentent 10 % des frais. Cela interpelle. Si le projet est modifié, les honoraires augmentent automatiquement. Qu'en est-il des couts du matériel ?*

**TOM ULVELING (CSV)** *répond que les honoraires sont plafonnés. Mais l'échevin ne connait pas le seuil exact.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *salue à son tour les rénovations. Il constate que la terminologie* Mise en conformité *n'est pas correcte puisqu'il s'agit d'un assainissement.*
*Ce bâtiment historique est protégé. Il doit donc être isolé de l'intérieur, ce qui est plus complexe. Les travaux doivent être réalisés comme il faut pour éviter les problèmes d'humidité ou de pénétration du froid.*
*La rénovation permettra au bâtiment d'atteindre la classe énergétique E, ce qui est plutôt bien pour une bâtisse de ce genre.*
*Pour ce qui est de l'architecte, il faut faire attention de ce dont on parle. Car les honoraires ne concernent pas seulement l'architecte, mais aussi l'ingénieur qui s'occupe de la sécurité. Car il faut réaliser des études de statique. Monsieur Ulveling peut-il confirmer ce que Gary Diderich vient de dire ?*

**TOM ULVELING (CSV)** *réplique que le devis est clair. Il est question de 0 € pour l'ingénieur technique, la santé et la sécurité, de 8000 € pour les organismes agréés et de 85 000 € pour l'architecte.*
*(Interruption)*
*Tom Ulveling rappelle qu'il s'agit de remplacer des fenêtres.*

ob Der eis kënnt soen, wéi et mam Plange vun engem neie Gebai ass. Ob Der do eppes Neits schonn dozou hutt. A wéi ass et mat der Schoul um Bock? Do ass mer zu Ouere komm, anscheinend géif dat nach ee Stéck no hanne geréckelt ginn. Do wier mat méi engem grousse Retard ze rechnen. Villmools merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Cilien. Madamm Schütz, wannechgelift.

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):**

Schéine gudde Moien heibannen an dobaussen. Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Als gréng Partei begréisse mir all Volet vun enger Renovatioun, wou Gebaier méi energieeffizient gemaach ginn. Dat heescht d'Fënsteren an déi Isolatioun ass eng super Saach.

Effektiv hunn ech mer och Froe gestallt ronderëm d'Käschte vum Architekt. Et si jo 10 %. Dat heescht, wa Supplementsaarbechten derbäikommen, déi net virgesi waren, ginn déi jo automatesch an d'Luucht. Mee wéi ass et zum Beispill mat de Käschte vum Material? Wéi dat elo an deene leschte puer Joer war, hu mer dat jo gesinn, da ginn déi och mat an d'Luucht. Do ass keng Klausel dran, dass …

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Et ass e Plaffong. Dat geet nëmme bis ee gewëssene Chiffer an d'Luucht. Do ass e Prozentsaz, dee reperkutéiert gëtt. Awer iwwer engem gewëssene Prozentsaz gëtt näischt méi, also fir den Architekt elo, fir seng Fraisen ze decken. Bei 100 % kritt hien net 100 % méi. Ech weess net de genaue Seuil, mee dat ass awer plafonéiert.

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Den Här Diderich.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Léif Kolleegen a Kolleeginnen aus dem Gemengerot, déi Lénk begréissen déi Renovatioun. Den Titel Mise en conformité ass e bëssen irreführend, wann een eng energeetesch Sanéierung mécht, wéi een dat hei mécht.

Et ass en historesch protegéiert Gebai. Dat heescht, et muss ee vu bannen isoléieren. Wat ëmmer méi opwänneg ass, a wat natierlech och zum Deel Risike ka mat sech bréngen. Dat heescht, dat muss gutt ausgefouert ginn, fir keng Kältebrécken a keng Fiichtegkeetsprobleemer ze kréien.

Mat dëser Renovatioun gëtt d'Energieklass E erreecht, wat relativ gutt ass fir esou ee Gebai. Doduerch, dass d'Fënsteren an d'Isolatioun gemaach ginn.

Et muss ee vläicht e bëssen oppassen, iwwer wat ee schwätzt. Et gëtt elo just vun Architekt geschwat. Dat ass eng Fro, awer och e bësse vläicht eng Behaaptung: Wann ech et richteg verstanen hunn, ass an den Honorairë souwuel den Ingenieur wéi d'Sécherheet an esou weider matabegraff. Do musse jo och statesch Etüde gemaach ginn, dat muss technesch gekuckt ginn. Et ass ee Projet vu gréisserer Envergure. Et sinn net nëmmen d'Architektefraisen, déi an deem Prozentsaz drasinn. Kënnt Der mer dat just bestätegen, ob ech domat richteg leien oder net?

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Et steet kloer dran: Ingenieur statique, Ingénieur technique, Sécurité, Santé, Bureau de contrôle, do steet null. Do steet eng Kéier: Organismes agréés, 8.000 Euro. An et steet just ënner dem Architekt de Montant vu 85.000 Euro, elo opgeronnt. Soudatt ech unhuelen, dass dat …

(Ënnerbriechung)

Fir eng Fënster ze ersetzen, brauchs de jo och keen …

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Nee, dofir brauchs de keng statesch Etüd. Mee eng Securitéit um Chantier brauchs de awer ëmmer.

**ENG STËMM:**

Déi ass separat.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Separat. Okay, dat heescht, et sinn da just d'Architektefraisen an deem heite Fall.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Jo. leider.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Okay. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Diderich. Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, ech kann nëmmen den Här Ulveling ënnerstëtzen, seng Bemierkungen, déi en hei gemaach huet. Et gëtt nëmmen eng Méiglechkeet, dat Ganzt ze ëmgoen. Ech géif de Schäfferot encouragéieren, fir op een anere Wee ze goen, wat eis Ausschreiwungen ubelaangt, dass mer éischter a Richtung fest Präisser ausschreiwen. Well déi Niewekäschten, déi mer alleguer hunn, déi dreiwen déi Projeten awer op d'Äusserst.

Am Numm vun der LSAP wëll ech soen, dass mir net nëmmen déi energeetesch Sanéierung begréissen. Als Gemeng hu mer jo gesot, dass mer déi géife weiderdreiwen, mee och d'Bierger encouragéieren, do matzezéien. Op déi aner Manéier hu mer zu Nidderkuer e wonnerbare Schoulcampus, wa mer fäerdeg sinn. Dir wësst, ech war och ee vun deenen, déi d'Meederchersschoul kritiséiert hunn, dass dat esou een héije Käschtepunkt géif ginn. Dat ass jo wierklech formidabel, wann ee kuckt, wat trotzdeem déi Schoulsäll do kaschte par rapport zu engem neie Projet. Wou ee warscheinlech vill méi gënschteg drukënnt. Mee anerersäits musse mir och derfir antrieden, dass de Patrimoine erhale bleift.

Mee speziell Nidderkuer hu mer mat enger neier Schoul am Mathendahl, mam Ausbau an Erneierung vun der École St. Pierre – een Deel –, hu mer e flotte Komplex fir déi méi ënnescht Klassen. Mer hunn e ganz flotte Schoulhaff, wat schonn ee klenge Park ass, niewendrun eng Sportshal. Also ech mengen, wann een dee ganze Campus do kuckt, dann ass do wierklech gutt geschafft ginn.

An Zukunft muss da gekuckt ginn: Wat fir Bedarf ass nach zu Nidderkuer? Wat jo opfält dat ass, dass mer, wou eng ganz Schoul ausser Betrib war, et trotzdeem awer nach fäerdegbruecht hunn, zu Nidderkuer Schoul ze halen. An dat ass och déi Approche, déi mer musse bäibehalen, fir déi zukünfteg Bedürfnisser, déi elo nach usti fir een neie Bau, deen dann iergendwann muss warscheinlech kommen. Mee fir awer ze kucken, fir deen esou realistesch wéi méiglech ze bauen.

Well Schoul ass e wichtegen Invest an eis Zukunft vun der Gemeng, mee et ass net deen eenzegen Invest. Mer musse kucken, eise Budget anstänneg anzesetzen, fir dass mer mat der Gesamtentwécklung vun eiser Gemeng och anstänneg virukommen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Muller. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Vläicht direkt dem Här Muller geäntwert. Dir wësst, datt ech e Verfechter si vu Renovatiounen an de Patrimoine erhalen. Et muss ee sech awer fairerweis d'Fro stellen: Déi Nidderkuerer

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *est du même avis : une étude statique n'est pas nécessaire pour remplacer des fenêtres. Mais il faut assurer la sécurité du chantier.*
*(Interruption)*
*Gary Diderich constate que par conséquent, seuls les architectes sont inclus dans le prix.*

**TOM ULVELING (CSV)** *répond que oui.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *soutient les propos de monsieur Ulveling. Pour lui, les soumissions de la commune doivent comprendre des prix fixes. Car ce sont les frais annexes qui font exploser les prix.*
*Erny Muller salue l'assainissement énergétique. Il faut motiver les citoyens à faire de même. Mais audelà de l'assainissement, Niederkorn dispose désormais d'une école des filles magnifique. Erny Muller a critiqué les couts. Par rapport à d'autres projets, le prix d'une salle de classe est élevé. Mais il s'agissait aussi de protéger le patrimoine.*
*En tout cas, Niederkorn dispose désormais d'un chouette campus scolaire avec la construction du Mathendahl et la rénovation de l'école Saint-Pierre. La cour de récréation constitue pratiquement un petit parc. Il y a une salle de sport. C'est du bon travail.*
*À l'avenir, il faudra analyser les besoins de Niederkorn. Lors du chantier, l'école était inutilisable et pourtant, on a réussi à tenir tous les cours à Niederkorn. C'est comme cela qu'il faudra travailler à l'avenir quand on construira une nouvelle école.*
*Les investissements dans les écoles sont importants, mais ils ne sont pas les seuls. Le budget doit être utilisé de façon à permettre à la commune de se développer globalement.*

**TOM ULVELING (CSV)** *défend toujours les rénovations et la conservation du patrimoine. Mais l'école de Niederkorn a couté 14 millions d'euros.*

*À titre de comparaison, l'école du Mathendahl a couté 16 millions d'euros avec une cantine énorme et deux fois plus de salles de classe.*
*Il y a de quoi se poser des questions même si l'école est vraiment belle.*
*Tom Ulveling confirme les retards concernant l'école du Bock. Ces retards sont dus à une faillite. Le bâtiment devrait être fini en janvier ou en février. Une partie sera opérationnelle à ce moment-là.*
*La commune souhaite utiliser les bâtiments aussi vite que possible, même si les alentours ne sont pas encore terminés. En effet, la location des conteneurs ne coute pas moins de 100 000 € par mois. Le collège échevinal a l'intention de les acheter.*
*Pour ce qui est du campus de Differdange, l'ancien collège échevinal a réalisé une étude de faisabilité pour la construction d'une école sur le site de l'ancien hôpital. Mais compte tenu des prochains travaux au sein de l'hôtel de ville, le personnel devra déménager. La direction de la commune emménagera dans l'ancien hôpital pour trois ou quatre ans. Il se pose donc la question de savoir comment procéder si, parallèlement, la maternité est démolie pour construire une école.*
*Par ailleurs, faut-il construire une salle de sport ou bien recourir aux infrastructures de l'EIDE ? Cette solution permettrait de réduire les couts.*
*À Differdange, il y a une situation d'urgence, mais tôt ou tard, il faudra aussi agir à Niederkorn. Quant aux Woiwer, la commune a acquis des conteneurs qui devraient servir pendant au moins dix ans.*
*Construire une école coute cher et le collège échevinal doit tenir compte du plan pluriannuel financier. Il doit donc agir en phases.*
*(Vote)*

Schoul huet, wann et fäerdeg ass, 14 Milliounen Euro kascht. Setzt een do dergéint d'Mathendahl-Schoul, déi 16 Milliounen Euro kascht huet, mat enger riseger Kantin, mat duebel esou ville Säll, mat, wat weess ech, op der grénger Wiss nei gebaut – dat heescht, do stellt ee sech heiansdo awer Froen.

Déi ass schéi ginn. Ech fannen och, dass se ganz schéin ass. A si ass och geschwë komplett betribsfäeg.

Zu der Fro vum Här Cilien, d'Bockschoul. Et ass richteg, dass mer do Retarden hunn. Retarden, deelweis, well Leit an der Faillite oder bal an der Faillite sinn. An déi dann näischt méi liwweren an esou weider. Dat verzögert natierlech dee ganze Prozess.

Mir rechnen, à ce stade, domat, dass se Januar, Februar fäerdeg ass, zumindest d'Gebai. An dass se deelweis direkt kann a Funktioun geholl ginn.

Ech wëll hei kloer soen, dass, soubal mer e Gebai fäerdeg hunn, och wa vläicht d'Alentouren net fäerdeg sinn, dass mer dat wäerte beleeën. Eleng schonn aus dem Grond, well mer déi Container do hunn, déi mer musse bezuelen. Mir sinn amgaangen ze verhandelen, fir déi ofzekafen. Fir dass mer net méi all Mount 100.000 Euro Locatioun musse bezuelen. Dat ass een Argument, fir ze soen, soubal eppes fäerdeg ass, solle mer anzéien.

Déi aner Iwwerleeung: Dir hat gefrot Déifferdeng-Campus, Déifferdeng-Schoul, wat geschitt do? Do si mer an engem Iwwerleeungsprozess. Dir wësst, dass dee virege Schäfferot eng Étude de faisabilité maache gelooss hat, fir eng nei Schoul ze bauen um Site vun deem ale Spidol zu Déifferdeng.

À ce stade si mer amgaangen ze kucken, wéi mer dat kënne parallel realiséieren, wëssend dass mer hei wäerte mussen erausplënneren, hat ech Iech jo scho gesot. An da wäert déi ganz Féierung vun der Gemeng, loosse mer et emol esou nennen, dee ganze Schäfferot, dee wäert dann an dat aalt Gebai plënnere vum Spidol, wärend dräi, véier Joer, bis alles fäerdeg ass.

An do si mer amgaangen ze kucken: Wéi ass dat méiglech, och wa mir do sinn, an nach ee Chantier eventuell hunn, eventuell d'Maternité ofzerappen an dann do eng nei Schoul ze bauen. Do si mer och mam Léierpersonal amgaangen ze kucken, wat mer do kënne maachen, wéi mer et kënne maachen.

An nach Iwwerleeungen, och mat der Sportshal: Soll déi direkt gebaut ginn oder geet et duer, wa mer en Accord fanne mat der EIDE, fir déi Sportshal, zumindest emol vorübergehend, ze notzen? Wat eis dann och e bëssen d'Coûten erofsetzt.

Mir sinn eis schonn der Urgence bewosst, dass hei zu Déifferdeng eppes muss geschéien. Mir wëssen och, dass mer zu Nidderkuer wäerten iergendwann e Probleem kréien, och do sinn Iwwerleeungen amgaangen. An och um Woiwer, wou mer decidéiert hunn, wéi gesot, wa mer eis eens si mat deem Containerofkafen, dann deplacéiere mer dee Container direkt op de Woiwer. Soudass mer dann do wäerten dee Container erëm opriichten. An da wäert mindestens zéng Joer, dat ass dann e Laangzäitprovisorium, loosse mer et emol esou nennen, kënne Schoul gehale ginn.

En attendant, dass mer och do iergendwann eng Kéier eng Schoul bauen. Mee Dir wësst jo, wat esou eng Schoul kascht. A mir mussen och no eisem Plan pluriannuel financier kucken. Dofir musse mer phaseweis dat kucken, wéi dat am einfachsten an am kloerste ka realiséiert ginn.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Wann et keng Wuertmeldung méi gëtt, komme mer zur Ofstëmmung.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis pour la menuiserie extérieure dans le cadre des travaux de mise en conformité de l'école des filles de Differdange.*

Ech soen Iech Merci. Mir kommen zum Punkt 4 vum Ordre du jour, de Gemengefinanzen. Dat steet a Relatioun mam

Budget 2022. Dir wësst: Wann e Budget färdeg ass, geet deen op den Interieur, fir dass dee geneemegt an approuvéiert gëtt, ob do keng Feeler dra sinn oder ob do keng Mëssstänn dra sinn. E Budget ass opgedeelt an eng Gestion vum Exercice an e Compte administratif. Mir géifen dat separat ofstëmmen, d'Gestion vum Exerice an de Compte administratif.

Zu der Gestion de l'exercice ass keng Bemierkung vum Interieur komm. Zum Compte administratif si véier kleng Bemierkungen zréckkomm, déi awer a Relatioun zu deem ganze Budget, zu der Gréisst an zu den Detailer vum Budget, minimal sinn. D'Detailer hutt Der an der Diffcloud matgedeelt kritt. Ech ginn net nach eng Kéier an d'Detailer. Ech mengen, dat ass net néideg. Mer géifen direkt zur Froestellung kommen. Si Froen zu deenen zwee Konten, déi mer do zréckkritt hunn?

Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Mir wollten als LSAP eng Erklärung ofginn. Déi meescht heibanne wëssen, dass d'LSAP 2022 de Budget net matgestëmmt hat. Mir wollten eis dofir haut enthalen. Mer kënnen elo jo net anescht denke wéi deemools, wéi mer de Budget net gestëmmt hunn. Dat war jo aus politesche Grënn an aus Prioritéitsgrënn vu verschiddene Projeten, wat mir anescht gesinn hunn, deemools, an dofir de Budget net matgestëmmt haten.

Duerfir enthale mir eis haut bei der Ofstëmmung vum Budget administratif. D'Gestion de l'exercice stëmme mer mat. Mir wëllen och dem Receveur e Luef ausspriechen, well mir hu jo gelies, dass deen ouni Objektiounen, wierklech eng impeccabel Aarbecht gemaach huet, an duerfir him felicitéieren. Dat als Erklärung.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Den Här Meisch.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Merci, fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Vun eis och e puer Wuert zu deem heite Punkt vun 2022.

An deem Joer hate mer effektiv och ganz vill Saache kritesch beäugt. Dat hate mer an de Budgetsrieden deemools all Kéier zur Sprooch bruecht.

Fir d'éischt wéilte mer all de Leit Merci soen, déi hei matgeschafft hunn, fir dat Ganzt ëmzesetzen, wat geplangt gouf. Och dem Receveur fir säi Kont, wou jo näischt ze beanstande war.

Et ass eng nei Ekipp um Rudder. Där Ekipp wëlle mer mol eng Chance ginn an net ze vill zréckkucken an elo net géint den administrative Kont stëmmen. Mir géifen eis och bei deem Punkt just enthalen, fir dann zesumme weider an eng positiv gemeinsam Zukunft ze kucken.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Erklärungen, Här Meisch. Den Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Déi Lénk wäert géint de Compte administratif stëmmen, well mer en deemools net gestëmmt hunn a well och elo nach ëmmer am Budget déi grondleeënd Orientéierunge weidergefouert ginn.

Ech nenne just e puer Saachen, déi eis eebe wichteg sinn: de gestaffelte Waasserpräis, wou déi vireg Majoritéit an dës Majoritéit net op een anere Wee geet, d'Privatiséierung vun der Schwämm, d'Privatiséierung vum Bus. An och 2022 net genuch Investissementer an Zukunft, wéi mer geduecht hunn – grad déi Investissementer, déi mer elo zum Deel mussen nohuelen.

Dofir stëmme mir dogéint. Hei geet et just ëm d'Konte vun 2022. Ech gesinn net ganz de Lien elo zu der Aarbecht vun der aktueller Majoritéit. Mee do ass awer eng Kontinuitéit an deene Saachen, déi ech do genannt hunn.

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe aux finances communales. Le budget de 2022 a été envoyé au ministère de l'Intérieur pour approbation. Il comprend un volet pour la gestion de l'exercice et un compte administratif. Guy Altmeisch propose de procéder en deux votes.*
*Le ministère de l'Intérieur n'a pas fait de commentaires quant à la gestion de l'exercice. Les quatre remarques concernant le compte administratif sont des détails figurant dans le Diffcloud. Y a-t-il des questions ?*

**ERNY MULLER (LSAP)** *rappelle que les socialistes n'ont pas approuvé le budget de 2022. C'est pourquoi ils vont s'abstenir aujourd'hui lors du vote du compte administratif. À l'époque, ils estimaient que le collège échevinal fixait les mauvaises priorités.*
*Le LSAP approuvera, en revanche, la gestion de l'exercice.*
*Erny Muller félicite le receveur pour son travail impeccable.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *a critiqué beaucoup de choses en 2022 comme il l'a expliqué lors des débats budgétaires.*
*Il remercie le receveur ainsi que ceux qui ont permis de réaliser les projets.*
*Pour donner une chance à la nouvelle équipe, les démocrates s'abstiendront au lieu de voter contre.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *annonce qu'il n'approuvera pas le compte administratif parce que l'orientation politique n'a pas évolué. Il mentionne le prix de l'eau, la privatisation de la piscine et du bus… Le collège échevinal n'a pas non plus investi suffisamment dans l'avenir en 2022, un retard qu'il faut désormais rattraper.*
*Comme il s'agit des comptes de 2022, Gary Diderich ne voit pas de relation avec le travail de la majorité actuelle même s'il y a bel et bien une continuité.*

*En revanche, Gary Diderich approuvera le compte de gestion.*
*Il remercie le receveur, qui gère un budget conséquent.*
*En ce qui concerne les remarques du ministère de l'Intérieur, elles sont en partie récurrentes — notamment en ce qui concerne les soumissions. Le collège échevinal a fourni des explications pour ce qui est des conteneurs de l'EIDE ou le site internet. Gary Diderich estime qu'à l'avenir, il faudrait se mettre en règle.*
*Pour ce qui est matériel professionnel, il faudrait clarifier s'il est simplement mis à disposition du personnel ou s'il lui appartient. Le collège échevinal ferait bien de rédiger un rapport transparent à ce sujet.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *constate que les autres conseillers communaux ont parlé de continuité. Les écologistes approuveront le compte administratif.*
*Laura Pregno s'étonne cependant du fait que les socialistes ne voteront pas contre comme ils l'avaient fait lors du vote du budget. Soutiennent-ils le budget s'ils ne votent pas contre ? À chacun de trouver la réponse.*
*(Votes)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe à une modification ponctuelle du PAG et cède la parole à monsieur Ulveling.*

**TOM ULVELING (CSV)** *explique qu'il s'agit d'ajouter deux phrases au PAG.*
*Concrètement, une chaudière à pellets sous forme de conteneur doit être installée au lieudit Um Lauterbann au CID. La décision d'opter pour des pellets a été prise à cause de l'augmentation du prix des énergies fossiles. Cependant, il faut procéder à une modification des dimensions pour que le conteneur puisse être installé.*

De Compte de gestion wäerte mir awer natierlech stëmmen. Mir soen dem Receveur e grousse Merci fir seng Aarbecht. Dat ass jo net dee klengste Budget, deen hei ze geréieren ass. Wann een d'Remarke kuckt vum Interieur, do si verschidde Saachen net nei.

Do sinn e puer Saache gewiescht, zum Beispill Marchéen net ausgeschriwwe gi sinn, wéi se hätte sollen. Mee do sinn awer och Erklärunge gemaach ginn, zu de Container fir d'EIDE zum Beispill. Awer och fir den Internetsite, do ass einfach iwwer Jore mat enger Boîte zesummegeschafft ginn an do war gewollt, dat esou weiderzemaachen. Dat misst een an Zukunft änneren an d'Ausschreiwung deementspriechend maachen, fir dass een do okay ass.

An dann déi Saache vun den Acquisitiounen: wou se gebucht ginn an awer och, wéi dat gehandhaabt gëtt, ob déi just als Aarbechtsmaterial zur Verfügung gestallt ginn oder carrement an d'Proprietéit gi vun deene Leit, déi déi Materialie brauchen. Dat soll jo och elo gereegelt ginn. Dat wär wichteg. An et wär gutt, wann de Schäfferot am Laf vum Joer nach eng Kéier de Rapport géif maachen, wéi dat definitiv gehandhaabt gëtt. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Diderich. D'Madamm Pregno, wannechgelift.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci. Jidderee schwätzt vu Kontinuitéit an „en accord" an „an der Linn bleiwen". Fir dann an där selwechter Linn ze bleiwen, als Déi Gréng stëmme mir dat mat. Mir ware jo deemools am Schäfferot an och mam Budget betraff.

Wat mech awer wonnert, wann ech Kontinuitéit an „en accord" héieren, dass eng LSAP dann elo net dogéint stëmmt. Well, wann ech mech gutt erënneren, hat Dir dee Budget deemools net matgestëmmt. A wann ech mech dann elo enthalen, da froen ech mech ëmmer: Wann ech net dogéint sinn, sinn ech dann dofir? Loossen ech emol esou opstoen, da ka jidderee seng Äntwert dorop fannen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Gëtt et weider Wuertmeldungen? Ofstëmmung iwwer de Compte administratif.

*Le conseil communal décide avec 9 voix oui, 1 voix non et 9 abstentions d'arrêter le compte administratif de l'exercice 2022.*

Merci. De Vott iwwer d'Gestion de l'exercice 2022.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'arrêter le compte de gestion de l'exercice 2022.*

Ech soen Iech Merci. Punkt 5, PAP, PAG. Et ass eng Modification ponctuelle vun engem PAG. Här Ulveling, Dir hutt d'Wuert, fir eis eng Erklärung dozou ze ginn, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, et handelt sech ëm zwee Sätz, déi bäigesat ginn. Wat hei an eisem Fall wichteg ass, dass eng „Augmentation de la hauteur maximale pour les dépendances sur au maximum 10 % de la surface d'emprise au sol est autorisée jusqu'à une hauteur totale hors tout de 10 mètres mesurée par rapport au terrain remanié.

Ëm wat geet et? Um Lauterbann am CID soll eng Pelletsheizung installéiert ginn. Dat ass eng Aart Container. En cours de route, wéi op eemol déi fossil Energien esou deier gi sinn, hu mer ëmgeduecht a gesot mir wéilte vun de fossillen Energien ewechkommen an éischter op Pelletsheizung iwwergoen. De Container passt nëmmen eran, wann d'Moosse geännert ginn.

Spéider kann ee kucken, wann den Nidderkuerer Mall gebaut ass, vläicht mam Promoteur en Agrement ze fannen, an eventuell déi an dee Bau ze integréieren oder net. Dat muss ee kucken. En attendant musse mer awer eise CID hëtzen. Dofir déi Modifikatioun hei. Ech wier frou, wann Der eis déi géift stëmmen, da kënne mer do virufueren. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Si Wuertmeldungen zu deem Punkt? Den Här Diderich.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Ech hunn d'Erklärung kritt, firwat dat nodréiglech geännert gëtt.

Ech froe mech just ëmmer, wann an engem PAP vun Hauteur maximale geschwat gëtt, net einfach vu vir era soll e bësse Sputt aberechent ginn.

Hei ass eng ganz Etüd gemaach ginn. Virdrun hu mer iwwer Architektenhonorairë geschwat, hei hu mer e Bureau d'études beoptraagt, fir elo eng Hauteur maximale ze adaptéieren, wou een direkt hätt kënne soen, kommt, mir setze se einfach méi héich un.

E PAP gëtt e Kader un, e gëtt Maximumen un. Et sinn net déi konkreet Pläng. Do sollt ee vläicht an Zukunft oppassen, virun allem, wann et eis eege Konstruktioune sinn. An enger Cité, wou an enger Noperschaft gebaut gëtt, do däerf ee jo net einfach Sputt abauen, well da gëtt dat och ausgenotzt vun engem Promoteur.

Hei si mir elo an engem anere Cas de figure. An ech mengen, do hu mer awer deiert Léiergeld bezuelt. Ech weess elo net, wat de Bureau d'études kascht huet, fir déi ganz Prozedur ze maachen. Mir dinn de Ministère nach eng Kéier schaffen. Mir loossen eis Leit nach eng Kéier schaffen. Dat hätt een awer, bei esou enger Konstruktioun, kënne verhënneren. Oder an Zukunft einfach de Reflex hunn, kommt, mir ginn eis e bësse méi Sputt, wéi dass mer elo no de Pläng hei schaffen.

(Ënnerbriechung)

Am PAP! Ech schwätze vum PAP. D'Pläng musse mer jo och net iwwer e Bureau d'études adaptéieren. Dat mécht och en Architekt, ouni zousätzlech Fraisen, dat ass jo an de Prozenter scho mat dran, wann een deem seet, maach mer elo ee Meter méi hei.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Mir sinn der Meenung, dass e PAP am Fong geholl an enger Handelszon näischt ze sichen huet. Dat géif d'Saach vill méi einfach maachen. Mee leider gëtt de Legislateur dat net hier. An dat hänkt net un eis, fir déi Ännerungen ze maachen. Mee dat wier eng grouss Verbesserung, national gesinn. Wat mir och géifen, mat all eise Moyenen, déi mer da kommunal hunn, ënnerstëtzen.

Den Här Tempels, wannechgelift.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci. Mir begréissen, dass mer am Kader vun NetZeroCities op de Wee ginn, eng Holzhackschnëtzelheizung heihinner ze kréien. Dat hätt kënnen, menger Meenung no, am Viraus gebaut ginn – oder Pellets, jo, richteg.

Et ass awer och esou, mir haten dat schonn déi leschte Kéier an der Ëmweltpaktsitzung gesot: Et läit immens vill Holz bei eis an de Bëscher, wat net méi genotzt gëtt. Do kéint d'Gemeng sech vläicht e Budget ginn, dat ze notzen. Dass mer dat kënnen an enger Heizung verbrennen, wéi et einfach leien ze loossen. Well Pellets, muss een oft kucken, wou se hierkommen herno. Wann herno a Rumänien Bëscher ofgeholzt ginn, fir Pellets fir heihinner ze kréien, hu mer och näischt geschafft. Ech soe Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Dat ass eng gutt Bemierkung, Här Tempels. Mir wäerten dat mathuelen an déi Bemierkung an eist Bichelche schreiwen, fir doriwwer ze schwätzen, an do vläicht eng Léisung ze fannen.

Weider Wuertmeldungen dozou? Soss kéime mer zur Ofstëmmung.

*Lorsque le Niederkorn Mall sera construit, on pourra peut-être y intégrer cette chaudière. Mais en attendant, il faut trouver une solution pour chauffer le CID. C'est ce qui explique la modification du PAG.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *comprend la raison de cette modification.*
*Il se demande toutefois pourquoi les PAP ne prévoient pas de toute façon une petite marge. Car ici, il a fallu demander à un bureau d'études d'adapter la hauteur maximale, avec les frais que cela engendre.*
*Un PAP fixe des maximums. Il est clair que dans une cité, la commune ne peut pas laisser de marge, car elle serait exploitée par les promoteurs. Mais dans ce cas-ci, il s'agit de bâtiments communaux.*
*Gary Diderich se demande combien les études ont couté. En plus, des fonctionnaires de la commune et du ministère ont eu un surplus de travail.*
*À l'avenir, le collège échevinal ferait bien de se laisser une marge de manœuvre.*
*(Interruption)*
*Gary Diderich précise qu'il parle du PAP. En plus, des plans comme ceux-ci auraient pu être adaptés par un architecte sans frais additionnels.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *estime qu'un PAP n'a rien à faire dans une zone artisanale. Mais la commune n'y peut rien.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *salue l'installation d'une chaudière à pellets compte tenu de la participation de Differdange à NetZeroCities. Il rappelle cependant dans la réunion sur le Pacte nature, il a été question des grandes quantités de bois inutilisées dans les forêts differdangeoises. Car avec les pellets, on ne sait pas forcément d'où ils proviennent. Il ne faudrait pas que des forêts soient détruites en Roumanie, par exemple.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *remercie monsieur Tempels pour ses remarques pertinentes.*
*(Vote)*

*Guy Altmeisch passe à une modification de l'organigramme, qui est nécessaire pour procéder à une nomination dans la séance non publique tout à l'heure.*
*En effet, l'organigramme prévoit un poste d'employé, mais le comité de sélection a choisi un fonctionnaire. Sans cette modification, la personne en question ne pourrait pas être recrutée comme fonctionnaire.*
*Le deuxième point concerne le recrutement d'un EMI pour le département social, c'est-à-dire d'une personne de plus de cinquante ans faisant partie d'une mesure contre le chômage de longue durée.*
*Guy Altmeisch souligne qu'il est difficile de trouver du travail quand on a plus de cinquante ans. Ce type de mesure est soutenu par l'ADEM et le ministère, ce qui limite les frais pour la commune et permet à quelqu'un de réintégrer la vie professionnelle.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *voudrait recevoir un organigramme actualisé quand des postes sont ajoutés. Car il n'était pas sûr s'il s'agissait d'une création ou d'une modification de poste.*
*Il n'a pas vu d'organigramme depuis qu'il est de retour au conseil communal. Il voudrait bien disposer d'un tableau avec une vue d'ensemble.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *répond que la commune est en train de mettre à jour l'organigramme. Un représentant du service du personnel le présentera prochainement au conseil communal.*
*(Vote)*
*Guy Altmeisch passe à un acte de vente dans la rue des Ligures à Niederkorn.*

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la modification ponctuelle du plan d'aménagement particulier A Lauterbann concernant des fonds sis au même lieudit à Niederkorn, présentée par le collège échevinal pour le compte de la Ville de Differdange.*

---

Ech soen Iech Merci. Punkt 6, dat ass eng Ufro vum Personal, eng Ännerung am Organigramm. Do musse mer driwwer ofstëmmen, fir dass mer herno kënnen eng Nominatioun an der Non-publique maachen.

Wat soe wëll: De Comité de sélection huet eng gewësse Selektioun getraff, déi mer Iech herno an der Non-publique matdeelen. Et ass e Fonctionnaire, deen haut am Organigramm als Employé steet, géife mer ëmwiesselen als Fonctionnaire. Well de Conseil de recrutement e Fonctionnaire zréckbehalen huet. Soss kënne mer deen net als Fonctionnaire astellen, wa mer deen net am Virfeld ëmmodeléiere vun Employé op Fonctionnaire. Dat ass déi eng Positioun.

Déi aner Positioun ass d'Astellung vun engem EMI fir de Besoin vum Département social. EMI, fir ze beschreiwen, wat dat ass, dat si Leit iwwer 50 Joer, déi an engem Laangzäitchômage-Programm sinn. Déi mer mat Hëllef vun der ADEM a mat eisen Assistante-socialle selektionéieren an deene Leit erëm eng Méiglechkeet ginn, an d'Beruffsliewen ze kommen.

Dir wësst, wéi schwéier et ass, ab 50 eng Plaz ze fannen, dobaussen am Privatsecteur. Mir géifen deene Leit d'Méiglechkeet ginn. Mat der Ënnerstëtzung vun der ADEM a vum Ministère. Déi eis am Fong geholl salaire-méisseg net vill kascht, a mir ginn där Persoun awer eng Méiglechkeet, zréck an d'Beruffsliewen ze fannen, fir dann nach déi Joren, déi hinne feelt, zu där berechtegter Pensioun ze kommen.

Si Froen dozou oder Wuertmeldungen? Den Här Diderich, wannechgelift.

---

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Ech wollt prinzipiell froen, vu dass mer beim Punkt Organigramm sinn, en aktualiséierten Organigramm ze kréien, wa Poste bäikommen. Hei war elo net ganz aus dem Dossier ersiichtlech, ob en neie Poste geschaf oder ëmgewandelt géif. Aus engem Organigramm hätt een dat aus de Këschte kënnen erausliesen.

An zënter ech erëm am Gemengerot sinn, hunn ech nach keen Organigramm gesinn. Dat ass awer elo geschwënn ee Joer. Dat heescht, et wär gutt, bei nächsten Organigramm-Ännerungen, en Tablo géifen ze kréien, wou mer den Iwwerbléck kréien iwwer eist Personal. Ech soen Iech Merci.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech kann Iech confirméieren, dass mer amgaange sinn, un deem neien Organigramm ze schaffen an déi Modifikatiounen do anzedroen. An dass mer an enge vun deenen nächste Gemengerotssëtzungen e Vertrieder vum Personalbüro hei wäerten hunn, fir eis deen neien Organigramm virzestellen an eis déi néideg Erklärungen ze ginn, fir dass mer do besser am Bild si fir d'Zukunft a mat de Plazen op der Gemeng hei.

Wann et keng weider Wuertmeldung dozou gëtt, komme mer zur Ofstëmmung.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la création d'un poste sous le statut du fonctionnaire communal appartenant au groupe de traitement C1, sous-groupe administratif, pour les besoins du service écologique et la création d'un poste EMI pour les besoins du département social.*

---

Ech soen Iech Merci. Akten a Konventiounen. Punkt 7a, dat ass en Acte de vente, dee mer gemaach hunn, net méi spéit wéi d'lescht Woch zu Nidderkuer an der Rue des Ligures. Fir dass mer do ukomme mat deem Bau. Den Här Hartung kritt d'Wuert, fir eis d'Detailer ze erklären. Här Hartung, wannechgelift.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. Den Dossier Heliosmart huet eng länger Geschicht, déi viru gutt zéng Joer ugefaangen huet. Ech héieren, et geet e bëssen e Raunen duerch d'Ronn, deen deemno schonn duerch e puer Schäfferéit gaangen ass.

De Projet, deen d'Konstruktioun vun eelef Wunnenge mat sechs Stellplaze beinhalt, ass um Eck Rue Pierre Gansen/ Rue des Ligures virgesinn. D'Spillplaz ass viru Joren dowéinst geréckelt ginn a si gouf duerch eng gréisser an der Rue des Trévires ersat.

Schonn dee leschte Schäfferot hat mam Promoteur d'Diskussioun ugefaangen iwwer e méigleche Kaf vum Projet. Initial war geplangt, datt de Promoteur sollt de Projet bauen an duerno un eis AISK weiderverlounen. Dofir hat de Promoteur och eng Emphytéos op den Terrain kritt. En cours de route hat de Promoteur dunn de leschte Schäfferot informéiert, datt hien déi finanziell Konditiounen net anhale kéint.

Fir eis als Gemeng ass d'Kafe vum Projet interessant, well mir iwwer d'Aides à la pierre et subsides 75 % vum Logementsministère kréien, an zousätzlech 25.000 Euro pro Wunneng am Kader vum Pacte Logement 2.0.

Dir gesitt am Akt e Kafpräis vu 4.750.000 Euro, opgeronnt. D'TVA, d'Fraisen an d'Honoraires alles aberechent bleift en Delta fir d'Gemeng vun 912.809 Euro fir dës eelef Wunnengen. Déi mer duerno iwwer eise Service logement, am Kader vum abordabele Wunnraum, an d'Lokatioun kéinte ginn.

Den Terrain ass net am Präis enthalen, well et eisen net ass.

D'Pläng mat de Gréisste fannt Dir am Dossier. Dës goufen an de virege Schäfferéit schonn esou approuvéiert. D'Energieklass ass A-B.

D'Dauer vum Bau ass op 24 Méint festgesat, mat méigleche Strofen, wann et driwwer erausgeet. Mer hoffen natierlech, keng Strofen anzekasséieren, mee datt de Chantier a besotem Zäitraum färdeggestallt ass, datt d'Leit kënnen anzéien.

Bis Enn vun dësem Joer soll de Gros oeuvre stoen, also déi véier éischt Opzielungen op der Säit 14, deemno scho mat Daach fir de Wanter.

Ech denken, Dir wësst all, wéi grouss de Besoin no abordabelem Logement ass. Dofir gi mer op dëse Wee a bieden Iech, dëst matzestëmmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. Här Cilien, wannechgelift.

**ERIC CILLIEN (DP):**

Här Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, natierlech stëmme mer dat dote mat. Als Bewunner vun där Strooss freet et mech besonnesch, datt endlech – no bal zéng Joer Stëllstand, wou déi Spillplaz ofgerappt ginn ass a leider näischt geschitt ass – elo do eelef Wunnunitéite sollen hikommen, och am Sënn vun abordabele Wunnen. Eng exzellent Saach.

Mir kënnen dat nëmme matzestëmmen a felicitéieren Iech. Villmools merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Cilien. Här Diderich.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Här Buergermeeschter. Merci, Här Hartung, fir dës Explikatiounen. Ech begréissen, dass mer do endlech weiderkommen. Ech muss awer drop opmierksam maachen, dass mer hei e grousse Feeler gemaach hu virun zéng Joer.

Am Schäfferot hat et deemools geheescht: „Här Diderich, Dir mat Ärem soziale Wunnraum", „d'Gemeng selwer", „dat ass dach Blödsinn", „dat bréngt dach näischt", „mir hu vill besser Iddien", „mir schaffen elo mat engem Promoteur zesummen, an dee baut eis dat a mir lounen dat da fir GLS-Präisser, also Gestion locative sociale, an dann ass dat tipptopp", „dat

**JERRY HARTUNG (CSV)** *signale que le dossier Heliosmart remonte à dix ans et plusieurs collèges échevinaux.*
*Le projet prévoit une construction de 11 appartements et 6 places de stationnement au coin de la rue Pierre-Gansen et de la rue des Ligures. Il y a quelques années, l'aire de jeux a été déplacée dans la rue des Trévires dans le cadre de ce projet.*
*Au début, le promoteur devait remettre les logements à l'AIS Kordall. Mais en cours de route, il a informé la commune qu'il ne pourrait pas se tenir aux conditions financières définies.*
*Pour la commune, acquérir ce projet lui permettrait de profiter des subventions de l'État à hauteur de 75 % et du Pacte logement à hauteur de 25 000 € par appartement. Sur 4 750 000 € TTC, la commune devrait donc investir 912 809 €. Les habitations seraient mises en location par le service logement.*
*Le terrain n'est pas inclus dans le prix, car il n'appartient pas à la commune.*
*Les plans se trouvent dans le dossier des conseillers communaux et ont déjà été approuvés par le collège échevinal précédent.*
*La classe énergétique est A-B.*
*Le chantier devrait durer 24 mois avec des indemnités prévues en cas de retards. Le gros œuvre devrait être terminé à la fin de l'année.*
*Le besoin en logements abordables est important. Jerry Hartung demande au conseil communal d'approuver ce projet.*

**ERIC CILLIEN (DP)** *habite dans la rue en question. Il se réjouit du fait que ces 11 logements vont enfin voir le jour près de 10 ans après que l'aire de jeux a été supprimée. Il faut plus de logements abordables.*
*Les démocrates approuveront le projet.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *salue à son tour le fait que ce projet avance. Malheureusement, la commune a commis une erreur il y a dix ans. Le collège échevinal de l'époque avait critiqué Gary Diderich et insisté sur le fait qu'il valait mieux collaborer avec un promoteur. Mais en fait, la commune s'est retrouvée*

*avec un terrain en friche pendant dix ans.*

*Quant au promoteur, il pourra faire des bénéfices puisqu'il touchera 7000 €/m² comme frais de construction pour une VEFA sans terrain. À Differdange, le prix courant pour une VEFA est de 8100 €/m², mais avec le terrain. Si on admet que le terrain représente entre 20 % et 30 % du prix d'un tel projet, le promoteur devrait toucher 6100 €/m² dans ce cas-ci. Or, il va toucher mille euros de plus alors qu'il a fait trainer les choses pendant dix ans. C'est tout de même fort !*

*Gary Diderich comprend la position du collège échevinal actuel, qui essaie de trouver une solution pour se sortir de cette situation. Mais plus jamais, la commune ne devra mettre un terrain à disposition sans prévoir des indemnités contraignantes.*

*En ce qui concerne ce projet, les indemnités sont fixées à 5000 €/mois comme cela est prévu pour les VEFA.*

*Gary Diderich répète que la commune devra se montrer prudente à l'avenir et ne plus se laisser mener par le bout du nez.*

*Pour lui, le cahier des charges contient deux points faibles. Tout d'abord, il n'y a pas de système de rétention de l'eau de pluie. La commune subventionne de telles installations, mais elle signe un acte où un tel système n'est pas prévu dans une nouvelle construction.*

*Ensuite, Gary Diderich salue le fait que la commune n'utilise pas de polystyrène dans la façade, mais de la fibre de bois. Malheureusement, la fibre de bois sera enduite d'un fongicide qui finira dans les nappes phréatiques. Le collège échevinal aurait dû préconiser une autre solution.*

*En revanche, le bâtiment sera autonome en énergie et ne consommera pas beaucoup d'électricité.*

*Gary Diderich rappelle que la commune touchera une subvention de 75 %. Mais cela reste de l'argent du contribuable. Le promoteur, qui est responsable des retards, devrait toucher mille euros de moins par mètre carré. La commune s'est montrée naïve dès le départ.*

leeft vill besser wéi dat, wat Dir eis hei déi ganzen Zäit zielt".

An d'Resultat ass, dass mer als Gemeng en Terrain brooch leie gelooss hu wärend zéng Joer. Dat ass d'Resultat vun där Geschicht.

Wat ass d'Konsequenz fir de Promoteur? Ma hie kritt nach ee Projet, wou en nach eng Marge drop ka maachen – pas mal. Mir sinn hei bei 7.000 Euro de Meterkaree, wat de Promoteur kritt, fir eng VEFA ouni Terrain. Déi 7.000 Euro si just Konstruktiounskäschten. Well mir als Gemeng setzen nach ëmmer den Terrain zur Verfügung.

Mir sinn am Moment zu Déifferdeng bei 8.100 Euro de Meterkaree, wat de Wunnraum sou kascht. VEFAe sinn ëmmer ongeféier 1.000 Euro méi deier, mee mam Terrain. Dat heescht: Wa mer soen, mir wäre bei 8.000 Euro de Meterkaree fir eng VEFA mam Terrain, den Terrain ass plus ou moins 20 %, 30 % vun esou engem Projet, da wär am Fong dee richtege Präis hei 6.000-6.100 Euro de Meterkaree.

Mee mir bezuelen awer 900 bis 1.000 Euro méi fir e Promoteur, deen eis dat dote broochleie gelooss huet, dat Ganzt schleefe gelooss huet, net dat ëmgesat huet, firwat e sech engagéiert huet. An dat ass awer iergendwou och staarken Tubak.

Ech verstinn elo d'Approche vun dësem Schäfferot, fir ze soen, et geet elo duer, mir wëllen elo ee Wee do erausfannen. Mee mir däerfen ni méi e Gemengenterrain, wéi mer dat och beim Maxim's gemaach hunn, ouni contraignant Konditiounen, ouni Strofen, déi doropshi kommen.

Hei steet elo eng Strof dran, wann en net an den Delaien VEFAen ofliwwert. Dat ass awer normal bei VEFAen. Da bezilt e 5.000 Euro de Mount.

An Zukunft muss dat wierklech esou gehandhaabt ginn. Mir däerfen eis net méi verblende loosse vun iergendwelleche Modeller, déi am Endeffekt hei esou eppes vu schifgaange sinn. An ee sech als ëffentlech Hand do e bëssen un der Nues erëmféiere gelooss huet.

Am Konkreeten: Ech fannen, dass am Cahier de charges nach zwou Schwächten dra sinn. Et gëtt keng Recuperatioun vu Reewaasser gemaach. Mir als Gemeng, mir subsidéieren, wa Reewaasseropfänkanlage gemaach ginn, fir dass d'Drénkwaasser net d'Toilette erofgespullt gëtt. An hei ënnerschreiwe mer en Akt, wou dat an engem Neibau net virgesi gëtt, wat wierklech net vill géif kaschten, ausser enger Pompel, engem Tank an engem duebele Reseau vu Leitungen. Wann ee souwisou nei baut.

Dat anert ass, wat ech begréissen, dass mer hei kee Styropor un d'Fassad pechen an de Sondermüll vu muer produzéieren a finanzéieren. Mir maachen dat hei aus Fibre de bois, aus Holzfaser, da mécht een en Enduit drop. Do gëtt et am Moment nach ëmmer ee Probleem mat esou Botzen. Da muss de awer eppes maachen, fir dass de keng gréng-schwaarz Plazen drop kriss. Ech hunn där selwer, dofir weess ech, vu wat ech schwätzen.

Dat heescht, du muss dat behandele mat iergendengem Fungizid, deen s de dann do drop sprëtz, dann ass e fënnef Joer un der Fassad. A wärend deene fënnef Joer gëtt en no an no an eist Grondwaasser gespullt. Dann hu mer et am Grondwaasser. Dat heescht, do hätt ee vläicht nach eng aner Léisung fanne kënnen.

Et ass awer energeetesch autonom dat Gebai, dat soll dem Promoteur seng Stäerkt sinn. Dat heescht, do si mer net schlecht. D'Energie kënnt zum Deel aus der Geothermie. Also net iwwer eng Loftwärmepompel, mee iwwer eng Waasserwärmepompel. Dat heescht, do wäert och net ze vill Stroum benotzt ginn, fir dann doraus Hëtzt ze maachen. An deenen Aspekter ass dat e gudde Projet.

Mee, wéi gesot, et ass elo an ëffentlecher Hand. Et ass gutt, dass mir 75 % vum Staat kréien, mee et sinn awer nach ëmmer Steiersuen. Do hätte mer mindestens nach 1.000 Euro de Meterkaree missen ausgedoe kréien, also him ausdoen. Well dat awer dem Promoteur seng Verantwortung ass, dass et esou komm ass.

An eis Verantwortung war, dass mir sou liichtfankeg do eragaange sinn an déi dote Saach. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Diderich. Den Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Ech kommen och drop zréck. Ech hunn zwar e rengt Gewëssen, well ech war ee vun deenen, virun zéng Joer, deen déi Beem verplanze gelooss huet. Déi Beem sinn an engem tipptoppen, tadellosen Zoustand. Kënnt Der Iech ukucke goen. Wann Der op de Recyclingpark fuert, op der rietser Säit, ënnen an der Entrée, direkt hanner der Rue Pierre Gansen, wann een eropfiert, do sti se. Si si ganz gesond a si gedeie weider.

Dat ass awer dat eenzegt Positives, wat ech dovun zréckbehalen. Well de Rescht, déi ganz Story, déi hunn ech och materlieft. Et ass en Trauerspill. Virun allem, well mer déi lescht sechs Joer do net weiderkomm sinn.

Wat ech awer nach muss soen iwwert dee Promoteur, wéi Dir e genannt hutt, Här Diderich: Deen huet eis deemools wierklech impressionéiert duerch säin ekologescht Bauen. Et war e Virreider vun där Bauweis, haut nach ëmmer. En trëtt jo dofir an. An et muss een awer soen, zéng Joer duerno, dass haut allgemeng d'Approche ganz anescht ass. Et ass eng immens Evolutioun an deem Secteur geschitt. Haut denke mer alleguer anescht a mer bauen och anescht.

Duerfir, mengen ech, muss een awer kucken: Wéi war et virun zéng Joer? Wat ass elo? Ech deelen awer Är Argumenter alleguer, déi Der bruecht hutt. Och Äert Argument mam Präis – ech wollt et och ee Moment net gleewen. Ech sinn op 7.769,07 Euro de Meterkaree komm. Et muss een awer soen, hei ginn d'Stellplaze vun de Gefierer net matgerechent. Am Ufank waren déi jo, virun zéng Joer war minimum eng oder 1,5 Plaze virgeschriwwen. Dat misst een elo nach mat a Rechnung setzen, et ass duerno geännert ginn. Bon, dee Raum muss jo awer gebaut ginn am Ënnergeschoss. An alles dat déngt jo och derzou, fir dass dee Projet ka viabiliséiert ginn.

Ech wëll awer virun allem hei de Schäfferot luewen, dass se elo op deem richtege Wee sinn, dass se gutt reagéiert hunn, dass mer elo dee ganze Projet realiséiere loossen, zwar en l'état futur d'achèvement, wou een awer weess, dass trotzdeem, all Firma, egal wien dat mécht – hei ass et elo e Constructeur, et ass elo kee Promoteur méi, ech géif éischter soen, et ass eng Konstruktiounsfirma/Gesellschaft, déi dann dee Projet, dat Gebai schlësselfäerdeg ofgëtt un d'Gemeng.

De Projet selwer ass jo schonn hei gestëmmt. Ech wëll awer nach eng Kéier erwänen: Et sinn eelef Logementer tëschent 65 bis 78 Meterkaree, dovunner déi meescht mat zwee Schlofzëmmeren. An déi méi kleng hunn 41 Meterkaree, respektiv um Retrait, den drëtte Stack, 58 a 55 Meterkaree, wat méi kleng Wunnenge si mat nëmmen enger Schlofkummer. An och allkéiers, bei dräi Wunnenge pro Stack, sinn der zwou mat Balcon.

Et ass schonn e flotte Wunnkonfort do dran. Et ass relativ kleng, mee dat kann och e Virdeel sinn. Well mer wësse jo haut, allgemeng baue mer vill ze vill grouss. An do musse mer jo och erëm e bëssen zréckschalten an erëm anescht denken. Wéi ech nach e bësse méi jonk war, do war en Haus vun 120 bis maximum 140 Meterkaree, well d'Leit dräi Kanner haten. Dat war en normaalt Haus.

Haut gëtt dat als kleng Wunneng consideréiert. Mer mussen alleguer erëm eis Denkweis revidéiere par rapport zu der Gréisst vun de Wunnengen.

Den Här Hartung huet gesot, wat dee Bau eis netto kascht. Ech fannen, dass et ee ganz gudden Invest ass. Ech begréissen, dass mer dat an de Parc locatif vun der Gemeng kréien, dat heescht, och direkt selwer d'Soen hunn iwwert d'Gerance a wéi déi Leit spéider dra wunne wäerten, dass mer déi och kënnen iwwert d'Gemeng direkt offéieren.

Dir hutt Recht, wann Der sot, den Terrain ass och eppes wäert. Jo, selbstverständlech ass deen eppes wäert. Dat wäert och ëmmer eise Wäert bleiwen. An elo kënnt d'Gebai nach dobäi, dat heescht, dat ass en neien Deel vun eisem Patrimoine. Ech soen Iech Merci.

**ERNY MULLER (LSAP)** *a bonne conscience. C'est lui qui a fait planter les arbres, qui sont encore en parfait état. Ils se trouvent derrière la rue Pierre-Gansen, du côté droit, quand on se dirige vers le centre de recyclage.*

*Malheureusement, il s'agit du seul point positif de cette histoire. Rien n'a été fait au cours des dix dernières années.*

*Cependant, Erny Muller admet qu'à l'époque, le promoteur en question avait ébloui le collège échevinal par son savoir-faire écologique. C'était un pionnier dans le domaine. Aujourd'hui, dix ans plus tard, l'approche est différente. Le secteur a énormément évolué.*

*Dans une discussion comme celle-ci, il ne faut pas oublier la situation telle qu'elle était à l'époque, même si Erny Muller partage le point de vue de monsieur Diderich.*

*En ce qui concerne le prix, Erny Muller arrive à 7769,07 €/m². Mais il y a 10 ans, il fallait prévoir 1,5 place de stationnement, ce qui a changé depuis. Or cet espace doit être construit malgré tout.*

*Erny Muller félicite le collège échevinal actuel, qui a réagi de la meilleure des façons en faisant réaliser un projet en l'état futur d'achèvement. Le constructeur remettra le bâtiment clé en main à la commune.*

*Le conseil communal a déjà approuvé le projet. Erny Muller rappelle qu'il est question de 11 logements de 41 m² à 78 m². La résidence compte trois appartements par étage, dont deux avec un balcon.*

*Les logements sont confortables, même s'ils sont relativement petits. De toute façon, la tendance aujourd'hui est de construire trop grand. Il y a quelques années, une famille avec 3 enfants vivait dans 140 m² au maximum. Erny Muller pense qu'il faut faire un pas en arrière.*

*Il estime que la commune fait un bon investissement. La commune renforce son parc locatif et pourra s'occuper de la gérance.*

*Le terrain a une certaine valeur. À ce terrain s'ajoute désormais la résidence, qui devient le patrimoine de la commune.*

**TOM ULVELING (CSV)** *donne raison à monsieur Diderich. C'est pourquoi le collège échevinal a décidé de préciser des dates de début et de fin des travaux dans ce type de projet. Tom Ulveling pense à deux ou trois projets qui durent depuis plus de dix ans.*
*Comme l'a dit monsieur Muller, les arbres sont pratiquement le seul élément positif. Tom Ulveling y ajoute la nouvelle aire de jeux Astérix, qui, à l'époque, a été conçue par John Scheuren. Elle est particulièrement chouette.*
*Mais la commune apprend de ses erreurs et agira différemment à l'avenir. Grâce à la subvention de 75 %, le projet est abordable et permet de créer des logements à un prix social.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *salue ce projet réalisé en partenariat avec des acteurs de premier plan dans l'architecture durable.*
*Monsieur Hartung a parlé de l'aide à la pierre à hauteur de 75 % du cout du projet.*
*Enfin, le projet apporte une réponse au manque de logements abordables dans la commune.*
*Les écologistes approuveront le projet.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *signale que l'utilisation de la fibre de bois présente deux avantages. Tout d'abord, le taux d'isolation est largement supérieur à celui des autres méthodes. Ensuite, la durée de construction est raccourcie parce qu'il n'y a pas de phases de séchage.*
*Si le bâtiment avait pu être construit il y a dix ans, le prix du mètre carré aurait été inférieur de 30 %. Mais on ne peut pas changer le passé.*
*En revanche, le collège échevinal demandera au promoteur s'il est possible d'aménager un système de récupération d'eau de pluie. Il présentera aussi les recommandations de monsieur Diderich concernant le prix pour voir sa réaction. Guy Altmeisch espère ne pas se retrouver avec un œil au beurre noir.*
*(Vote)*

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Den Här Ulveling. Merci, Här Muller.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Ech muss dem Här Diderich Recht ginn a sengen Iwwerleeungen. Deen neie Schäfferot huet decidéiert, dass an Zukunft, wa Saache verkaf ginn oder esou, mer wäerten Datumen drasetze loossen, wéini et muss ufänken a wéini et soll fäerdeg sinn.

Well, effektiv, et sinn zwee oder dräi Beispiller hei an der Gemeng, wou mer zéng Joer laang drun dokteren a wou näischt geschitt. An ech fannen dat och keng gutt Iddi.

Dat eenzeg Positiivt un deem Dossier ass, wéi den Här Muller gesot huet, dass mer déi Beem verplanzt hunn an eng nei Spillplaz, déi Asterix-Spillplaz, déi den Här Scheuren John nach sengerzäit konzipéiert huet, fir d'Kanner amenagéiert hunn. Déi immens flott ass an immens gutt besicht ass. Dat ass dat eenzeg Positiivt, wat ech deem Dossier do enthuele kann.

Aus Feeler léiert een. An Zukunft wäerte mer dat anescht ugoen. Elo ass et nun emol esou a mat deene 75 %, déi mer vum Staat kréien, ass de Projet e Stéck abordabel an et ass eng Offer supplementär do zu deene sozial méi abordabele Wunnenge fir d'Leit.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Här Aguiar. Merci.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci, Monsieur le bourgmestre. Mesdames et messieurs aus dem Schäffen- a Gemengerot, als Déi Gréng begréisse mir dat. On trouve également que la collaboration avec les partenaires de premier plan dans l'architecture durable avec des énergies renouvelables apporte de vraies solutions, surtout avec les onze logements avec, comme Monsieur Hartung a dit, l'aide à la pierre de 75 %, c'est très important. Sans parler du logement abordable. Il existe un vrai besoin pour la Ville de Differdange, compte tenant la situation actuelle de la population.

Als Déi Gréng begréisse mir dat natierlech. Mir stëmme mat Jo. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Aguiar. Erlaabt mer zwou Bemierkunge mengersäits. Mir musse wëssen, dass den Holzfaserbau zwee grouss Avantagen huet. Momentan ass et déi Baumanéier, déi Isolatiounswäerter huet, déi mat kengen aneren ze vergläiche sinn. Dat ass deen éischte Virdeel.

Deen zweete Virdeel ass, dass e Bau ënnerhalb vun zwee Joer – wat ganz kuerzfristeg ass –, fäerdeggestallt ka ginn, well ee keng Dréchephasen dertëschent huet, wann déi verschidden Dalle gegoss ginn. Dat ass ee grousse Virdeel dobäi.

Wat ech awer och nach dozou soe wëll: Wa mer virun zéng Joer gebaut hätten, hätte mer warscheinlech och aner Meterkareespräisser wéi haut. Mer hätten déi 30 % Wuesstem vum Bauindex jo mol net gehat. Mee dat kënne mer net méi änneren.

Wat ech awer zréckbehalen, Här Diderich, vun Ären Iddien, déi ech ganz gutt fannen: Mer wäerten de Promoteur dorop uschwätzen op eng Reewaasser-Recuperatioun, en Avenant, froen, wat eis dat géif kaschten. Mee dat däerf eis awer elo vläicht net dovun ofhalen, fir fir de Projet ze stëmmen

Mir wäerten Är Recommandatioune mathuelen an och Är Präisvirstellungen. Mir wäerten deem déi virstellen, da ginn ech Iech d'nächste Kéier, am nächste Gemengerot seng Äntwert, wann ech da kee blot A hunn.

Dat gesot, géife mer zur Ofstëmmung kommen.

*Le conseil communal décide d'approuver à l'unanimité l'acte de vente en état futur d'achèvement d'un immeuble comprenant 11 logements situés dans la rue des Ligures à Niederkorn avec Heliosmart Development SA.*

Ech soen Iech Merci. Punkt 7b, Contrats de bail de logements locatifs, déi am Gravity sinn. Do géif ech d'Wuert dem Här Hartung ginn. Här Hartung, wannechgelift.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. Nodeems mer grad e gréisseren Neibau lancéiert hu fir den abordabele Logement, komme mer elo bei een, dee fäerdeg ass, de Gravity. Wou mer déi nächst Wunnenge kënne verginn.

Am Dossier hutt Dir de betreffende Rapport vun der Cellule logement. Dës Kéier handelt et sech ëm véier Appartementer mat jee véier Schlofkummeren. D'Verdeelung erfollegt, wéi ëmmer, no de Krittäre vum RENLA vum Logementsministère.

Dir gesitt, datt zwou Kandidature rout sinn. Dat si Leit, déi hir Kandidature selwer zréckgezunn hunn, well si mëttlerweil eppes anescht fonnt hunn. Mee et bleiwen, leider, nach genuch Kandidaturen.

Hei ginn elo véier Famillje proposéiert. Wann eng vun deenen net géif unhuelen, da sinn – fir séier virunzekommen an de Wunnraum net eidel musse stoen ze loossen, bis deen nächste Gemengerot taagt – direkt zwee Menagen op der Reservelëscht festgehalen, déi dann automatesch géifen norutschen.

Zur Informatioun: Esou ee Fall war bei enger Seniorewunneng am Gravity agetratt, wou dann deen nächsten op der Reservelëscht direkt konnt kontaktéiert ginn.

D'Demande de résiliation hu mer Iech informatiounshallwer der Dokumentatioun bäigeluecht. Ech bieden Iech, dës Lëscht, mat den entspriechende Contrat-de-bailen fir déi véier Appartementer, matzestëmmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. Et gëtt keng Wuertmeldung zu deem Punkt, mir kënnen zur Ofstëmmung kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les contrats de bail pour des logements locatifs situés au sein du complexe Gravity à Differdange.*

Ech soen Iech Merci. De Punkt 7c ass e Kontrakt mat enger Transportfirma. Eppes, wat muss gemaach ginn, well mer, laut europäescher Direktiv, do net an der Rei si mam Legislateur. Dat ass keen neie Kontrakt, dat ass just eng Mise à jour vun deem Kontrakt, dee besteet. Mee all Gemeng muss eenzel ofstëmmen iwwert dee Kontrakt, soss wier dat net méi richteg. Ech géif dem Här Bertinelli d'Wuert ginn, fir eis den Detail zu deem Kontrakt ze ginn. Här Bertinelli, wannechgelift.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Dir Dammen an Dir Hären, schéinen Dag wënschen ech Iech. Den Night Rider ass e Bus, wou vill Leit net wëssen, wéi wichteg, datt en ass. Et weess een net, wéi vill Liewen e scho gerett huet, andeem e jonk Leit lénks a riets hiféiert, déi feiere wëllen.

E muss dréngend op de Leescht geholl an iwwerschafft ginn, well de Spunnes domadder gemaach gëtt op verschiddene Plazen – wat eis als Gemenge ganz, ganz vill Geld kascht. Well Leit Saachen domadder organiséieren, déi net esou virgesi waren an et och net esou geduecht war.

Vu dass dat d'Gemenge relativ deier zustane kënnt, si verschiddener, déi sech iwwerleeën, den Night Rider net méi fueren ze loossen. Wat ech natierlech schued fannen. Déi Responsabilitéit muss dann all Gemeng fir sech huelen. Wann eng Kéier ee Jonken op der Strooss leiebleift, da muss ee sech bewosst sinn, wat een do mécht, wann een esou ee Bus net méi fuere léisst.

*Guy Altmeisch passe à Gravity et cède la parole à monsieur Hartung.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *explique qu'il s'agit de contrats de bail. La cellule du logement a remis son rapport. Il est question de quatre appartements avec quatre chambres à coucher. La répartition est faite sur la base des critères RENLA.*
*Les deux candidatures en rouge ont été retirées, car les candidats ont trouvé un autre logement.*
*La cellule du logement propose quatre familles. Deux ménages figurent sur la liste d'attente au cas où l'une ou l'autre famille choisie se retirerait.*
*Un cas similaire s'est produit pour ce qui est des appartements pour séniors. La liste d'attente a servi à remplacer rapidement le candidat qui s'est désisté.*
*La documentation du conseil communal comprend également une demande de résiliation. Jerry Hartung demande aux conseillers communaux d'approuver les contrats de bail.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe à la mise à jour d'un contrat avec une société de transport. Le contrat actuel n'est pas conforme à une directive européenne.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *précise qu'il s'agit du Night Rider, un bus qui permet de sauver des vies en transportant les jeunes.*
*Le système devra être revu, car il coute beaucoup d'argent à la commune et que les gens l'utilisent pour des trajets qui n'étaient pas prévues à l'origine. Certaines communes réfléchissent même à abandonner le Night Rider. Pour Fred Bertinelli, ce serait dommage. Il faut bien réfléchir aux conséquences.*
*Le collège échevinal de Differdange trouve que les jeunes doivent pouvoir profiter d'un tel moyen de transport au lieu de prendre la voiture même s'il est difficile d'évaluer le nombre de vies sauvées. En tout cas, la commune ne veut pas abandonner le Night Rider.*

*En revanche, il faudra revoir le système et trouver une solution pour lutter contre les abus. Probablement, il faudra augmenter le prix pour les usagers.*
*Le Pro-Sud est en train d'étudier la question. Le Night Rider est trop cher pour les petites communes. Mais il est important pour les jeunes. La vie n'a pas de prix.*

---

**ERNY MULLER (LSAP)** *souhaite revenir sur la position du Pro-Sud.*
*Le comité s'est réuni hier. Actuellement, deux communes ont manifesté la volonté de poursuivre le partenariat avec Night Rider et d'approuver la convention : Differdange et Dudelange. Les autres communes réfléchissent encore à la question.*
*Erny Muller explique qu'en règle générale, plus il y a de voyageurs, plus le tarif devient intéressant. Le Pro-Sud va servir d'intermédiaire.*
*Jusqu'à présent, le Pro-Sud gérait le contrat avec la société de transport. Or cela n'est plus permis. Chaque commune devra s'en occuper individuellement.*
*Le Pro-Sud et les communes profitent d'un subside conséquent de la part du ministère de la Mobilité. La facturation est transparente. Chaque commune peut voir combien elle a payé et de quelle ristourne elle a profité.*
*Erny Muller ajoute que la demande s'est écroulée pendant la pandémie, ce qui est normal. Elle a rebondi ensuite, mais n'a pas encore retrouvé le niveau d'avant la pandémie. Il faut aussi dire qu'au cours des dernières années, il n'y a eu ni campagnes ni publicité pour promouvoir la Nightcard auprès des jeunes et de leurs parents. Il faudra prévoir des actions à l'avenir.*

Natierlech, en huet säin Numm. De Schäfferot huet laang doriwwer diskutéiert. Mir fannen et awer nach ëmmer richteg, datt jonk Leit vun esou engem Bus profitéierte kënnen a feiere goen, zemools se den Auto dann doheem stoe loossen an net mam Auto fueren. Et ass ganz schwéier nozeweisen, wéi vill Accidenter e verhënnert oder wéi vill Liewe e ka gerett hunn. Mir mengen, datt mer sollten dobäi bleiwen als Gemeng Déifferdeng an dorunner festhalen.

Par contre muss een awer wierklech dat Ganzt op de Leescht huelen a kucken, wat dat d'Gemeng am Endeffekt kascht. An déi Leit, déi domadder „Schindluder treiben", fir dat an de Grëff ze kréien. Warscheinlech wäerte mer och net dolaanscht kommen, de Präis a verschidde Saachen, och fir den eenzelen, deen e ka gebrauchen, an d'Luucht ze setzen.

Den Här Muller ass am PRO-SUD, ech weess, datt do ganz fest dru geschafft gëtt. Fir méi kleng Gemenge gëtt dat effektiv ze deier, wat een och verstoe kann. Mee et ass awer eppes Wichteges fir déi jonk Leit. Soulaang, wéi näischt geschitt, ass et jo och ëmmer gutt, mee soubal et e Liewe kascht, dat ass jo net ze rechne mat Geld, wann een esou eppes evitéiere kann. Dofir wäert d'Gemeng Déifferdeng derbäi bleiwen.

Mee mir wäerte weider am PRO-SUD kucken, fir et awer esou ze amenagéieren, datt de Fouss beim Mol bleift an een domadder de Geck net mécht. Villmools merci.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Bertinelli. Den Här Muller, wannechgelift.

---

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ech sinn erwäänt gi vum Här Bertinelli, ech wäert dann e Wuert soen, wéi d'Positioun momentan am PRO-SUD ass. Net méi spéit wéi gëschter hate mer eng Sitzung, e Kommitee, wou déi eelef Gemenge vertruede waren. Bis elo sinn zwou Gemengen, déi sech an deem Sënn manifestéiert hunn, dass se den Night-Rider-System weiderféiere wéilten an dozou och eng Konventioun scho gemaach hunn, sou wéi déi, iwwert déi mer haut ofstëmmen. Dat ass d'Stad Diddeleng an d'Stad Déifferdeng, déi no bausse manifestéieren: Mer fuere mol direkt virun.

Déi aner hu sech nach net esou direkt festgeluecht. D'Diskussioune lafen.

Et muss ee kucken, bréngt dat en Avantage. Meeschtens ass et jo esou, wann een zu méi Partner ass, wat d'Unzuel vun de Voyageure méi héich ass, wat een e bessere Präis kritt. Dat ass mol dat eent. Dat soll dem PRO-SUD seng Aufgab sinn, fir do ze vermëttelen.

Wat ännert: Bis elo war et jo esou, dass de PRO-SUD d'ganz Gestioun gemaach huet an och de Kontrakt mat der Transportfirma. Dat geet jo net méi. Dat huet de Buergermeeschter jo erkläert. Dat geet net méi. All Gemeng, all Utilisateur muss dat separat individuell maache fir sech selwer.

Et muss een awer och soen, mir hunn do vun engem ganz gudde Subsid vum Ministère de la Mobilité profitéiert. Deen ass zwar och vum PRO-SUD ausgehandelt ginn, mee en ass awer un d'Gemengen direkt ausbezuelt ginn.

All déi Parten, dat ass och nozekucken, kann een agesinn, wat et eis effektiv kascht huet. Wat fir eng Rechnung mer bezuelt hunn. An dann hu mer eng Ristourne kritt vum Ministère.

Et gëtt awer elo gekuckt, um Niveau vum Süden: Wéi gëtt de System nach profitéiert? Et muss een awer soen, dass wéinst der Pandemie de System Night Rider agebrach ass. Wat jo normal war. Déi meescht Lokaler ware jo zou, et huet kee Liewe méi stattfonnt. Do ass dat agebrach. Elo huet et erëm ugezunn. A mol net schlecht. Mee mir sinn nach net op de Chiffere vu virun der Pandemie.

Wat awer och muss nach gesot ginn: Zu deem System ware Campagnë virgesinn, fir Publicitéit ze maachen, fir déi Jugendlech ze motivéieren oder d'Elteren, sech esou eng Nightcard unzeleeën an hirer Gemeng.

An där Hisiicht ass an de leschte Joren näischt méi geschitt. Dat heescht, et muss och gekuckt ginn, wann déi elo

weiderfueren, wat fir Aktioune kënne gemaach ginn, fir dee System erëm nei ze presentéieren, méi attraktiv no baussen ze verkafen an esou weider.

Ech perséinlech op alle Fall si frou, oder och am Numm vun der LSAP, dass mir direkt probéieren, eis en règle ze setzen an de System mol weiderzeféieren. Duerno kann ee jo e Bilan zéien. Um Niveau vun de Südgemenge gëtt de Late-Night-Bus als eng Alternativ ugesinn. Et muss een awer soen, de Late-Night-Bus, dee fiert just eng Streck. Dee fiert net point to point wéi den Night Rider, deen awer vun der Dier doheem bis op déi Plaz, wou ee wëllt, fiert, sief et eng Feier, bei Bekannte fueren – do et si jo X Méiglechkeeten. Et ka jiddwereen dovu profitéieren, net nëmmen déi Jugendlech. Et kann een och, zum Beispill, wann eng Familljefeier ass, kann een op den Night Rider zréckgräifen an esou weider. Et ass awer ee ganz interessante Service.

Op alle Fall wäert ech de Schäfferot an de Gemengerot weiderhin driwwer informéieren, wéi et um Niveau vum PRO-SUD virugeet, op Basis vun deenen Iwwerleeungen, déi dann do kommen. An och kucken, ob de Late Night Bus wierklech eng Alternativ ass oder ob dat net déi richteg ass an esou weider. Wat den Här Bertinelli och gesot huet, dass mer dat elo sollen alles kucken an da bis Enn dëses Joers eis da festleeën, wéi et déi nächst Jore weidergeet. Dat war d'Schlusswuert. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech wëll nach erwänen, dee Kontrakt, iwwert dee mer ofstëmmen, ass nëmme valabel bis den 31. Dezember 2024. En ass nëmme valabel fir ee Joer. Eis ass bewosst als Schäfferot an och am PRO-SUD, dass dee Kontrakt muss iwwerschafft ginn. Selbstverständlech muss en iwwerschafft ginn, mat verschiddene Garantien. Wann, wéi den Här Muller elo erkläert huet, der dobäi waren, déi an engem Owend, dann um hallwer fënnef gestart sinn, fir sechsmol an engem Owend den Trajet Déifferdeng – Lëtzebuerg ze maachen.

Ech mengen, dat si Saachen, déi musse méi streng kontrolléiert ginn, dass dat net méi virkënnt. Mee mir wëssen, dass mer et mussen iwwerschaffen. Also mir schwätzen elo just vun engem Kontrakt bis den 31. Dezember an da gëtt deen iwwerschafft vun de Gemengen.

Här Aguiar, Dir hutt Iech gemellt. Här Aguiar, wannechgelift.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci, monsieur le bourgmestre. J'ai juste une question. Bien évidemment, le service Night Rider est un très bon service, non seulement pour la commune, mais également pour nos jeunes et pour les services qui prestent.

Monsieur Bertinelli : Savez-vous plus ou moins combien de cartes de membres ou de tickets sont vendus ici à la commune? Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech weess, dass d'Gestioun, d'Facturatioun an dat alles gemaach ginn ass vu PRO-SUD. Wann een eis dat kann erklären oder déi nächste Kéier d'Donnéeë matbréngen, et ass den Här Muller, deen am PRO-SUD vertrueden ass.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Ech ginn Iech dat.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Den Här Olten, wannechgelift.

**CLAUDE OLTEN (CSV):**

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Ech wollt soen, dass et wierklech wichteg ass, dass d'Leit kënne sécher vun A op B fueren. An et ass net eleng dat. Ech mengen, mir wësse jo, wéi dat heiansdo de Weekend ass: Et organiséiert een eppes mat Kolleegen, et huet ee manner Stress, wann een zu e puer mat deem Bus fiert. Et huet een direkt eng Parkplaz.

Wat nach dobäi kënnt, mir wëssen, wéi et owes am Restaurant ass: Et huet een

*Erny Muller salue le fait que la commune poursuive le partenariat et se mette en règle. Le Late Night Bus est perçu comme une solution de rechange, mais il circule sur un trajet fixe alors que le Night Rider fonctionne à la demande. Tout le monde peut en profiter — par exemple dans le cadre d'une fête familiale. C'est un bon service.*
*Erny Muller continuera d'informer le conseil communal des décisions du Pro-Sud. Comme l'a dit monsieur Bertinelli, il faudra voir comment les choses vont avancer et prendre une décision à la fin de l'année.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *précise que le contrat est valable jusqu'au 31 décembre 2024, car il devra être revu de toute façon. Le bourgmestre explique que certains abusaient du système en faisant le trajet Differdange-Luxembourg six fois en une soirée. Des contrôles sont nécessaires. Il rappelle que le contrat ne porte que jusqu'au 31 décembre.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *constate que le Night Rider constitue un bon service pour la commune et pour les jeunes. Monsieur Bertinelli sait-il combien de cartes de membre la commune vend ?*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *répond que la gestion et la facturation sont assurées par le Pro-Sud. Monsieur Muller pourra apporter des réponses la prochaine fois.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *confirme les propos du bourgmestre.*

**CLAUDE OLTEN (CSV)** *trouve important que les usagers puissent se déplacer de manière sure d'un point A à un point B. Quand on organise une sortie le weekend, on est moins stressé quand on peut prendre le bus à plusieurs et qu'on n'a pas besoin de chercher une place de stationnement.*

*En plus, lors d'une soirée au restaurant, on finit par boire un peu plus que de raison. Le Night Rider est donc une bonne solution.*
*Claude Olten ajoute que certaines compagnies d'assurance permettent à leurs clients de prendre un taxi deux ou trois fois par an et de leur envoyer ensuite la facture pour être remboursés.*
*Les chrétiens sociaux approuveront la convention.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *estime qu'il faut permettre aux jeunes de se déplacer en toute sécurité le soir et de pouvoir ensuite rentrer à la maison. Il se dit convaincu que les parents seront disposés à payer un peu plus afin de pouvoir dormir sur leurs deux oreilles.*

**TOM ULVELING (CSV)** *est du même avis.*

**MORGAN ENGEL (PIRATES)** *concorde avec ce qui vient d'être dit. Les accidents sont nombreux le soir et les weekends. Il faut donner les moyens aux jeunes de rentrer chez eux en sécurité.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *annonce une pause de 15 minutes.*
*(Pause)*
*Guy Altmeisch passe à un contrat interculturel.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *rappelle que la commune a signé le Pacte interculturel du vivre-ensemble. Elle compte déjà de nombreuses activités dans ce contexte.*
*Le Pacte a été introduit après le vote de la loi du 23 aout 2023 sur la cohésion sociale et interculturelle. La commune a déposé une demande le 2 janvier 2024 et a signé la convention avec le ministère de la Famille le 27 mars. Differdange est une des premières communes à avoir signé le nouveau pacte.*
*La participation citoyenne, l'accessibilité à l'information ainsi que la lutte contre le racisme et les discriminations sont les piliers du Pacte. À travers la convention avec le ministère de la Famille, Differdange s'engage à mettre en place des actions allant dans ce sens et visant à*

awer méi séier e Patt gedronk, wéi ee wollt. An duerfir ass et gutt, wann ee sech mam Night Rider organiséiert.

An ech wollt och nach soen, ech weess net, ob déi meescht dat wëssen: Wann een eng Assurance um Auto huet, si vill Gesellschaften, do kann een zwee- bis dräimol am Joer en Taxi froen, an da kann een déi Rechnung eraschécken. Dat heescht awer net, nuets, wann een iergendwou ass, dem Agent uruffen a soen, ech fueren elo mam Taxi heem. Mee et kann een awer dovu profitéieren.

Mir stinn op jidde Fall do voll hannendrun.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Olten. Här Tempels.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci. Den Här Olten huet praktesch alles gesot. Et ass wichteg, dass mer haaptsächlech eise Kanner awer dee Moyen do ginn, dass se owes kënne sécher iergendwou op den Tour goen an och sécher heem kommen.

Bestëmmt sinn och vill Eltere bereet, e bësse méi bäizeleeën. Wann s de owes weess, dass de kanns roueg an d'Bett goen a kanns schlofen, dass de net muss dauernd lauschteren, ob de jonke Kärel oder d'jonkt Meedchen herno sécher doheem ass. Ech mengen, dat ass och vill wäert. Merci.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Richteg!

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Bemierkung. Jo.

**MORGAN ENGEL (PIRATEN):**

Mir als Piraten stëmmen dëst och mat, well mir fannen et och immens wichteg fir déi Jugendlech. Mir gesi jo, dass an der Lescht effektiv vill Leit leiebleiwen, oft eebe weekends, och no de Feieren an esou. Ëmsou méi wichteg ass et, dass se op esou ee Moyen zréckgräife kënnen a méi sécher zréck heem kommen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Engel. Mir kommen zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de prestation de service de transport de nuit Night Card.*

Ech soen Iech Merci. Ier mer zum Punkt 7d kommen, géif ech proposéieren, eng Véirelstonn Paus ze maachen an da fuere mer erëm virun. Merci.

(Paus)

Mir fuere viru mat eisem Ordre du jour, mam Punkt 7d, engem Contrat interculturel tëschent dem Staat an der Gemeng. Den Detail erkläert eis den Här Hartung, wannechgelift.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. Wéi an de leschte Gemengerotssëtzungen ugekënnegt, hu mir de Gemengepakt vum interkulturellen Zesummeliewen ënnerschriwwen. En vue vun de villen Aktivitéiten a Projeten, déi mer schonn an dësem Beräich hunn an an Zukunft wëlles hunn, mécht dëst definitiv Sënn.

Dëse Pakt gouf mam Gesetz vum 23. August 2023 op nationalem Niveau agefouert, fir déi sozial an interkulturell Kohäsioun an eiser Gesellschaft ze stäerken, deemno d'Zesummeliewe vun alle Kulturen ze fërderen.

Ab Januar konnt een eng Demande heizou eraginn, wat mir den 2. Januar gemaach hunn. De 27. Mäerz 2024 huet d'Stad Déifferdeng du mat anere Gemengen dës Konventioun mam Familljeministère ënnerschriwwen a gehéiert domat zu deenen éischte vun dësem neie Pakt. Et muss een an dësem

Kader wëssen, datt et och eng Virgängerversioun gouf.

Haaptpiliere sinn: Biergerparticipatioun, gutt Accessibilitéit zu Informatiounen, Asaz géint Rassismus an Diskriminéierung.

Mat dëser Ënnerschrëft engagéiert sech Déifferdeng, enk mam Ministère de la Famille zesummenzeschaffen a gemeinsam Aktiounen ëmzesetzen, fir dës Ziler ze erreechen.

De Pakt viséiert souwuel d'Awunner wéi d'Leit déi op Déifferdeng schaffe kommen.

Vum Prakteschen hier gëtt et eng Coordinatrice, bei eis ass dat d'Madamm Elisabeth Lang aus dem Service égalité des chances, souwéi ee Comité de pilotage, bestoend aus jee zwee Vertrieder vun eise Servicer, der Politik, den ASBLen a Conseilleren aus dem Ministère de la Famille.

Nieft de Wäerter, zu deene mer eis verflichten, déi mer jo souwisou ustriewen, ass eng grouss Plus-value den inhaltlechen Input, dee mer duerch d'Zesummenaarbecht mam Ministère kréien. An esou eng gutt Vue vun engem externe Partner, fir ons aktuell an zukünfteg Projeten nach besser aneneenzefügen an all d'Beräicher uerdentlech ofzedecken. Och ass en Austausch mat Partnergemengen aus dem Pakt virgesinn.

A mer wëlle virukommen! Dëse Freideg ass schonn déi éischt Reunioun mam Comité de pilotage. Mam Festival des Cultures organiséiere mer an der Foussgängerzon ee Biergerforum, wou mer, ënner anerem, de Pakt virstellen an d'Leit fir de Biergerpakt sensibiliséieren.

Dës wichteg Aarbecht huet och e finanziellen Impakt op eng Gemeng, sief et d'Projete selwer, sief et d'Personal, fir et ëmzesetzen. An do gëtt een dann och finanziell ënnerstëtzt vum Ministère.

Déifferdeng huet scho vill gemaach an der Vergaangenheet. A mer hätten och an Zukunft, sou oder esou, villes punkto Zesummeliewe gemaach, och ouni Finanzsprëtz. Mee wann een esou eppes ka kréien, seet een als Gemeng natierlech net nee. Et hëlleft jo och, fir weider nei Projeten unzegoen, wann ee kann argumentéieren, datt ee jo heifir e Subsid kritt. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. Här Aguiar, wannechgelift.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci, fir d'Wuert. Monsieur le bourgmestre, mesdames et messieurs du Schäffen- a Gemengerot, nous saluons cet engagement du Pacte communal du vivre-ensemble interculturel.

Il est essentiel de reconnaitre l'histoire de nos efforts dans ce domaine. Depuis des années, l'ancienne majorité déi gréng-CSV a démontré un engagement profond et innovant envers l'intégration interculturelle. Bien avant la signature du Gemengepakt avait déjà été créé un service dédié à l'intégration, doté du personnel qualifié, développant des actions concrètes pour favoriser le vivre-ensemble.

Le wok en particulier était au cœur de ces initiatives, accueillant des manifestations, des formations et réunions essentielles à notre tissu social avec un espace assez grand où chacun et chacune pouvait trouver sa place, s'informer, s'intégrer ou recevoir des informations.

Je vous rappelle certaines actions déjà entamées qui ont contribué à notre cohésion sociale : la mise en place du service d'intégration, le plan communal transversal, l'accueil des nouveaux arrivants, l'organisation et la mise en place du festival des cultures, qui célèbre notre diversité, des réunions régulières avec des associations locales, des enquêtes pour avoir l'avis des résidents sur les questions d'intégration, des cours des langues pour faciliter la communication, l'envoi des lettres aux non-Luxembourgeois(es) dans le cadre des élections…

Mais ce pacte va au-delà. Mir begréissen dat natierlech. On salue le fait que, dans le cadre de ce pacte, un état des lieux sera fait ainsi que les différentes actions, qui vont également prouver notre engagement politique.

*la fois les résidents et ceux qui travaillent dans la ville.*
*Madame Elisabeth Lang du service à l'égalité des chances est la coordinatrice du projet. Le comité de pilotage se compose de représentants de la commune, du monde politique, d'ASBL et du ministère de la Famille.*
*Le Pacte défend des valeurs pour lesquelles la commune s'engage de toute façon. Mais le partenariat avec le ministère constitue une plus-value. Des échanges sont aussi prévus avec d'autres communes ayant signé la convention.*
*La première réunion du comité de pilotage aura lieu vendredi. Un forum citoyen sera organisé lors du Festival des cultures pour présenter le Pacte aux citoyens.*
*La commune a droit à des subventions de la part du ministère. Jerry Hartung rappelle que Differdange promeut le vivre-ensemble depuis longtemps et continuera à le faire avec ou sans subventions. Mais puisque des subventions sont proposées, autant en profiter.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *salue l'engagement de la Ville de Differdange. Le collège échevinal précédent a montré un engagement sans faille pour l'intégration interculturelle et la commune disposait d'un service à l'intégration bien avant la signature du Pacte.*
*Paulo Aguiar rappelle que le wok était au cœur de ces initiatives. Des manifestations, formations et réunions y étaient organisées pour pouvoir s'informer sur les thèmes autour de l'intégration. Le conseiller communal mentionne la création du service de l'intégration, le Plan communal transversal, l'accueil des nouveaux arrivants, l'organisation du Festival des cultures, les réunions avec les associations locales, les sondages, les cours de langues, etc.*

*Il reconnait cependant que le Pacte va au-delà puisqu'il comprend un calendrier et des engagements concrets. Le conseil communal pourra en débattre.*
*Un état des lieux a-t-il été réalisé ? Le calendrier prévoit l'envoi de plusieurs lettres à la population. La première aurait d'ailleurs dû être envoyée le 15 avril. Paulo Aguiar s'étonne de ne pas l'avoir reçue. A-t-elle été envoyée ?*
*En outre, il a remarqué que 80 % des actions prévues dans le document existent déjà grâce à la majorité précédente. Il suppose donc que la tâche du collège échevinal ne devrait pas être trop importante. Ou bien le collège échevinal prévoit-il d'autres initiatives ?*
*Les écologistes soutiennent le Pacte communal du vivre-ensemble interculturel sans réserves et sont impatients de voir des actions concrètes. Differdange se compose de plus de 50 % de non-Luxembourgeois. C'est à la fois une richesse et un défi.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *constate que le Pacte communal du vivre-ensemble interculturel est la suite logique d'un projet pilote du ministère de la Famille, du Syvicol, du CEFIS et de l'Asti, et du Plan communal d'intégration.*
*Ce type de plan permet de mettre en place une politique structurée comme on l'a entendu tout à l'heure dans le cadre de l'économie de bien commun. En d'autres termes, on fixe des priorités au lieu de lancer des actions à l'aveuglette. Il évite aussi à la commune de devoir faire des études pendant plusieurs années. Par ailleurs, la commune peut informer rapidement les citoyens grâce à la lettre dont a parlé monsieur Aguiar.*
*Gary Diderich précise que la lettre comprend un sondage permettant de dresser un état des lieux. Ensuite, sur la base de cet état des lieux, le comité de pilotage définit un domaine de priorité et fixe des objectifs. Cela évite de devoir réaliser des sondages pendant deux ans. Comme le conseil communal l'a vu avec l'économie de bien commun, on obtient plus de détails que l'on peut évaluer plus facilement. C'est*

Dans ce cas, j'ai regardé le pacte avec les différentes annexes. Avec des deadlines, des engagements où tout le monde, non seulement nos services, pourra avoir un cadre. On trouve cela très bien. On pourra aussi prévoir des discussions ici au conseil communal. Une chose qu'on trouve très importante.

Je souhaiterais poser une question : est-ce qu'un état des lieux est déjà fait ? En plus, j'ai remarqué que, dans le cadre de ce calendrier, il y a des lettres qui devraient être envoyées dans le cadre de la sensibilisation, dans le cadre du Gemengepakt respectivement un sondage à la population. Dans le cadre de ce calendrier, on aurait dû recevoir cette lettre le 15 avril.

Peut être que ça va prendre trois jours à la recevoir, mais comme je n'ai toujours pas reçu la lettre. On se pose donc la question si cela a effectivement été fait.

Je tiens aussi à souligner qu'en examinant la checklist pour la mise en œuvre de ce pacte, j'ai remarqué que 80 % des actions existent déjà. Et ce, grâce à la majorité précédente. Ces initiatives avaient déjà grandement contribué à tisser un tissu social inclusif et dynamique au sein de notre commune. La tâche de cette coalition ne devrait pas être trop importante, vu que le travail est déjà fait. Sauf si votre engagement va au-delà et que d'autres initiatives vont avoir lieu.

En tant que porte-parole de déi gréng, je soutiens sans réserve le Pacte communal du vivre-ensemble interculturel et nous sommes impatients de voir la mise en œuvre des actions concrètes qui découleront de cet engagement. Differdange est une commune exceptionnelle, avec plus de 50 % des résidents non luxembourgeois(es), ce qui enrichit non seulement notre communauté, mais soulève également des défis uniques en matière d'intégration et de cohabitation.

Ech soen Iech villmools Merci. Et naturellement, on votera oui.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir Är Erklärungen. Den Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, de Gemengepakt vum interkulturellen Zesummeliewen ass d'Suite vun engem Pilotprojet, deen de Ministère de la Famille, de Syvicol, de CEFIS an d'Asti zesummen ausgeschafft hunn, dee Pakt vum Zesummeliewe geheescht huet. An och d'Suite ass vun engem Instrument, dat et virdru ginn huet, nämlech dem Plan communal intégration. Wou ech mech och ëmmer hei am Gemengerot dofir agesat hunn, dass mir eis esou ee Plang solle ginn.

Déi Approche vum Plang – Dir hutt virdru bei der Gemeinwohl-Ökonomie der eng Rëtsch opgezielt – ass et, fir méi eng strukturéiert Politik an engem gewëssene Beräich ze maachen an net just Aktioune mol drop lass ze maachen a viru sech hin ze maachen, mee sech am Fong Prioritéiten ze ginn an och ze moossen, wou een higeet.

E Gemengepakt ass eng Aart a Weis, fir dat ze maachen, ouni zwee, dräi Joer just mat Etüden amgaangen ze sinn, ouni wierklech eppes um Terrain ze maachen. Dat heescht hei sinn am Fong méi kuerz Bouclen, wou een d'Bierger relativ schnell informéiert, iwwert dee Bréif, deen den Här Aguiar ugeschwat huet. An dee Bréif fir de Gemengepakt, deen ass op Ministèressäit elo nach net grad prett.

Mat deem Bréif gëtt nämlech direkt e kuerze Sondage verschéckt. Opgrond vun deem Sondage an opgrond vun de statisteschen Donnéeë gëtt dann en Etat des lieux gemaach. Dat heescht, deen ass nach net gemaach. Dee gëtt gemaach opgrond vun där doter Saach an opgrond vun de Versammlungen, déi mam Comité de pilotage stattfannen. An d'Suitten dann organiséiert ginn.

Opgrond vun deem Etat des lieux kënnt dann de Comité de pilotage zesummen an definéiert een Domaine prioritaire, an deem ee mol eppes

mécht. An do gëtt ee sech dann Ziler an esou weider.

Dat heescht, et ass een net zwee Joer amgaangen, grouss Sondagen ze maachen, dat si kuerz Sondagen. An da mécht een och ëmmer eng Evaluatioun dovunner. An deem Sënn spillt et och eran an dat, wat bei der Gemeinwohl-Ökonomie gekuckt gëtt. Et kritt een do vill méi Detailer iwwert dat, wat een erreecht huet an et kann een dat och méi moossbar maachen. An deem Sënn kënne mer dat wierklech als déi Lénk just ënnerstëtzen.

Et muss een och wëssen, dass dee Gemengepakt do komm ass opgrond vun enger Gesetzesreform, wou mer net méi vu Gesetz zur Integratioun elo schwätzen, wat et eebe virdru ginn ass, virum August 2023, mee elo vun interkulturellem Zesummeliewen.

An dat ass net nëmmen e Changement vun e puer Wierder, domadder geet eng ganz Philosophie anhier. Interkulturalitéit heescht, dass een zesummen eng Kultur schaaft. Et ass net ze verwiessele mat Multikulturalitéit, wéi eist Fest op der Maartplaz, manner an der Foussgängerzon, ofleeft. Do hues de da Kulturen niefteneen, jiddereen huet säi Stand. Dat ass e multikulturellt Fest, an dann entstinn, méi oder manner, Begéinungen tëschent deene Stänn, wou d'Kulturen zesummekommen. Mee et schaaft een net onbedéngt direkt eppes Neies. Et ass eng Begéinung.

An der Foussgängerzon, do si méi Atelieren, do entsteet och schonn e bësse méi. Interkulturell heescht am Fong: Mir ginn eis zesummen nei kulturell Normen. Ech ginn ee Beispill, wat ech ganz flott fannen, fir dat ze illustréieren a wat ech géif ureegen, dass Déifferdeng op dee Wee géif goen, vläicht am Kader vum Pakt: Wat méchs de hei zu Déifferdeng, wann s de nei an d'Gemeng kënns? A wat maachen ech als Noper, wann een nieft mir nei eraplënnert?

Zu Lëtzebuerg hu mir do kee Code culturel. Et gëtt keng Norm, wat een do soll maachen. Als Kand, wann ech déi däitsch Tëlee gekuckt hunn, dann hunn ech d'Leit gesi mat engem Panier mat Brout a Salz bei den Noper goen. Dat heescht, do gëtt et, mengen ech, an Däitschland – ech hunn et net nogekuckt, dat ass just Fernseeswëssen –, esou eng Kultur, wou eppes virgesinn ass fir deen dote Moment.

An elo eng participativ interkulturell Demarche wär, iwwer e Biergeratelier ze kucken: Wat wëlle mir Déifferdenger Bierger den neie Bierger, déi rezent heihinner geplënnert sinn, eis als Traditioun/Ritual/Gewunnecht ginn, fir deen dote Moment ze markéieren, wann een heihinner plënnert. Fir d'Leit wëllkommen ze heeschen a fir dass een och déi Leit da kenneléiert an net d'Gefill huet, elo wunne Friemer hei nieft mir.

Also dat geet jo an déi zwou Richtungen. Et ass jo net nëmmen déi, déi dohinner plënneren, déi musse wëllkomm geheescht ginn. Mee och déi, déi dohinner plënneren, déi mussen och d'Signal ginn, ech sinn net nëmmen hei, fir hei ze schlofen an dann op d'Aarbecht ze fueren, mee ech sinn och hei, fir mech an d'Gemeng anzebréngen. Dat géif ech immens flott fannen.

An d'Gemeng kéint hiren Deel do iwwerhuelen, kéint d'Leit, wa se sech umellen, direkt soen, dat hei ass d'Aart a Weis wéi mer zu Déifferdeng dat maachen. Mir kéinten dat am Buet kommunizéieren an esou weider an esou fort.

Dat wär ee Beispill, wéi ee wierklech dat Interkulturellt kéint ëmsetzen. A wat et nach ganz wéineg gëtt. Et gëtt déi üblech Beispiller, wat een do vu Projete ka maachen.

Een anert Beispill wär, sech een Dag ze ginn – zum Beispill den Europadag, deen nach relativ fräi ass, do geet ee kee Meekranz maachen, et geet ee keng Ouschtereeër sichen, et kënnt och kee mat engem wäisse Baart, do gëtt et also nach keng kulturell Traditioun – a sech zesummenzedoen: Wéi wëlle mir als Déifferdeng, als Gemeinschaft, déi hei zesummewunnt, deen Dag begéinen? Wéi ee Ritual wëlle mir eis ginn, fir d'Valeuren, déi vun Europa jo och gutt mat deene vun Zesummeliewen iwwerenee passen, wéi wëlle mir dat, ech soen elo, bespillen? Dat sinn e puer Beispiller.

Mir haten an eisem Walprogramm d'Sproochenhaus. Mir si frou, dass de Schäfferot elo mol op de Wee gaangen ass, fir Sproochecaféen ze lancéieren. Ech wollt do nofroen, ob vill Benevol-

*pourquoi déi Lénk soutient ce projet.*
*Depuis aout 2023, il est question de vivre-ensemble interculturel alors qu'avant on parlait plutôt d'intégration. Mais le changement ne concerne pas que les mots. Il s'agit d'une tout autre philosophie.* Interculturalité *signifie* créer une culture ensemble. *Ce n'est pas non plus la même chose que la multiculturalité, où les cultures se trouvent l'une à côté de l'autre et se rencontrent. La multiculturalité ne permet donc pas de créer quelque chose de nouveau.*
*Ici, il s'agit de créer de nouvelles normes culturelles. Gary Diderich donne un exemple concret pour illustrer ses propos. Que peut faire quelqu'un quand il emménage à Differdange ? Et que peut faire un habitant lorsqu'il a un nouveau voisin ? Au Luxembourg, il n'existe pas de normes. Mais Gary Diderich se souvient que quand il était enfant et qu'il regardait la télévision allemande, les nouveaux arrivants recevaient un panier avec du pain et du sel.*
*Dans le cadre d'un atelier participatif, les citoyens pourraient définir une telle norme pour accueillir les nouveaux arrivants.*
*Parallèlement, les nouveaux arrivants doivent aussi signaliser qu'ils ne sont pas là que pour dormir et travailler, mais qu'ils veulent s'engager dans la vie communautaire.*
*De son côté, la commune pourrait expliquer ces normes aux gens venant s'inscrire. La communication pourrait se faire dans le* Diffmag.
*Pour Gary Diderich, ce serait un bel exemple d'interculturalité peu pratiqué au Luxembourg.*
*Comme deuxième exemple, il mentionne la Journée de l'Europe. Il n'existe pas encore de tradition liée à cette journée comme c'est le cas pour le 1er mai ou Noël. Differdange pourrait se donner un rituel pour cette journée.*

*Dans son programme électoral, déi Lénk proposait une maison des langues. Le collège échevinal a lancé le Café des langues. Combien de bénévoles se sont-ils inscrits ?*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *remercie monsieur Diderich pour ses idées. Il a participé au Café des langues et c'était très intéressant.*

**TOM ULVELING (CSV)** *plaisante sur le fait que l'on y sert aussi de la bière.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *raconte qu'il y avait une dizaine de tables avec un drapeau de la langue parlée. 90 % des personnes étaient des bénévoles.*
*Le bourgmestre ne peut qu'inciter les conseillers communaux à se rendre au Hall O la prochaine fois. Le personnel communal a finalement dû mettre Guy Altmeisch à la porte parce que quand il est dans un café, il a tendance s'attarder. Finalement, la réunion a duré deux heures au lieu d'une heure et demie.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *confirme que le Café des langues fonctionne bien.*
*En ce qui concerne le calendrier, il s'agit de simples indications pour que les communes fassent les choses dans l'ordre. Il rappelle que la commune a signé la convention le 27 mars. Le comité de pilotage se réunira le 19 avril. Mais de toute façon, il faut aussi attendre que les autres communes soient prêtes.*
*Pour ce qui est de la lettre, il vaut mieux attendre que le ministère prépare une ébauche pour éviter que chaque commune n'envoie son propre texte avec des informations divergentes.*
*Le comité de pilotage réalisera l'état des lieux. Il a déjà défini un domaine où des progrès restent à faire.*
*Monsieur Aguiar a raison de dire que Differdange fait déjà beaucoup. Mais il reste de la marge de manœuvre.*
*(Vote)*

ler sech gemellt hunn. Et ass e bësse riskéiert, déi ganz Laascht op d'Benevoller ze leeën. Mee wann een der genuch fënnt, ass dat natierlech positiv.

Dat si meng Ureegunge fir dee Gemengepakt vum interkulturellen Zesummeliewen, dee mir ënnerschriwwen hunn. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Iddien. Eng Wuertmeldung? Ech kann Iech just soen, vu menger Säit aus, ech war an dee Sproochecafé do gaangen, dat war ganz interessant.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Do gëtt et och Béier.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Du kriss och Béier do, an dat war ganz interessant. Do waren eng aacht, zéng Dëscher besat, mat allkéiers de Fändele vun där Sprooch, déi do op deem Dësch geschwat ginn ass. An do waren, ech géif soen, 90 % Benevoller, déi sech dofir begeeschtert hunn, fir un deem Sproochecafé deelzehuelen.

Ech géif och jiddwereen hei ronderëm de Dësch invitéieren, bei där nächster Ronn eng Kéier derbäi ze sinn, am Hall O, dat ass ganz flott. Et war just esou: Wéi d'Ronn fäerdeg war, sinn ech bal erausgeflunn, vum Gemengepersonal aus, well nëmme virgesi war, de Café annerhallef Stonn opzeloossen. Et war alt wéi ëmmer an de Caféen, da bleift een e bëssen hänken. Do war awer dann deen éischte Sproochecafé méi laang, do waren et zwou Stonne ginn. Mee mir bleiwen awer beim Horaire vun annerhallef Stonn. Ech mengen, dat geet och duer fir d'Personal, fir do matzeschaffen.

Dat gesot, wann et weider keng Wuertmeldunge méi gëtt, géife mer zur Ofstëmmung kommen. Pardon, ech hat den Hartung elo iwwersinn. Här Hartung, et ass un Iech.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Ech géif kuerz e Feedback ginn. Sproochecafé hutt Der ugeschwat, Här Altmeisch, dat leeft wierklech ganz gutt, ganz positiv.

Ugeschwat op de Kalenner. Doriwwer hate mer an eise Servicer rieds an och mam Ministère Récksprooch. An déi soe ganz kloer, et ass eng Richtlinn, fir eebe step by step virzegoen, net datt een eppes mécht an dann huet een eppes ausgelooss an da mécht een dat Falscht virdrun.

Zu den Datumen: De 27. Mäerz hu mer eréischt konnten ënnerschreiwen. Iwwermuer, den 19. Abrëll, ass déi éischt Reunioun mam Comité de pilotage. Et ass jo net d'Gemeng eleng, déi dat mécht. Do si Partner zesummen. An da muss een ofwaarden, bis jiddwereen alles prett huet.

Den Här Diderich huet dat mam Bréif erkläert. Ech mengen, et ass méi sënnvoll, datt de Ministère eng uerdentlech Ebauche ausschafft an net jiddwereen do iergendeppes erausschéckt, wou dann herno awer net all déi Informatiounen dra sinn, déi missten dra sinn.

Den Etat des lieux gëtt vum Comité de pilotage gemaach. Natierlech hu mer och schonn intern hei an do e bëssen déi Beräicher gekuckt. Do ass och ee Beräich, wou mer soen, do si mer wierklech nach net esou gutt ofgedeckt.

Dir hutt komplett Recht, Här Aguiar, wann Der sot, datt Déifferdeng schonn immens vill ubitt. Mee et ass ëmmer Loft no uewen. Et kann een nach ganz, ganz vill maachen. An dat wäerte mer an den nächste Joren, an dësem Kader, kucken ëmzesetzen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Wann et näischt weider ze soe gëtt, kënne mer zur Ofstëmmung kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le Pacte communal du vivre-ensemble interculturel signé avec l'État du grand-duché de Luxembourg.*

Ech soen Iech Merci. Punkt 7e, eng Konventioun an Zesummenaarbecht mat enger ASBL an der Gemeng. An de Statute vun der ASBL gesi mer, dass den Här Gary Diderich do als Tresorier figuréiert. Soudass mer den Här Diderich géife bieden, virun d'Dier ze goen, dass mer dat kéinten objektiv diskutéieren an erläuteren. Ech géif dem Här Hartung d'Wuert ginn, fir eis den Detail ze ginn. Här Hartung, wannechgelift.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. Éier ech op d'Konventioun selwer aginn, erlaabt mer, e bëssen auszehuelen. D'Iddi, à la base, war fir, nieft allen aneren Efforten, déi mer punkto Logement ënnerhuelen, och de Prinzip vu Wunngemeinschaften hei zu Déifferdeng ze férderen. Dëst steet, ënner anerem, esou an eisem Koalitiounsprogramm.

Dëst ass natierlech méi einfach gesot oder geschriwwe wéi gemaach. Bei esou Strukture fält nach méi Suivi un. Hei muss nach méi gekuckt ginn, ob déi verschidde Menagen, déi jo dann zesumme solle liewen, beienee passen. Respektiv muss dëst Zesummeliewe konstruktiv begleet ginn.

Dofir si mer op de Wee gaangen, zesumme mat der Life ASBL eng Konventioun an dësem Sënn ze erstellen. Si hate verschidde Gemenge kontaktéiert mat der Offer, fir iwwer Konventiounen an de jeeweilege Gemengen sech wëllen ze vergréisseren.

Ee grousse Plus fir eis ass, datt si scho laang am Beräich Wunngemeinschaften täteg sinn, also vill Erfarung hunn, wat d'Gestioun an d'Féiere vun esou Strukturen ugeet.

D'Konventioun enthält, dass si um Territoire vun der Déifferdenger Gemeng zwee nei Haiser opmaachen, mat jeeweils mindestens dräi Menagen. Mer schwätzen also scho vu gréisseren Haiser.

Also bei engem Menage schwätzt ee vu Famill, et ass net ëmmer just eenzel. Et kënnen eenzel Leit sinn, awer et ass och virgesinn, datt do sollen da méi Leit an engem Menage sinn.

Aktuell hu si Haiser, déi am Verkaf sinn, mat dem entspriechende Potenzial am Viséier, wou si duerch dës Konventioun plangen ze kafen an deementspriechend ëmzebauen.

An dëser Konventioun riichte mer ons haaptsächlech u Familles monoparentales a Studenten, ënner anerem zwou vun den Zilpopulatiounen, wou grousse Besoin ass. Eng Mëschung, déi sécherlech Sënn mécht.

Vum Finanzielle gesäit d'Konventioun eng Ënnerstëtzung fir Life ASBL mat 2.500 Euro pro Haus am Joer, also maximal 5.000 Euro fir déi zwee Haiser, vir. Dobäi muss ee soen, datt wann ee Bailleur-social-Strukturen an enger Gemeng opmécht oder féiert, d'Gemeng vum Staat och ongeféier an dëser Héicht ënnerstëtzt gëtt. Et variéiert eeben, ob si als GLS wëlle funktionéieren oder iwwer den Aide à la pierre fueren.

Am éischte Fall kritt d'Gemeng järlech 2.500 Euro an am zweete Fall eemoleg bei der Eréffnung 25.000 Euro.

Wichteg ass hei, ganz kloer ze preziséieren – dat gesitt Dir bei der Konventioun bei de Konditiounen –, datt dës Konventioun sech eeben op déi zousätzlech Aarbecht bezitt, déi grad bei enger Wunngemeinschaft ufält. Also nieft dem Eraussiche vun de Locatairen och kucken, datt se beienee passen an dës Kohabitatioun suivéieren an noutfalls ënnerstëtzend awierken, datt d'Zesummeliewe gutt funktionéiert.

Dëst geet eeben nach méi wäit wéi déi Aarbecht vum Suivi social vun de Locatairen, déi eise Service logement oder eis AISK oder een anere Bailleur social an hirem Alldag ëmsetzt, wat natierlech och immens wichteg ass.

Dëst ass e Pilotprojet mat zwee Haiser, fir Wunngemeinschaften zu Déifferdeng ze schafen. Wou een da muss kucken, wéi sech dëst entwéckelt. Mir

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe à une convention avec une ASBL dont monsieur Diderich est trésorier. Il lui demande de quitter la salle pour que les débats soient objectifs.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *explique qu'à l'origine du projet se trouve la volonté de promouvoir les colocations. Cela figure dans le programme de coalition.*
*Mais cela n'a rien d'évident. Le suivi est plus complexe. Il faut que les cohabitants s'entendent et que la vie ensemble soit constructive.*
*C'est pourquoi le collège échevinal a décidé de recourir à Life ASBL, qui avait contacté plusieurs communes. Cette ASBL travaille depuis longtemps dans le domaine du logement et a de l'expérience dans la gestion de ces structures.*
*La convention prévoit que l'ASBL ouvre deux nouvelles maisons à Differdange composées de trois ménages. Il s'agit de grandes maisons. Jerry Hartung précise que chaque ménage est une famille et non une seule personne.*
*L'ASBL a sélectionné les maisons et prévoit de les acquérir une fois que la convention sera signée.*
*La convention vise plus particulièrement les familles monoparentales et les étudiants, deux catégories où les besoins sont importants.*
*À travers la convention, la commune soutiendra Life ASBL à hauteur de 2500 € par an et par maison, c'est-à-dire 5000 € pour les 2 maisons. Mais la commune a elle-même droit à une subvention de la part de l'État. Le montant dépend du fonctionnement de l'ASBL, qui peut recourir à l'aide à la pierre ou la gestion locative sociale : une prime unique de 25 000 € ou une prime annuelle de 2500 €.*
*Dans ce type de colocation, il faut sélectionner les colocataires, s'assurer qu'ils peuvent vivre ensemble, assurer le suivi de la colocation et intervenir le cas échéant. Cela va donc plus loin que le travail qu'effectue l'AIS Kordall ou les autres bailleurs sociaux.*

*Jerry Hartung précise qu'il s'agit d'un projet pilote. Il se dit confiant dans sa réussite.*

**EMINA CEMAN (CSV)** *estime que cette convention représente une plus-value dans le domaine du logement social. Elle permet d'étendre l'offre en logements à Differdange.*
*À titre d'exemple, les parents pourront s'entraider pour la garde des enfants. Les enfants pourront jouer entre eux et les étudiants pourront les aider à faire leurs devoirs.*
*L'initiative est chouette. Le CSV l'approuvera.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *soutient la convention entre la commune et Life ASBL. La colocation permet de réduire les couts pour les locataires et favorise un esprit de communauté.*
*Le Luxembourg est confronté à une crise du logement. L'offre est insuffisante, ce qui fait grimper les prix. La colocation sociale est essentielle pour offrir des options abordables.*
*Le dernier rapport du Statec indique que si le prix à l'achat est en baisse, les loyers augmentent et l'accessibilité aux logements abordables est limitée. C'est pourquoi la politique doit réagir. Le collège échevinal fait bien de soutenir cette ASBL.*
*Paulo Aguiar rappelle que la convention prévoit un soutien de la part de la commune à hauteur de 2500 € par an et par maison — 5000 € en tout. Mais Life gère deux autres biens à Differdange. Les écologistes proposent donc que le collège échevinal soutienne les quatre biens. En effet, le personnel de l'ASBL fait un excellent travail en accompagnant les locataires.*
*Paulo Aguiar conclut en saluant l'initiative du collège échevinal et de monsieur Hartung.*

sinn awer ganz zouversiichtlech, datt dëst gutt gëtt. Ech bieden Iech, dës Konventioun matzestëmmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. Madamm Ceman, wannechgelift.

**EMINA CEMAN (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. D'CSV ass der Meenung, dass dëst eng gutt Konventioun ass, well et stellt eng Plus-value punkto soziale Wunnraum an der Gemeng duer. Dës Konventioun tëscht der Gemeng an der Life ASBL weist, dass een, nieft den traditionelle Methoden, nei Weeër geet, fir eng villfälteg Offer punkto Wunnraum kënnen unzebidden. Bezüglech den zwou Zilpopulatioune mécht dës intergenerationell Mëschung Sënn.

Eltere kënne sech géigesäiteg bei der Opsiicht vun de Kanner aushëllefen, zum Beispill, wa se schaffen oder Verflichtungen hunn. D'Kanner hu Kanner fir zesummen ze spillen, d'Studente kënnen de Kanner bei den Hausaufgaben hëllefen an esou weider.

Et ass eng flott Initiativ. An dofir stëmmt d'CSV dës Konventioun mat Jo. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen Iech Merci. Den Här Aguiar, wannechgelift.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

*Merci fir d'Wuert*, monsieur le bourgmestre. Mesdames et messieurs aus dem Schäffen- a Gemengerot, nous, déi gréng, on soutient cette convention entre la Ville de Differdange et Life ASBL avec son double projet WG qui offre une solution solidaire à travers la gestion des logements en colocation, qui non seulement réduit les couts pour les locataires, mais favorise également un esprit de communauté.

Le Luxembourg comme pays européen est confronté à une crise du logement face à une offre insuffisante et à des prix inaccessibles pour une large part de la population. Dans ce contexte, des projets tels que cette convention proposent et promeuvent une formule de logement alternative telle que la colocation gérée socialement et sont également essentiels pour offrir des options plus abordables.

Si je peux faire une synthèse du dernier rapport du Statec, qui dit que, malgré une baisse du prix à l'achat qui pourrait sembler favorable à l'accessibilité, l'augmentation des loyers et la limitation des transactions immobilières posent des défis pour l'accessibilité aux logements abordables.

Ces éléments suggèrent la nécessité d'une intervention politique, que nous saluons. *Mir begréissen dat natierlech* pour soutenir justement ces différentes ASBL en ce qui concerne le logement abordable.

En ce qui concerne maintenant le projet de Life ASBL et sa stratégie qui justement propose d'augmenter cette offre de logement avec un cout abordable :

Je sais bien que cette convention prévoit 5000 € et 2500 € par logement, n'est-ce pas ? Mais avec un peu de recherche, on a vu que Life ASBL a encore deux biens ici dans la commune de Differdange.

Nous aimerions proposer à ce *Schäfferot* de soutenir aussi les deux autres biens. Pourquoi est-ce qu'on en soutient que deux ? Pourquoi est-ce qu'on ne peut pas soutenir les quatre ? C'est juste une question parce que je trouve que c'est important de mettre en évidence qu'on ne soutient pas seulement à cause de l'aide à la pierre, mais également en ce qui concerne le personnel, qui fait un accompagnement spécifique avec ces locataires.

Déi gréng soutiennent vraiment cette convention. On pense que c'est vraiment important, et *mir begréissen natierlech d'Initiativ vum* monsieur Hartung *respektiv vum Schäfferot*, de soutenir les ASBL qui travaillent pour le logement abordable. *Ech soen Iech Merci.*

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Aguiar. Här Hartung nach eng Kéier, wannechgelift.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci fir all déi positiv a flott Wierder. Op d'Fro, firwat mer net déi all ënnerstëtzen. Et geet jo u sech drëm, fir WGen ze schafen hei um Territoire vun der Gemeng. An dofir hu mer an de Kontrakt geschriwwen, datt et d'Kreatioune vun neie WGen ass.

Et ass e Pilotprojet. Mir mussen einfach elo deem Zäit ginn, kucken, wéi sech dat entwéckelt. An dann, mengen ech, soll ee keng Dier zoumaachen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Den Här Muller.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ech ginn dervun aus, Här Hartung, dass dat net Äert definitiivt Schlusswuert war. Dofir erlaabt mer, dass ech nach ee Wuert soen. Mir als LSAP ënnerstëtze selbstverständlech d'Initiativ vun deene Wunnengen, déi jo als Wunngemeinschaft funktionéieren, iwwert d'ASBL Life.

Dat ass eng Wunnform – ech hat emol gelies, wat déi Leit, déi an esou Forme wunnen, wéi déi dat gesinn, mir schwätzen elo hei vun engem normalen zesummegesate Menage. Et ass jo och geschwat gi vun Intergenerationsproblematik, déi do ka sech entwéckelen, wann et Leit mat Kanner sinn an eeler Leit, zum Beispill, déi do wunnen, déi schonn am Rouestand sinn.

Mee wat ech awer wollt soen, mir hunn nach ee Projet, deen ass den Insider bekannt ënner PAP IV an der Grousstrooss. Do hu mer jo nach ni dee richtegen Dréi fonnt, wat mer do sollten entwéckelen. Do ware verschidden Iddien.

Eng vun den Iddie war, fir op de Wee vu Wunngemeinschaft ze goen. Eng aner war, dass do sollt e Projet entstoen, wou d'Leit kéinte selwer bauen, also praktesch an Eegeregie, awer zu méi Leit. Dat heescht als Gruppéierung zesummenzefannen, eng Koproprietéit, déi dann dee ganze Projet géif ugoen. Kuckt dat emol no, och wann d'Plaz net esou grouss ass. Si ass beschränkt an den Dimensiounen. Mee et wär awer eng interessant Plaz, well déi sech och kéint fir esou ee Projet eegenen. Dat wollt ech erwänen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Muller. Den Här Hartung nach eng Kéier.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Mir hate verschidden Austauscher mat der Life Asbl. Fir si ass et méi interessant, besteeënd Haiser opzekafen, mat de Subventiounen, déi si kréie vun de Ministèren. Fir datt se direkt kënne lassleeën. E Bau ass vläicht elo net esou direkt an hirem Sënn, well dat zitt sech jo, bis d'Leit kënnen anzéien. Dofir gi si éischter op de Wee, datt si kucken, um Marché Immobilien ze fannen, déi heifir gëeegent sinn, déi unzepassen, datt da wierklech d'Leit zimmlech séier kënnen anzéien.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. Mir kommen zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention de collaboration avec l'ASBL Life concernant le service De WG Projet.*

Ech soen Iech Merci. De Punkt 7f ass eng Konventioun an e Partenariat mat der Fechtfederatioun an der Gemeng Déifferdeng. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert, wannechgelift.

**JERRY HARTUNG (CSV)** *remercie le conseil communal pour son soutien. Il s'agit de créer des colocations à Differdange. C'est pourquoi la convention ne porte que sur les nouvelles colocations.*
*Comme c'est un projet pilote, il faudra voir comment il va se développer.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *annonce le soutien du LSAP pour les colocations gérées par Life. Il se souvient avoir lu un article sur la façon dont les colocataires perçoivent ce type de logement. Il peut y avoir des problèmes liés à l'âge, par exemple quand des enfants vivent avec des personnes âgées.*
*Erny Muller mentionne le PAP IV de la Grand-rue. La commune a longtemps cherché à mettre en place un projet sans jamais trouver la solution idéale. La colocation figurait parmi les possibilités. Il était aussi question d'un projet où plusieurs personnes pourraient construire une maison ensemble. Le site n'est pas très grand, mais Erny Muller pense qu'il serait adapté à de telles copropriétés ou colocations.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *signale que Life ASBL préfère acquérir des maisons existantes à cause des subventions de la part du ministère. Construire un logement prend plus de temps.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe à un partenariat avec la Fédération d'escrime.*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *précise que la convention dont il est question concerne un évènement international qui aura lieu à Differdange. Il s'agit d'un tournoi d'escrime européen mettant en jeu six places de qualification aux Jeux olympiques. Trois Luxembourgeois participeront au tournoi et Flavio Giannotte a de bonnes chances de se qualifier.*
*Le tournoi aura lieu du 26 au 28 avril à l'école internationale. Thierry Wagner souhaite bonne chance aux athlètes.*
*La commune soutient l'évènement à hauteur de 20 000 €. En effet, le tournoi permettra de faire connaitre Differdange. Thierry Wagner demande au conseil communal d'approuver la convention.*

**ELISABETH DA SILVA (DP)** *salue d'autant plus ce projet qu'elle travaille dans l'école en question.*
*Elle trouve cependant que la commune aurait pu faire mieux. Monsieur Wagner a expliqué que Differdange allait être mise en valeur à travers ce tournoi. Mais en attendant, les 300 sportifs vont devoir passer la nuit dans des hôtels à Pétange, Bettembourg, Esch ou Luxembourg-Ville. C'est dommage.*
*Les démocrates regrettent que Differdange n'ait ni un hôtel ni même une auberge de jeunesse. Il reste du pain sur la planche.*

**CLAUDE OLTEN (CSV)** *salue la tenue de cet évènement sportif à Differdange. Comme l'a dit monsieur Wagner, pour certains athlètes, ce sera la dernière possibilité de se qualifier pour les Jeux olympiques. Claude Olten espère qu'une fois le centre sportif d'Oberkorn terminé, Differdange pourra accueillir plus d'évènements de ce type.*

**PAULO AGUIAR (DP)** *félicite la Fédération d'escrime, car il s'agit d'un nouveau sport à Differdange. La tenue d'un tel évènement est exceptionnelle.*
*Paulo Aguiar plaisante sur le fait que les conseillers communaux devraient s'essayer à l'escrime. Les écologistes approuveront la convention.*

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Dës Konventioun, iwwert déi mer haut ofstëmmen, dréit ëm een internationalen Event am Fechtsport, dee mer hei zu Déifferdeng kënne begréissen. Ech hat dat schonns an engem virege Gemengerot annoncéiert.

Et ass dee gréissten europäesche Fechttournoi an et sinn nach just sechs Ticketen ze verginn, also sechs Qualifikatiounschancë fir d'Olympesch Spiller zu Paräis. Dräi Lëtzebuerger sinn dobäi. An et si realistesch Chancen, fir dass sech de Flavio Giannotte kéint qualifizéieren. D'Famill Giannotte ass jo gutt bekannt hei zu Déifferdeng.

Den Tournoi fënnt vum 26. bis den 28. Abrëll an eiser Internationaler Schoul statt. Mir drécken eise Sportler natierlech all d'Daumen.

D'Déifferdenger Gemeng ënnerstëtzt dësen Event mat logistescher Hëllef, awer och mat engem Partenariat an enger Valeur vun 20.000 Euro.

Dëst ass eng gutt Geleeënheet, den Numm Déifferdeng no baussen ze verkafen. Amplaz Nation Branding maache mir e City Branding. An dëst via dem Sport. Ech bieden Iech, dës Konventioun matzestëmmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Wagner. Madamm Da Silva, wannechgelift.

**ELISABETH DA SILVA (DP):**

Merci fir d'Wuert. Als DP begréisse mir dëse Projet – an ech perséinlech nach vill méi, well dat jo an eiser Schoul stattfënnt.

Mir wollten dozou soen, datt mir der Meenung sinn, datt mer nach hätte kënne vill méi doraus maachen. Mir fannen et schued, wéi den Här Wagner elo gesot huet, natierlech verkafe mer Déifferdeng no baussen, Déifferdeng steet jo och op enger Weltkaart, mee elo hei am Land kënne mer déi 300 Sportler fir véier Nuechten net hei zu Déifferdeng ënnerbréngen. Wat heescht dat? Dat heescht mir hu missen Hotellen zu Péiteng, Beetebuerg, Esch a souguer an der Stad missen uschreiwen, fir déi 300 Leit ënnerzebréngen.

Mir fannen dat schued. Mir bedaueren dat, datt mer hei net nëmme keen Hotel, mee och keng weider Infrastruktur, eng Jugendherberg oder soss eppes hunn. An an deem Sënn net nëmme Loft no uewen ass, mee datt mer do reell an der Stad fir d'Zukunft iergendeppes muss plangen. Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci. Den Här Olten.

**CLAUDE OLTEN (CSV):**

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Op jidde Fall begréisse mir als CSV, dass mer esou ee schéint Sportsevent op Déifferdeng kréien. Woubäi nach ze soen ass, wéi den Här Wagner gesot huet, et fir vill Fechterinnen a Fechter déi lescht Geleeënheet ass, sech ze qualifizéiere fir d'Olympiad. Dat ass e Mega-Event.

Ech wollt awer nach bäifügen, wann d'Hal zu Uewerkuer bis fäerdeg ass, wär et flott, wa mer dës Ëftere kéinten esou Eventer heihinner kréien, well dat do ass eng mega Reklamm fir eis Gemeng. Dat op alle Fall. Dat wëll ech gesot hunn. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Den Här Aguiar.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Nous aussi, déi gréng, on félicite tout d'abord la fédération pour la mise en place de cet évènement. *Et ass och eng nei Sportaart zu Déifferdeng, gellt ?* On voulait vraiment féliciter la fédération. Comme monsieur Olten a bien dit, c'est un méga évènement ici pour Differdange. Le fait que la Ville de Differdange, avec notre service des sports, soutient ce type d'évènement, est exceptionnel.

Et s'il s'agit vraiment d'une nei Sportaart, pourquoi ne pas l'essayer aussi un de ces quatre ? Déi gréng soutiennent bien évidemment cette convention.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Aguiar. Den Här Wanger, wannechgelift.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci. Madamm Da Silva, do rennt Der bei mir awer oppen Dieren an. Ech mengen, bei eis alleguerten heibannen, dass mer dat natierlech och gären hätten, dass zu Déifferdeng méi Hoteller wären.

Dat ass e Punkt, un deem muss geschafft ginn. Dat ass elo net vu gëschter a vun haut, dat ass eng Evolutioun, déi muss stattfannen. Mir si jo och amgaangen drun ze schaffen, fir déi Méiglechkeet an Zukunft ze hunn, fir d'Sportler adequat hei kënnen ze empfänken.

Jugendherbergen an esou weider hu mer. Aktuell ass een Hotel hei, dat beluecht ass, souwäit ech dat weess. Dat gouf emol esou gesot. Dat heescht, et sinn awer och Sportler, déi hei zu Déifferdeng ënnerbruecht sinn.

Mee et geet net duer, dat ass ganz kloer. Mir sinn déi drëttgréisst Stad aus dem Land. Jo, punkto Hotellerie si mer net gutt gestaffelt. Dat ass ganz richteg. Do wäerte mer och dru schaffen. Och fir esou Sportseventer, wéi den Här Olten gesot huet. Do wär et natierlech flott, wann an Zukunft an der Sportshal méi där Eventer kéinte sinn. Oder fir d'Fussball-EM, mir hu jo e puer Infrastrukturen, wou dat machbar wär, wéi och den Tour de Luxembourg, dee jo och elo virun der Dier steet, dat ass och esou een Event.

Wéi gesot, mir verschléissen eis net. Mir hoffen dass dat och an Zukunft esou soll weidergoen.

Den Här Aguiar hat ech elo net esou richteg verstanen. Ass dat eng nei Sportaart? Hutt Der dat gemengt?

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Jo.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Hannert där Sportaart stécht de President vun der Federatioun hannendrun. Zu Déifferdeng hu mer eng ganz grouss Fechtgeschicht, wéi den Här Bertinelli seet. An dat ass den Escrime Sud, dee Club, deen et aktuell elo nëmmen nach zu Esch gëtt, mee dat war u sech en Escher an en Déifferdenger Club. Mir hunn net fir näischt an der Schoul deen ale Fechtsall – dee mer esou nennen zu Déifferdeng, well dat ass do, wou de Fechtsport ausgeüübt ginn ass.

Den Här President, ech hat scho mat him rieds, hie wëll erëm eng Jugendsektioun zu Déifferdeng opliewe loossen. Dass mer zu Déifferdeng vläicht erëm eng Kéier en Escrime Sud zustane bréngen. An do wäerte mir, de Service des sports sou gutt wéi ech a wéi dee ganze Schäfferot, hannendrustoen, dass dat och kéint realiséiert ginn. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Den Här Scheuren huet d'Wuert. Ech hat hien iwwersi virdrun. Et war awer keng Absicht. Här Scheuren, wannechgelift.

**MICHEL SCHEUREN (LSAP):**

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Esou een Evenement op Déifferdeng ze kréien, ass eng formidabel Saach, dat muss ee wierklech begréissen. Dat ass den Här Zens, mengen ech, hien huet do ganz vill Aarbecht geleescht an och zesumme mam Här Wagner. Dat ass en Evenement, wéi mer net oft een hei zu Lëtzebuerg wäerte gesinn.

Ech muss awer widderspriechen: De Fechtsport, de Fechtclub zu Déifferdeng ass et éiweg ginn, déi hu ganz gutt Resultater och ëmmer gehat. Dat war de Cercle Escrime de Differdange, deen elo am Cercle Escrime Sud ass. An déi hunn eng laang Geschicht. Dat ass elo keen neie Sport.

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *signale que tous les conseillers communaux voudraient avoir plus d'hôtels à Differdange. Cela n'a rien de nouveau et il faudra trouver des solutions pour qu'à l'avenir, Differdange puisse héberger des sportifs de manière adéquate.*
*Thierry Wagner rappelle toutefois qu'il y a une auberge de jeunesse et un hôtel, et que certains sportifs sont hébergés dans la ville. Mais en tant que troisième ville du pays, il est évident que Differdange manque d'hôtels.*
*Comme l'a dit monsieur Olten, il serait pertinent d'organiser des évènements sportifs d'ampleur dans le centre sportif d'Oberkorn à l'avenir. Thierry Wagner mentionne la Coupe d'Europe de football ou le Tour du Luxembourg. Il espère que ce sera possible à l'avenir.*
*L'échevin n'a pas bien compris ce que monsieur Aguiar a voulu dire en parlant de* nouveau sport.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *confirme que c'est bien ce qu'il a dit.*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *répond que Differdange peut se prévaloir d'une très longue histoire en matière d'escrime. Le club Escrime Sud a son siège à Esch, mais à l'origine, c'était aussi un club differdangeois. Thierry Wagner rappelle que l'ancienne salle d'escrime porte ce nom parce que c'est là que l'on pratiquait ce sport à Differdange.*
*Le président de la Fédération souhaite créer une section de jeunes à Differdange. Thierry Wagner, le collège échevinal et le service des sports soutiennent cette idée.*

**MICHEL SCHEUREN (LSAP)** *trouve formidable que Differdange puisse accueillir un tel évènement grâce au travail de monsieur Zens et de monsieur Wagner.*
*Il confirme que Differdange a toujours eu un club d'escrime, qui a obtenu de très bons résultats. Il s'agit du Cercle d'escrime de Differdange, qui est devenu plus tard le Cercle d'escrime sud. Ce n'est donc pas un nouveau sport.*

*Les socialistes soutiennent cette convention tout comme ils soutiendront d'autres évènements tels que le Tour de Luxembourg. L'organisation d'évènements sportifs d'ampleur est importante pour la population.*

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *est conscient du fait que Differdange manque cruellement d'hôtels lors d'évènements comme celui-ci. Mais il informe le conseil communal qu'une fois que le Niederkorn Mall sera construit, un hôtel ouvrira ses portes.*
*Des négociations sont aussi en cours avec l'ONA pour récupérer le Casino une fois que les réfugiés auront été relogés. Il faut aussi tenir compte des besoins des enfants, qui ne doivent pas changer d'école en pleine année scolaire.*
*Le Casino devrait être rénové en septembre. Les négociations avec l'ONA sont en cours et se déroulent de manière positive.*
*Bref, pour les hôtels, il faut encore attendre un peu, mais le collège échevinal est heureux de pouvoir accueillir de grands évènements à Differdange.*
*(Vote)*
*Guy Altmeisch passe à une convention avec les copropriétaires de la maison Krieps. La commune leur met un terrain à disposition pour qu'ils puissent aménager une deuxième porte d'entrée et améliorer ainsi la sécurité des résidents.*
*Guy Altmeisch précise qu'il est question du passage entre l'avenue de la Liberté et la place du Marché. Souvent, des gens y trainent, qui n'ont rien à faire là. L'endroit est mal éclairé.*
*Le vote d'aujourd'hui permet d'augmenter la sécurité, un point pour lequel le collège échevinal s'est engagé. L'éclairage sera aussi amélioré.*
*(Vote)*
*Guy Altmeisch passe à une modification des taxes, tarifs et prix. Il mentionne les frais de personnel, la hausse du prix de l'énergie, etc.*
*Le collège échevinal en a discuté et a comparé les prix des autres communes. Finalement, il a décidé d'adapter les tarifs de la Ville de Differdange. Les échevins vont pré-*

Ech géif mengen, dass mir als LSAP dat esou gutt wéi sécher alleguerte stäipen. A virun allem awer och an Zukunft nach esou Evenementer kommen, ënner anerem den Tour de Luxembourg am Vëlo an iwwerall, dass mir als LSAP hanner esou groussen Evenementer stinn. Wéi mer och hanner deem ganze Sport stinn, well mer fannen, dass dat wichteg ass fir eis Populatioun, fir eis jonk Leit. Ech soen Iech Merci.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Scheuren. Ech géif eng Erklärung wëllen ofginn. Wat d'Hotelwiesen ubelaangt, ass et eis bewosst, dass mer do ganz schlecht dru sinn, fir esou grouss Evenementer opzehuelen. Mir wiere méi wéi frou, wa mer dat kéinte bei eis alles an der Gemeng stemmen. Ech kann Iech awer bescheinegen, dass mer zu Nidderkuer, wann deen neie Mall fäerdeg gebaut ass, en Hotel dobäikréien, mat enger Unzuel un Zëmmeren, dee méi grouss a méi staark wäert ginn.

Ënner anerem si mer amgaangen, mam ONA ze verhandelen, dass mer de Casino, tel quel, als Hotel erëm kënne recuperéieren, no engem verstännegen Delai, wann déi Refugiéen, déi do sinn, replacéiert sinn op enger anerer Plaz. A Relatioun an ëmmer am Respekt zu deene Kanner, wann d'Schoul eriwwer ass, dass se en neit Schouljoer ufänken an enger anerer Schoul an net dee Cut do gemaach gëtt wärend engem Schouljoer.

Dat dauert vläicht, mam Casino, bis September, bis dat renovéiert ass. Mee do si mer a Verhandlunge mat der ONA. Dat gesäit awer ganz gutt aus. Soudass mer eis do nach e bësse musse gedëllegen. Awer ëmmer erëm frou sinn, fir esou riseg Evenementer hei an der Gemeng unzehuelen.

Wann et dozou keng Wuertmeldunge méi gëtt, géife mer zur Ofstëmmung kommen.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention de partenariat avec la Fédération luxembourgeoise d'escrime portant sur l'évènement 6 Tickets to Paris.*

---

Ech soen Iech Merci. De Punkt 7g wéilt ech erklären. Dat ass eng Konventioun, déi mir mat engem Syndikat vun de Koproprietäre vun der Residence Maison Krieps maachen. Mir stellen der Koproprietéit e klengt Stéck Terrain zur Verfügung, fir dass eng zweet Päertchen do ka gemaach ginn, fir dass eng zweet Päertche kann amenagéiert ginn. Dat ass eng Plus-value fir d'Sécherheet vun de Bewunner vun deem Haus.

Wann déi nämlech net do ass, Dir wësst, vu wat ech schwätzen, dat ass dee Passage Liberté-Maartplaz, do sinn des Ëftere Leit, déi näischt do ze sichen hunn, an deem Eck do hanner den Dreckskëschten an esou virun. Well et och schlecht beliicht ass, et e liichten Zougang ass.

Wa mer dat haut géife stëmmen, géife mer de Leit eng Sécherheet bidden an deenen Appartementer, déi se bis elo nach net haten. Mir hunn eis als Schäfferot engagéiert, zu méi Sécherheet bäizedroen. An an deem Eck anengems géifen eng Beliichtung maachen, déi méi staark ass wéi déi, déi mer haut virfannen, nodeems déi Päertchen dann do amenagéiert wär.

Gëtt et Wuertmeldungen zu deem Punkt? Keng weider Wuertmeldung, mir kommen zur Ofstëmmung.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention avec le syndicat des copropriétaires de la résidence Maison-Krieps pour la mise à disposition d'un terrain communal dans l'intérêt de la sécurisation de l'accès à l'entrée du bâtiment.*

---

Ech soen Iech Merci. Punkt 8a, eng Modifikatioun vun den Taxen, Tariffer a Präisser vun de verschiddenen Déngschtleeschtunge vun eiser Gemeng. Personalkäschten, Erhéijunge

vun der Energie, Präisupassunge vun den Entretienskontrakter mat deene verschiddene Firme sinn d'Ursaach vun dësen neie Präisser.

Mir hu laang diskutéiert, verglach mat anere Gemengen, a gerechent, fir dës proposéiert minimal Haussë festzeleeën. D'Eenzelheete vun deene verschiddene Secteure géifen d'Ressortschäffen Iech virstellen, fir dass mer eng Transparenz an deen Dossier kréien. Ugefaange mam Här Wagner, fir deen éischten Deel. Här Wagner, wannechgelift.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Am Kapitel B6 geet et ëm d'Mise à disposition vum Material.

Mir hunn eng Tarifikatioun bäigesat an der Rubrik vum Spullweenchen. Et ass esou, dass des Ëftere just Telleren a Besteck gefrot gëtt, ouni dee ganze Spullweenchen ze lounen. Esou kënne mir där Demande och nokommen. Wuelwëssend, dass duerch dat neit Offallgesetz d'Ufroe fir Porzeläin geléint ze kréien, méi grouss wäerte sinn.

Et ass och no Residenten an Non-résidente gestaffelt, wéi dat bal ëmmer esou ass. Mir froe 60 Euro fir Awunner oder ASBLen aus der Gemeng an 120 Euro fir Non-résidents, alles hors TVA.

D'Tariffer goufen an der Festivitéitskommissioun diskutéiert a positiv aviséiert, respektiv och an der Finanzkommissioun. Merci, fir dat esou matzestëmmen an de Veräiner do méi Méiglechkeeten ze ginn.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Wagner. Da kéime mer zum B8, dat ass den Tarif vun den Entréesbilljeeën. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, hei handelt et sech ëm déi kulturell Evenementer, déi mer am Ale Stadhaus hunn. D'Tariffer si vu sechs Euro op siwen Euro erhéicht ginn. Dat ass, ënner anerem, de Kino, den Thé dansant, den Open Micro. D'Animation pour enfants hu mer vun 12 op siwen Euro erofgesat. D'Tarifs réduits sur billets d'entrées ass och vu sechs op siwen Euro erhéicht ginn.

Déi gréisst Erneierung ass, dass mer elo den Tarif wäerte riichten nom Coût vum Spektakel. Et ass net logesch, dass ee Spektakel, deen e puer 100 Euro kascht, am Entréesbilljee d'selwecht kascht wéi e Spektakel, dee 40.000 oder 30.000 Euro kascht. Soudass dat en fonction vun der Kategorie, wéi Der hei gesitt, gestaffelt gëtt, en fonction vum Coût vum Spektakel, deen den Artist da kritt, oder déi Grupp, déi optrëtt. Ech mengen, dat ass méi eng fair Duerstellung.

Dat anert ass, dass mer en Abonnement aféieren. Zum Beispill fir delL'Essentiel du Rire kritt ee Reduktioune vun 30 %, 20 % respektiv 10 %, jee nodeem. Wann ee sechs Billjeeë beienee keeft vun deenen aacht, déi proposéiert ginn, da kritt een 30 %. Wann een der véier keeft, kritt een 20 %. A wann een der zwee keeft, kritt een 10 %.

Et ass kloer, fir d'Abonnementer séniors, jeunes et enfants, do gëtt et keng Reduktioun. Déi sinn do net méiglech.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Da kéime mer zu den Owescoursen. Den Här Wagner nach eng Kéier, wannechgelift.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci fir d'Wuert. Mir hunn d'Tariffer fir d'Sproochecoursen ugepasst, well mer do relativ wäit ënner deenen anere gréissere Gemengen aus dem Süde louchen. Am Schnëtt, mat der Upassung, leie mer awer nach ëmmer ënner den Tariffer vun deenen anere kommunalen Ubidder oder si plus/minus identesch. Dat soll och esou sinn, well mer fannen, dass d'Sprooch ee wichtegen Integratiounsfacilitateur ass a soll deemno och geférdert ginn. Op där anerer Säit muss sech dat Ganzt awer och op eng gewëssen Aart a Weis droen.

*senter les adaptations concernant leurs ressorts respectifs.*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *passe à la mise à disposition de matériel. Souvent, les gens demandent des assiettes sans Spullweenchen. Ce point a donc été ajouté aux tarifs. Avec la nouvelle loi sur les déchets, la demande en porcelaine va augmenter.*
*Les résidents et les ASBL devront verser 60 € et les non-résidents 120 € hTVA.*
*La Commission des festivités et la Commission des finances ont remis un avis positif.*

**TOM ULVELING (CSV)** *passe aux évènements culturels à l'Aalt Stadhaus. Le tarif passe de 6 € à 7 € pour les films, les thés dansants et les open mic, de 12 € à 7 € pour les animations pour enfants et de 6 € à 7 € pour les billets à prix réduit.*
*Par ailleurs, les tarifs seront calculé désormais selon le cout du spectacle. En effet, certains spectacles coutent quelques centaines d'euros et d'autres 30 000 € ou 40 000 €. Le prix ne peut pas être le même. Tom Ulveling estime que les tarifs deviendront plus équitables.*
*L'Aalt Stadhaus va aussi introduire des abonnements. En fonction de l'abonnement choisi pour L'essentiel du rire par exemple, on aura droit à 10 %, 20 % ou 30 %. Cela dépendra du nombre de billets achetés.*
*Dans le cas des abonnements, il ne peut pas y avoir de réductions pour les séniors et les jeunes.*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *passe aux tarifs des cours de langues. Differdange facture nettement moins que les autres communes du sud. Même avec l'adaptation, la commune facturera toujours moins que les autres. Le collège échevinal souhaite, en effet, promouvoir l'intégration, mais il faut aussi que les services puissent fonctionner de manière autonome.*

*La commune prépare par ailleurs une offre pour le personnel des hôpitaux et le personnel des maisons de soins. En effet, les séniors ne comprennent pas toujours bien le français. Il est important qu'ils puissent communiquer en luxembourgeois. Les nouveaux cours permettront au personnel d'apprendre la terminologie dont ils ont besoin dans le cadre de leur travail.*
*Ces cours seront obligatoires, mais il est plus facile d'apprendre une langue dans le cadre du travail.*
*Le collège échevinal est déjà entré en contact avec le CHEM et les services de soins.*
*Thierry Wagner signale que des débats ont eu lieu au sein de la Commission des finances, qui a finalement trouvé un compromis.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *annonce que les Repas sur roue seront facturés au prix comptant. Servior enverra la facture à la commune, qui se chargera ensuite de refacturer les repas aux clients.*
*Servior a adapté ses prix à l'inflation en 2022 et en 2023. Ces cinq augmentations représentent en tout 3,49 €. Le prix du repas et de la livraison passe donc de 15,27 € à 18,76 €. La commune prendra les frais administratifs pour la refacturation et les plaques chauffantes à sa charge.*
*Le collège échevinal est intervenu auprès de l'office social pour s'assurer que l'augmentation des prix n'empêcherait pas certaines personnes de profiter du service.*
*En plus des prix, la commune a aussi évalué les prestations et analysé les solutions de rechange. Mais Servior propose un service de qualité sans véritables concurrents. Une diététicienne prépare notamment les menus pour les personnes suivant des régimes particuliers. Servior ne peut donc pas être comparé à un restaurant ordinaire. En outre, les clients peuvent choisir entre différentes options.*
*Le collège échevinal a eu une entrevue constructive avec la direction de Servior. Celui-ci se chargera des contrats avec les clients, même si la commune s'occupera de la facturation.*
*Jerry Hartung tient à souligner la bonne coopération entre le service*

Mir sinn amgaangen, eng weider Offerte auszeschaffe fir dat medezinescht Personal aus de Spideeler an dem Reseau vun de Fleegedéngschter. Besonnesch am Hibléck vum direkte Kontakt mat den eelere Leit, wou dat Franséischt oft schwéier ze verstoen ass. Zemools wann ee krank ass, spiert ee sech jo och net grad sou gutt. Dann ass et ëmmer besser, wann ee sech och kloer op Lëtzebuergesch ka verstännegen.

Dowéinst wëlle mer e Lëtzebuergeschcours offréiere fir d'Fleegepersonal, spezifesch op de Secteur cibléiert. Wou si d'Geleeënheet kréien, esou séier wéi méiglech déi richteg Termen ze léieren, fir dass een dës och am Beruff uwende kann.

Dësen ass obligatoresch fir d'Fleegepersonal, mee ech denken, et ass ëmmer besser a méi einfach fir ze léieren, wann et an direkter Verbindung mam Beruff steet.

Mir hu schonns Kontakt mat Servicer aus dem Fleegedéngschtreseau an dem CHEM opgeholl, fir dëst méi genau ze ficeléieren.

Zréck bei déi proposéiert Tariffer. Och déi goufe positiv vun der Finanzkommissioun aviséiert, quitte dass et e puer Diskussioune gouf, ob et ze bëlleg oder eeben ze deier wär. Ech denken, dass mer eng gutt Moyenne fonnt hunn. Merci, fir déi och esou matzestëmmen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Wagner. Den Här Hartung zum Repas sur roues.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. Léif Alleguer, de Repas sur roues, wéi schonns am Dezember an der Budgetsried gesot, gëtt no laanger Zäit nees un de reellen Akafspräis ugepasst. Servior leescht d'Prestatioun mat engem Präis pro Menü a Liwwerung. D'Gemeng engagéiert sech, fir d'Facturatioun ze iwwerhuelen. Dat heescht, Servior schéckt ons d'Rechnung vun allem, a mir refacturéieren et un d'Clienten.

Bedéngt duerch den Index an der Präisdeierecht, huet Servior jeeweils am Abrëll 2022 Januar, Februar, Abrëll a September 2023 de Präis ëmmer liicht ugehuewen, wat bis dato vun der Gemeng net ugepasst gouf. Dës fënnef Erhéijunge maache mëttlerweil insgesamt 3,49 Euro aus. Dat heescht, de Präis geet vu 15,27 Euro op 18,76 Euro erop. Wouvun 12,94 Euro de Menü ausmaachen a 5,82 Euro d'Liwwerung.

D'Onkäschte bezüglech der Facturatioun an de Placken iwwerhëlt d'Gemeng weiderhi ganz. Eng Plack, fir de Menü waarm ze maachen, kascht 646 Euro. Dës mussen dann och emol gefléckt an ersat ginn.

Mam Office social ass geschwat ginn, datt wann déi Erhéijung dozou géif féieren, datt e Client dëse Service net méi kéint an Usproch huelen, datt dëst natierlech net däerf virkommen an dann iwwert de Wee mam Office social zesumme gekuckt gëtt, datt en awer de Repas sur roues ka weider benotzen.

Nieft der präislecher Analys hu mir natierlech och d'Prestatioun ënnert d'Lupp geholl respektiv no Alternative gekuckt. Do muss een awer soen, datt mer mat Servior eng héich qualitativ Offer gebuede kréien, wou et um Marché keng richteg Alternativ dozou gëtt. Et muss ee wëssen, datt vill speziell Ernärungsregimmer fir d'Leit musse berécksiichtegt ginn, eng Dieteticienne d'Menüe matausschafft – wat iwwerliewenswichteg ass. An dat klappt gutt mat Servior. Soudass een net vun engem gewéinleche Restaurant-Service schwätze kann.

En plus hunn d'Leit eng Wiel, wat se bestellen a kënnen zousätzlech innerhalb vum Menü nach deelweis tauschen. An de Prinzip vun de Placken ass och sécherheetstechnesch wichteg.

Mir haten e konstruktiven Austausch mat der Direktioun vu Servior, ënner anerem iwwert de Repas sur roues. Et koum jo och en neit Gesetz zum Agrement fir Déifferdeng a Servior, de Gestionnaire vun der Prestatioun vum Repas sur roues. Dat heescht si maachen d'Kontrakter mat de Clienten, quitte datt d'Gemeng weider de Volet vun der Facturatioun iwwerhëlt.

Ofschléissend wëll ech déi gutt Zesummenaarbecht tëscht dem Repas sur roues an eisem Service Senior Plus ervirsträichen. Wou d'Informatioune gutt hin an hier fléissen. Besonnesch wichteg, wann zum Beispill ee Livreur gesäit, datt ee Senior isoléiert ass an Hëllef brauch, datt si do ons Servicer informéieren, fir datt si dëst wëssen an och do intervenéiere kënnen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. Den Här Bertinelli nach mat den Taxenerhéijungen.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn Iech dat bäigeluecht, wat eis Taxenerhéijungen ugeet. Dir wësst jo vläicht alleguerten, wéi wéi dat mer deet. Déi Diskussioune ware laang a si méintelaang viru sech gaangen. Mee mëttlerweil, wann een dee Budget matgemaach huet, weess ee jo, et ka jo och net sinn, datt eng Gemeng wéi eis méi Fraisen huet, wat d'Parkhaiser ugeet, wat d'Parken ugeet, ewéi se dobäi erakritt.

Duerfir si mer higaangen an hu verschidden Tariffer ugepasst. No laangen Diskussiounen an de Kommissiounen, och uewen an eisem Service vum Verkéier an am Schäfferot, hu mer eis awer esou ugepasst, datt mer nach bei wäitem hei am Süden déi Bëllegst sinn, wat d'Parkingen ugeet.

Dir gesitt déi verschidde Lëschte vun eisen Nopeschgemengen, wat déi froen. Et gëtt verschidden Neierungen, zum Beispill wat d'Diffcard ugeet. Mir si mat enger App ënnerwee, hat ech Iech schonn eng Kéier hei gezielt.

Mir hunn de Probleem, och meng Virgänger, mir sinn hei esou gewuess mat de Parkhaiser, et sinn ëmmer Parkhaiser bäikomm. Mëttlerweil hu mer e grousse Stock u Parkhaiser u Parkingen, déi vun engem geréiert ginn. Do ass ni esou richteg ausgeschriwwe ginn. Mir kréien do Saache gefrot oder Präisser gefrot, zum Beispill, fir déi App misste mer fir 700.000 Euro Maschinne kafen, datt déi kéint funktionéieren an deenen neie Parkhaiser. Do si mer mol an eis Büroen zréckgaangen, hu gekuckt: Wat hu mer? Wat sinn d'Kontrakter, déi mer fir all eenzelt Parkhaus gemaach hunn? Fir dat Ganzt emol eng Kéier op de Leescht ze huelen. A fir ze kucken: Wat geschitt der Déifferdenger Gemeng, wa se eng Kéier all eis Parkhaiser an all eis Parkingen, déi mer hunn, mat den Horodateuren, ausschreift. An all déi Leit, déi et an deem Beräich hei zu Lëtzebuerg gëtt, kënnen eng Offer do ofginn, och fir Déifferdeng. Well dat ass an deem Konzept ni geschitt.

Et ass ëmmer esou gewuess vu Parking zu Parking. An et ass ni esou ausgeschriwwe ginn, datt do ee géint deen anere konnt och bidden, fir dee Bëllegstméiglechen dann op Déifferdeng ze kréien, fir och do déi Fraisen esou kleng wéi méiglech ze halen.

Mir sinn op verschidde Saachen agaangen, d'Diffcard, zum Beispill. Well mer eis déi App elo net kënne leeschte wéinst de Budgeten, wat Der alleguerte wësst, loosse mer d'Diffcard nach weiderlafen. Mir wäerten déi nach ee Joer aktivéieren an 20 % méi bëlleg maachen. Fir déi Leit, déi elo nach mat der Diffcard ginn, déi Habituéen an déi, déi Sport maache ginn op déi eenzel Plazen, datt se mat der Diffcard nach kënne schaffen.

Fir herno, wa mer dat alles fäerdeg hunn, Iech dann ze soen, wat dat Konzept dovunner ass, ob mer déi App kréien oder ob mer déi App net kréien. Mee de Moment, mat deem Budget, dee mer hunn, fir déi 700.000 Euro, war dat net méiglech.

Eng aner Neiegkeet ass, wou vill Leit Probleemer haten, wa se de Summer iwwer an d'Vakanz fueren a véier Wochen net do sinn, dann hu se véier Wochen den Auto virun der Dier stoen, wa se keng Garage hunn, an da gi se protokolléiert.

Do hu mer eis geduecht, wa mer eng Plaz géife fannen, wou se iwwert de Summer hiren Auto kéinten ofstellen. Do feelt hei en Artikel, hunn ech gesinn. Dat war 120 Euro, déi Zäit, wou se fort sinn, mee dat sinn 30 Euro d'Woch. Also wann een zwou Woche fort ass, kascht dat 30 Euro d'Woch. Wou een da säin Auto do kann ofstellen, ouni datt een all zweeten Dag,

*Senior Plus et Servior. Par exemple, si un livreur remarque qu'un sénior est isolé, il prévient le service pour qu'il intervienne.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *avoue que les augmentations dont il va parler lui font mal. Des discussions ont eu lieu pendant des mois. Mais de nos jours, il est intolérable qu'une commune perde de l'argent en mettant à disposition des parcs de stationnement. C'est pourquoi le collège échevinal a dû se résoudre à augmenter les prix après avoir consulté le service mobilité et les différentes commissions. Differdange reste cependant la commune la moins chère du sud — et de loin.*
*Fred Bertinelli a remis une liste des tarifs des communes voisines au conseil communal. Il rappelle que Differdange est aussi en train de réfléchir à la mise en place d'une application mobile.*
*Au cours des dernières années, la Ville a construit de nombreux parcs de stationnement, qui sont gérés par un même fournisseur sans qu'il y ait eu un appel d'offres. Pour mettre en place le système de l'application mobile, il faudrait désormais dépenser 700 000 €.*
*Le collège échevinal s'est demandé quel impact un appel d'offres pour tous les parkings et tous les horodateurs aurait sur la ville. Les acteurs luxembourgeois pourraient se porter candidats. Cela n'a jamais été fait sous cette forme alors que cela permettrait de réduire les couts.*
*Comme la commune ne peut pas se permettre l'application mobile en ce moment, elle a décidé de conserver la Diffcard, qui devient 20 % moins chère. Ensuite, le collège échevinal devra prendre une décision concernant l'app de 700 000 €.*
*Parmi les nouveautés figure la question des gens qui partent en vacances l'été et qui ne peuvent donc pas déplacer leurs voitures pendant plusieurs semaines. La commune va leur proposer un site où laisser leurs voitures au tarif de soixante euros par semaine. De cette façon, ils ne risqueront pas d'être verbalisés tous les deux jours.*
*Le collège échevinal a aussi décidé d'introduire des tarifs spéciaux pour les étudiants. Ceux-ci n'ont*

*pas beaucoup d'argent. Ils profiteront de tarifs réduits.*
*Fred Bertinelli mentionne aussi les nouveaux tarifs de nuit.*
*Tous les détails figurent dans le dossier des conseillers communaux.*
*Le collège échevinal a demandé aux agents municipaux d'être particulièrement stricts dans les quartiers résidentiels. En effet, les riverains ont du mal à trouver des places de stationnement. Le temps de stationnement pour les non-résidents est limité et les agents veilleront à ce que les règles soient respectées.*
*De nouvelles places de stationnement seront aménagées à la villa Hadir. Le parking des Hauts-Fourneaux va disparaitre.*
*Plusieurs parkings sont en cours de construction. Ils sont nécessaires.*
*Fred Bertinelli rappelle que de nombreuses personnes suppriment leurs jardins de devant pour y garer leurs voitures.*
*Le collège échevinal n'a pas eu d'autre choix que d'augmenter les prix. Des concertations ont eu lieu pour conserver un aspect social. Mais il a fallu augmenter les taxes.*
*Fred Bertinelli demande au conseil communal d'approuver les adaptations.*
*(Discussions)*
*Fred Bertinelli rappelle que la commune est en train de prévoir des emplacements pour les camions-restaurants. Quatre d'entre eux se déplaceront à plusieurs endroits.*
*La commune a aussi défini des sites où les camions ne pourront pas travailler pour éviter de faire de la concurrence à des restaurants établis. Un camion-restaurant s'installera dans le Haneboesch de manière fixe pour servir à manger aux camionneurs passant la nuit dans la zone industrielle.*
*Les autres camions-restaurants seront situés près des écoles et des salles de sport. Le tarif est fixé à 600 € pour 6 mois.*

wann ee méi Deeg net do ass, ee Protokoll riskéiert.

An eppes anescht, wouriwwer mer och laang diskutéiert hunn, well mer jo eng Studentestad sinn, hu mer fir d'Studente speziell Tariffer gemaach. Mir wëssen, datt d'Studenten net vill Suen hunn. Si mussen hiren Akt jo hei bezuelen, fir hei an d'Schoul ze kommen. Do hu mer eis geduecht, fir déi Tariffer méi bëlleg ze maachen.

Mir hunn och Tariffer erëm an d'Liewe geruff, déi e bësse vun de Leit vergiess gi sinn. D'Tarifs de nuit, wou d'Leit sech kënnen nuets an d'Garagë stellen, wa se hiren Auto wëlle sécher ënnerdaach hunn. Déi ganz Tarifikatioun hutt Der an Ärem Dossier, ech liesen Iech se awer all eenzel vir, wann Der wëllt. Wann Der zu där enger oder anerer eng Fro hutt, wäert ech gär drop äntweren.

Ech wëll just soen, déi Affär mat den Horodateuren an eise Quartier-residentiellen hu mer misse maachen, well déi Leit an de Quartiere mat enger Carte résidentielle praktesch keng Plaz méi fonnt hunn. Soudatt mer hu musse méi streng duerchgräifen, och mat eisen Agenten. Fir datt déi Leit an de Quartiers résidentiels erëm virun hirer Dier kënne stoen an déi Leit, déi do stinn, da musse réckelen op aner Plazen.

Do gi mer an Zukunft méi streng, kontrolléieren dat och elo méi akribesch, fir datt eis Bierger, déi an deene Quartiere wunnen, do a Rou, wéi et ëmmer war, an hire Quartiere kënne parken a wunnen.

Eenzel Saachen: Villa Hadir, do komme Parkplaze bäi. Den Hauts-Fourneaux verschwënnt, well do d'Place Emile-Metz kënnt.

Dir wësst, datt mer ënnerwee sinn am Moment mat fënnef Parkingen, déi am Entstoe sinn, déi mer wierklech néideg brauchen, well mer iwwerall enk a knapp sinn. Dir hutt jo gesinn, datt praktesch iwwerall, wat keen heibanne gär huet, d'Leit hir Virgäertercher ewechhuelen, fir hiren Auto an d'Virgäertercher ze stellen, well se néierens Plaz méi fannen, fir hiren Auto ze setzen.

Soudatt ech mengen, datt dat hei eng Léisung ass. Mee hei waren net vill Alternativen, wann een eise Budget gesinn huet. A wa mer an deem Rhythmus wëlle weiderfueren an och, wat déi Saachen eis kaschten, och wat d'Parkingen eis kaschten, fir dat hinzekréien, si mer wierklech net derlaanscht komm.

Mir hunn eis hei wierklech laang, laang, laang beroden, fir hei awer nach dee sozialen Aspekt ze hunn a sou bëlleg wéi méiglech déi Taxenerhéijung ze maachen. Mee mir kommen dës Kéier net do derlaanscht. An duerfir géif ech Iech bieden, déi hei ze stëmmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Bertinelli.

(Diskussiounen)

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Mat de Foodtrucks hat ech Iech schonn an engem anere Gemengerot erzielt, datt mer déi op verschidde Plazen an eiser Stad wëllen setzen. Dovunner si véier Foodtrucks, déi ronderëmfueren op verschidde Plazen. Mir hu Plazen an eiser Gemeng, wou Restauratioun ass, déi an deem Beräich scho schafft, wou se net däerfe stoen, well se sech jo do keng Konkurrenz solle maachen.

A mir wäerten, wat ech Iech d'leschte Kéier scho gesot hunn, am Haneboesch ee fixe setzen. Fir déi Leit, déi mat de Camionen do ukommen, d'ganz Nuecht do mussen an der Zone industrielle stoen. Fir datt déi eng Toilette an eng Dusch hunn an do niewendru kënnt e fixe Foodtruck hin, deen déi ganz Zone industrielle versuergt. Do schaffe jo immens vill Leit, déi och mëttes iesse ginn a wou dee Foodtruck bestëmmt ee gudden Undrang huet. Do si mer amgaangen, mat engem ze verhandelen, fir e Foodtruck op déi Plaz ze kréien.

Déi aner wäerte bei de Sportshalen, bei de Schoule stoen. Dat si jo mobil Ween, déi wäerte ronderëmfueren. Si hu Plaze vun ons gesot kritt, mee et ass ëmmer hinne fräigestallt. Déi bezuelen 300 Euro all sechs Méint fir hei an der

Gemeng hir Foodtrucks do ze stellen. Si däerfen elo net an den Zentrum vun Déifferdeng, wou lénks a riets scho Kebappe sinn an esou. Do dénge se eis net vill.

Mee op Plaze wéi bei enger Sportshal, bei engem Terrain oder an der Zone industrielle, wou näischt ass, wou mer frou sinn, wann do Foodtrucks stinn. Et war och ee grousse Wonsch vun deene Jonken, déi gefrot hunn, bis eng gewëssen Zäit owes eppes kënnen ze iessen. Déi vum Sport kommen an, wa se hongreg sinn, eppes kënnen iessen.

Ech hunn dat hei e bëssen extra gesot, well mer schonn eng Kéier iwwer déi Foodtrucks geschwat hunn. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Bertinelli. D'Madamm Engel, wannechgelift.

**MORGAN ENGEL (PIRATEN):**

Merci fir d'Wuert. Mir als Piraten stëmmen dëst mat. Mir hätten eng Fro. Zum Beispill beim 1535° huet sech de Präis net geännert. Do ass einfach deen nämmlechte Präis stoe bliwwen, ënnendrënner beim Parking ouvert steet: pas de changement. Huet sech da wierklech näischt geännert uewendriwwer? Well do ass just de Präis bestoe bliwwen an drënner ass dann als Text …

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Mir wollten do gläich si mat jiddwerengem. De Präis beim 1535° hu mer no ënne revidéiert, well mer d'Parkplaz net méi deier wollte maache wéi enzwousch anescht. Do kënnen d'Leit fir dee selwechten Tarif parken, wéi se enzwousch anescht parken. Dee muss jo net méi deier sinn.

Dat ass positiv an et ass negativ. Well wann der e méi deier gehat hätt, da wieren d'Leit awer eng gewëssen Zäit dohinner parke gaangen. Verschidde Restaurateure soen, et ass gutt, anerer soen, ech hätt léiwer gehat, de Präis wier sou deier bliwwen, wéi e war. Mee hei wollte mer gerecht sinn an dee selwechte Präis iwwerall froen. Duerfir hu mer dat gemaach.

D'Präisser sinn net iwwerall an d'Luucht gaangen. Do, wou mer gemengt hunn, déi Präisser kënnen esou ze loossen, well mer se richteg fonnt hunn a gutt fonnt hunn, hu mer se esou si gelooss.

Wéi gesot, et war d'ganz Kommissioun, déi matdiskutéiert huet, de Schäfferot d'Kommissiounen, d'Verkéierskommissioun – also et ass vill, vill geschwat gi fir déi Taxen do.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci. Den Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Dat heescht, mir diskutéieren elo all déi Punkten zesummen, wann ech dat richteg verstanen hunn?

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Jo, all Punkten. Ech hu kee Probleem domadder.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Okay. Ech wollt dann zu deene puer Saachen eppes soen. Ech mengen, dat mam Material, dat ass an der Rei. Dat ass eng gutt Saach, dass do den Tarif bäigesat gëtt, fir d'Geschier och eenzel ze verléinen.

Ech wollt mech elo konzentréieren op d'Sproochecoursen. Wou ech bedaueren, dass mer do mam Präis eropginn. Also ech verstinn net déi ganz Logik vun den Escher, firwat d'Portugisescht méi deier ass wéi d'Englescht, muss ech soen. A firwat mir déi Logik iwwerhuelen. Verstinn ech net.

Also et gëtt vläicht eng Erklärung. Dass mer Lëtzebuergesch als Integratiounssprooch gesinn, dat mécht Sënn, dass déi am Bëllegsten ass. Et ass do, wou mer wëllen, dass d'Leit et am einfachste gemaach kréien, déi Sprooch och ze léieren. Dass mer da fir déi offiziell

*Fred Bertinelli estime qu'il ne serait pas intéressant de placer un tel camion-restaurant dans le centre-ville, où il y a déjà possibilités de se restaurer. Mais la zone industrielle ou les sites sportifs sont pertinents.*

**MORGAN ENGEL (PIRATES)** *approuvera les modifications. Elle constate cependant que les tarifs n'ont pas changé pour le 1535°.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *trouvait que les tarifs au 1535° devaient être les mêmes qu'ailleurs. C'est pourquoi ils ont été baissés. Certains restaurateurs sont contents ; d'autres moins. Pour le collège échevinal, il s'agissait d'uniformiser les tarifs.*
*Les prix n'ont pas été augmentés partout. Dans certains cas, ils n'ont pas évolué.*
*Les débats ont eu lieu au sein du collège échevinal et de la Commission de la circulation.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *demande si tous les tarifs vont être débattus en même temps.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *répond que oui.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *trouve que l'adaptation du prix pour la location de matériel est pertinente.*
*Il regrette en revanche l'augmentation du prix des cours de langues. Il ne comprend pas non plus pourquoi à Esch, les cours de portugais coutent plus cher que les cours de luxembourgeois et pourquoi Differdange se tient à cette logique. Tout au plus, on peut considérer que le luxembourgeois est la langue d'intégration et qu'elle est donc plus importante. Mais qu'en est-il des autres langues officielles ? Et l'anglais n'est-il pas tout aussi important dans le cadre professionnel ? Gary Diderich estime qu'il faudrait établir des critères plus transparents.*
*Monsieur Wagner a prétendu que Differdange est moins chère que les autres communes, mais ce n'est pas vrai. Sanem, par exemple, est moins chère. Mais de toute façon, pourquoi regarder ce que font les autres ?*

*Gary Diderich se souvient que dans le passé, le conseil communal prônait la gratuité des cours de langues. Le montant demandé servait à s'assurer que les étudiants étaient motivés. Ceux qui terminaient les cours recevaient un billet d'entrée à l'Aalt Stadhaus pour compenser les frais d'inscription.*
*Déi Lénk est aussi contraire à la hausse du prix des Repas sur roues. En pleine inflation, ce n'est pas le bon moment. Et en plus, la pauvreté auprès des séniors est en hausse.*
*Pour ce qui est du stationnement, Gary Diderich demande un vote séparé. Il attend toujours la présentation du concept de mobilité. Pourquoi prendre des décisions maintenant ?*
*En outre, les tarifs de stationnement ne servent pas à rapporter de l'argent. Les contrôles coutent plus cher que ce que le stationnement rapporte. En revanche, celui-ci n'est pas gratuit pour éviter que les gens ne se garent n'importe où. En fait, les tarifs servent à rendre la mobilité plus fluide et à inciter les gens à recourir à d'autres moyens de transport que la voiture.*
*C'est pourquoi Gary Diderich n'est pas contraire à une hausse des prix pour le stationnement sur l'espace public. Les automobilistes doivent pouvoir trouver une place, mais pas l'occuper en permanence. Quant à l'augmentation du prix des vignettes, elle est justifiée dans le but de réduire le nombre de voitures par ménage.*
*En revanche, Gary Diderich n'est pas d'accord avec les décisions concernant les parcs de stationnement. Il pense notamment au parking du Parc-des-Sports, qui se trouve à côté de la gare et d'une ligne de bus nationale.*

Sproochen en Tarif hunn, dat mécht dann och nach Sënn. Du kanns natierlech soen, mat Englesch gëtt d'Emploiabilitéit méi gefërdert a mir wëllen dass d'Leit all bei PwC an op d'Banken op de Kierchbierg schaffe ginn.

Mee iergendwou denken ech, dass dat dann awer net onbedéngt eisen – also och mat Portugisesch kriss de a verschiddene Secteuren éischter eng Aarbechtsplaz. Also ech mengen, mir mussen einfach do e klore Krittär hu vun offizielle Sproochen an net offizielle Sproochen.

Den Här Wagner huet grad gesot, mir wären nach ëmmer méi bëlleg wéi aner Gemengen. Ech mengen, dat ass awer net de Fall. Mir hunn hei Gemengen op der Lëscht stoen, wéi Suessem, déi an hire Präisser méi bëlleg si wéi mir. Ech weess och net, firwat mir do musse bei aner Gemenge kucke goen.

An der Zäit war mol gesot ginn, d'Sproochecourse solle kënne gratis sinn, an dass mer just e Präis froen, fir dass d'Leit och wierklech kommen, wa se sech aschreiwen. Ech hat geduecht, mir wäre bei där Philosophie. Mir hunn dunn agefouert, op meng Ureegung hin, dass d'Leit, wa se de Cours ofschléissen, eng Entrée kréie fir an d'Aalt Stadhaus. Dass een hinnen op deem Wee eppes zréckgëtt, andeem ee se participéieren deet um kulturelle Liewen.

Déi Lénk si géint déi Präishausse, och fir de Repas sur roues. Vill Gemenge participéieren um Repas sur roues, wou se eppes mat drop leeën. Mir maachen dat net méi zënter enger Rei Joren. Mir hunn hei all déi Präishaussen, a grad an der aktueller Situatioun, wou d'Inflatioun wierklech d'Leit an d'Bredouille bréngt, an d'Aarmut bei eelere Leit och ëmmer méi eropgeet. Dat ass dat falscht Signal. Dofir kënne mir dat net matdroen.

D'Tariffer vum Parking, do wär ech frou, wa mer d'Vignettë separat kéinte stëmme vun de Parkhaiser. Mir feelt an der Propos eng Iwwerleeung, déi mat der Mobilitéit zesummenhänkt. Et soll jo e Mobilitéitskonzept ausgeschaafft ginn. Et ass och schonn eent ausgeschafft ginn, mir kréien et just net presentéiert. Respektiv wëll déi nei Majoritéit nach eppes anescht do maachen.

Mee elo huele mer awer hei richtungsweisend Decisiounen, ier mer esou ee Konzept hunn. D'Tariffer fir Parking, déi si jo net do, fir dass mer onbedéngt Suen an d'Keess kréien. Well am Fong kascht et eis méi Suen, iwwerhaapt Tariffer ze hunn a kucken ze goen, ob d'Leit se bezuelen oder net, wéi dass mer einfach dee ganze Buttek géife gratis loossen.

Mee mir loossen et net gratis, well soss Leit éiweg hiren Auto do stoen hunn, egal wou. An d'Leit, déi eng Parkplaz enzwousch sichen, déi fannen da keng. Si kënnen net akafe goen, well dann een éiweg do steet, well e grad virun dräi Wochen decidéiert huet, dass et gutt wär, sech dohinzestellen. Dat ass jo dee ganzen Hannergrond dovunner.

Dat heescht, wa mir Sue froe fir Parking, ass dat, fir d'Mobilitéit méi fléissend ze kréien an och ze orientéieren, ze kucken, dohinner wëlle mer d'Mobilitéit kréien, dohinner wëlle mer se manner kréien oder dohinner hätte mer gären, dass d'Leit sech histellen, fir dann zum Beispill ëmzesteigen op aner Transportmëttel.

Dofir fannen ech et okay, wa mer am ëffentleche Raum mat den Tariffer an d'Luucht ginn, well do ass de Raum enk. Do wëlle mer net, dass d'Leit laang stinn. Do wëlle mer, dass d'Leit kënne Besuch kréien, dass eng Parkplaz ze fannen ass an dass se hir Saache kënnen auslueden. Awer mir wëllen net, dass do permanent Autoe mat Vignettë stinn, illimitéiert. An och e puer Autoe pro Stot oder esou. Dat wëlle mer jo am Fong reduzéieren. Dofir sinn ech averstane mat de Vignetten, dass mer do an eng Hausse ginn.

Bei de Parkhaiser gesinn ech dat anescht, virun allem beim Aquasud. Wou mer e Parkhaus hunn, wat vill eidel steet, wat just fir Fussballmatcher voll steet, wat direkt niewent enger Gare an niewent enger nationaler Buslinn ass. Wou mer eppes ganz Guddes hunn, fir dass d'Leit sech dohinner parke ginn amplaz an de Stroossen.

Eiser Meenung no solle mer iwwerhaapt méi esou kleng Parkhaiser hunn, an d'Autoen aus dem Stroosseraum eraushuelen. Wa mir elo an d'Luucht gi mat de Präisser, kann dat deelweis e géigendeelegen Effekt hunn, dass d'Leit

sech dann awer erëm méi am Stroosseraum parken.

Dofir sinn ech als déi Lénk dogéint, fir beim Parc des Sports mat den Tariffer an d'Luucht ze goen. Bei deenen aneren, déi méi am Zentrum leien, wou mer net wierklech wëllen, dass d'Autoen hifueren, do ass fir eis d'Präishausse okay. Mir wëllen, dass d'Leit grad beim Parc des Sports parken. Et ass deemools gesot ginn, d'Leit solle sech dohinner parken an da kënne se vun do aus mam Vël'OK, mat engem Bus duerch de Rescht vun der Stad fueren. An dat ass dann ongënschteg. An do ass och wierklech genuch Plaz.

Beim Parc des Sports stëmme mir dogéint. Fir de Rescht si mir mat den Ännerungen an de Proposen averstanen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Diderich. Ech géif proposéieren, dass mer de Punkt 8a zesummenhuelen, soss komme mer op eemol awer duercherneen. Wa jiddweree seng Stellungnam geholl huet, kënne mer jo separat de Mikro fräi ginn. Da géif ech d'Wuert un d'Madamm Pregno ginn, wannechgelift.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci fir d'Wuert. Et verwonnert keen, dass ech elo virun allem zu den Tariffer vun de Parkhaiser respektiv zum Parken am grousse Ganze wäert Stellung huelen.

Déi Iddi vun enger Garage d'été respektiv Garage de nuit begréisse mer. Domadder ass ville Leit gehollef, wa se hiren Auto owes respektiv am Summer ënnerstelle kënnen. Déi Iddi vun der Garage de nuit ass et scho ginn.

Et ass schued, dass hei am Tariffereglement keen Tarif fir d'Woch virgesinn ass. Wa mer dat elo stëmmen, da stëmme mer de Mount fir 120 Euro an da misste mer an engem nächste Gemengerot nach eng Kéier nostëmmen, well soss si mer jo net en règle.

Och flott fanne mer, dass fir d'Studente gesuergt gëtt. Mir hunn eis an der Fraktioun gefrot, ob 60 Euro ugemooss wär fir e Student, ob dat vläicht ze vill ass oder net. Ech denken, dass Der do warscheinlech Récksprooch geholl hutt mat de Studentevereenegungen oder vläicht mat der LUNEX. Wéi ech a Frankräich studéiert hunn, hunn ech méi bezuelt. Mech hat dat net gestéiert. Mee ech hat awer och aner Echoen héieren.

Dat ass emol immens positiv. Nom Positive kënnt awer oft dat Negatiivt. Et deet mer leed, Här Ulveling. Ech huele vläicht do e bëssen aus.

Bis elo war d'Logik, oder wéi mir et gesinn haten, wéi mir am Schäfferot waren, hate mer en Ënnerscheed gemaach tëschent parken am Zentrum a parken an der Peripherie. Zu de Parkhaiser am Zentrum hate mir deemools d'Aalt Stadhaus, d'Groussstrooss an d'Place des Alliés gezielt. D'Place des Alliés, well et eng zentral Plaz ass fir de Fousbann.

Parkhaiser, déi zentral ugesi waren, waren an där Logik och méi deier. Well et geet ee jo dann an den Zentrum an do bezilt een dann ee Krack méi. Well normalerweis an engem Zentrum ass ee besser un den ëffentlechen Transport ugebonnen an da mécht de Client oder den Usager de Choix, fir vläicht e bësse méi ze bezuelen.

Si waren nach ëmmer gënschteg. Ech mengen d'Parken zu Déifferdeng am grousse Ganze war an ass och elo nach relativ gënschteg.

De Parc des Sports war deemno an der Peripherie an dofir konsequent méi bëlleg wéi all déi aner, déi am Zentrum waren. En ass jo och méi wäit ewech vum Zentrum. Eng ganz Rei Usageren hunn dovunner profitéiert, fir am Quartier Sport ze maachen oder hiren Auto do ënnerzestellen a vun do mat enger Trottinette, ze Fouss, mam Vël'OK-System, wéi den Här Diderich sot, an den Zentrum ze kommen.

D'Iddi vun enger Plaz, wou een en Auto zéng Stonne stoe konnt loossen an op d'Gare ze goen, déi war net an der Ursprongsiddi, well een esou vill Leit oder vill Trafick awer an de Quartier résidentiel drainéiert hätt. Wou, mengen ech, Déifferdeng elo net déi beschte Plaz ass onbedéngt, fir e Park Ride ze

*Que les gens s'y garent est une bonne chose.*
*Il faudrait construire davantage de petits parkings et inciter les gens à ne pas se garer dans la rue. Augmenter le prix des parcs de stationnement n'est donc pas une bonne idée.*
*En revanche, Gary Diderich approuve la hausse des tarifs des parkings dans le centre afin de réduire le nombre de voitures. Les gens doivent se garer au parc des Sports et ensuite prendre le vélo ou le bus.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *préfère que le point 8a soit voté en une fois pour éviter les erreurs.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *souhaite prendre position concernant le stationnement. Elle salue les idées du garage d'été et du garage de nuit, qui vont aider les gens.*
*Elle regrette cependant que le règlement ne prévoie pas un tarif hebdomadaire. Aujourd'hui, le conseil communal approuvera 120 € par mois, mais la commune ne sera pas en règle si elle souhaite permettre aux gens de se garer par semaine.*
*Pour ce qui est des tarifs pour les étudiants, la fraction écologiste a discuté de la pertinence du tarif de soixante euros. Mais Laura Pregno suppose que le collège échevinal a contacté les associations d'étudiants et LUNEX. Quand elle étudiait en France, elle payait plus et cela ne la dérangeait pas.*
*Jusqu'à présent, la commune faisait une distinction entre les parkings en périphérie et ceux du centre, c'est-à-dire l'Aalt Stadhaus, la Grand-rue et la place des Alliés. Ces trois parkings étaient plus chers, car il est facile de se rendre dans le centre-ville avec les transports en commun au lieu d'utiliser la voiture. Mais de toute façon, le stationnement à Differdange reste abordable.*
*Le parking du Parc-des-Sports est en périphérie et coutait moins cher. Il servait aux sportifs et à ceux qui continuaient leur trajet en vélo ou en trottinette. En revanche, le parking ne devait pas servir de park & ride pour éviter de drainer trop de trafic dans un quartier résidentiel.*
*Laura Pregno constate que le collège échevinal a abandonné ces dis-*

*tinctions. Les prix sont désormais partout les mêmes. Elle approuve les tarifs du centre-ville, mais s'étonne de l'augmentation de 300 % des tarifs du parking du Parc-des-Sports. C'est énorme, probablement du jamais vu.*
*En toute logique, le collège échevinal devrait aussi augmenter l'abonnement mensuel de 100 € à 300 €. Mais il ne le fait pas.*
*En plus, le stationnement dans le parking coute désormais plus cher que dans la rue. Or le programme de coalition prévoit de libérer de la place dans la rue pour les résidents. À titre d'exemple, il sera possible de se garer 10 heures sur la place Jehan-Steichen pour 6,40 € et dans le parking du Parc-des-Sports pour 9 €. Heureusement, après avoir consulté la Commission de la mobilité, le collège échevinal a réintroduit la Diffcard, qui permet de se garer pour 7,20 €*
*Mais le résultat est le même. Ceux qui travaillent dans le quartier vont se garer dans la rue. Le collège échevinal fait donc le contraire de ce qu'il a promis. Car beaucoup de gens travaillent à Oberkorn — notamment le personnel communal.*
*Monsieur Bertinelli a dit que les tarifs du 1535° ont changé, mais c'est faux. Ils doivent permettre aux clients des entreprises du 1535° et des restaurants de trouver des places libres. Mais Laura Pregno a récemment pris un menu du jour au restaurant. Elle est restée 2 heures 15 pour 6 €. Dommage pour le restaurant, mais à ce prix-là, elle ne pourra plus s'y rendre. Six euros, c'est définitivement trop.*
*En revanche, elle pourra y aller diner le soir et profiter du tarif de nuit à partir de 18 h. C'est une idée chouette, appliquée aussi dans les grandes villes. Mais dans ce cas, pourquoi, à la villa Hadir, le collège échevinal augmente-t-il les prix jusqu'à 20 h ? C'est à peine 250 m plus loin. Le gérant du restaurant aurait sans doute préféré de meilleurs tarifs à partir de 18 h pour les quelques places de stationnement qui lui restent. Celles derrière seront supprimées pour construire le lycée. Maintenant, Laura Pregno ne pourra plus aller manger avec sa famille à la villa Hadir à 18 h à cause du prix du sta-*

maachen, well mer mobilitéitstechnesch dorunner erstécken.

Dat ass elo net méi esou. Dir schäert all Parkhaus iwwert deen nämmlechte Kamm, d'Präisser sinn iwwerall d'nämmlecht. Dat heescht, dat Peripherie-Zentrum-Steierungsutensil vun der Mobilitéit fält ewech.

Mat all Tarif am Zentrum kënne mir liewen. Wat eis awer verwonnert, ass de Parc des Sports. Virdrun huet ee fir zéng Stonnen do ze parken, dräi Euro bezuelt. Elo bezilt een néng Euro. Wou gëtt et dat? A wéi enger Gesellschaft gëtt et eng Präisdeierecht vun 300 %? Dat ass enorm. Dat si richteg vill Suen.

Erhéicht Der dann och – mee dat maacht Der net, well dat hunn ech gesinn – esou konsequent d'Abonnement, wat bei 100 Euro louch fir de Mount, op 300 Euro? Well dat wär jo dann d'Logik hannendrun. Déi ass awer net do.

Dann ass doduerch, wann ech d'Beispill Quartier Uewerkuer/ Parc des Sports huelen, de Parkraum an der Strooss manner deier wéi deen am Parkhaus. D'Iddi am Koalitiounsaccord war awer: Mir maachen de Parkraum an der Strooss fräi fir de Resident.

Wann ech awer elo do wëll parke goen, bezuelen ech fir zéng Stonnen op der Place Jéhan Steichen 6,40 Euro an am Aquasud néng Euro. Bon, elo hutt Der, après coup, nodeems den Dossier an der Mobilitéitskommissioun war, d'Prozenter op der Diffcard erëm bäigesat. Da bezuelen ech am Aquasud nach ëmmer 7,20 Euro, wann ech do 20 % kréien.

Dat heescht, Parkraum an der Strooss ass méi bëlleg. Dat heescht, all déi Leit, déi an deem Quartier schaffen, déi fréi moies schaffe kommen, parken an der Strooss an net méi am Aquasud. Domadder hutt Dir awer elo de Contraire gemaach vun deem, wat Dir eigentlech wollt maachen. Oder wéi ech et op d'mannst verstanen hunn. Well Dir sot andauernd, d'Stroosse mussen erëm fräi gi fir d'Residenten.

Schlussendlech kënnt de Resident an all déi Parkplaze si besat vun de Leit, déi am Quartier schaffen. A grad am Quartier Aquasud/Parc des Sports schaffen eng ganz Rei Leit, ënner anerem och eist Personal. Wou, ech mengen, et bis elo immens frou war, dass et konnt op de Parking Aquasud zréckgräifen.

Den Här Bertinelli huet gesot, de 1535°-Parking ännert. En huet net geännert. Déi Präisser, déi am Tariffereglement stinn, sinn déi, déi och am leschte Schäfferot esou diskutéiert gi waren, well mer wollten de Parkraum hale fir d'Leit, fir d'Clienten, déi an de Creative Hub komme bei déi verschidde Firmen. Clienten, déi och vläicht an d'Restauratioun iesse kommen.

Ech war deslescht an der Mëttesstonn do iessen, et war immens flott. Ech stoung zwou Stonnen a 15 Minutten do, hat e Menu du jour giess. Ech hunn herno sechs Euro Parking bezuelt. Et deet mer leed fir de Betrib, deen do ass, ech ginn net méi an der Mëttesstonn dohin iessen. Well wann ech muss sechs Euro Parking bezuelen, dat ass mir absolutt ze deier.

Dann ass et awer flott, well owes kann ech do iesse goen. Ech kréien den Tarif de nuit ab 18 Auer. Fannen ech flott. Ass och a ville Grousstied esou.

Da verstinn ech awer net, dass ech do ab 18 Auer en Tarif de nuit kréien an 250 Meter méi wäit, bei der Villa Hadir, erhéije mer elo de Parkraum bis 20 Auer. Mengt Der dann net, den Inhaber wär och frou, wann déi puer Parkplazen, déi em elo bliwwe wiere virun der Dier … Well hannendrun, ware mer eis all eens, huele mer se ewech am Dag fir den Emile Metz.

Et ass wichteg, dass mer e Lycée kréien et j'en passe. Wann ech awer elo mat menger Famill um hallwer siwen do iesse ginn – ech hu jo zwee kleng Kanner, mir iessen neierdéngs géint 18 Auer, 18.15 oder 18.30 Auer –, da bezuelen ech Parking bis 20 Auer. Gutt. Da ginn ech och vläicht do elo net méi iessen.

Fannen ech e bësse komesch. Eng Kéier maache mer et esou, eng Kéier maache mer et esou.

Da liesen ech an der Zeitung: „Déifferdeng ass dout, mir erwächen Déifferdeng erëm. Kommt all op Déifferdeng“. Elo kënnt da jiddereen op Déifferdeng, ech si frou fir jiddereen, deen op Déifferdeng kënnt, e puer Suen hei léisst, e

flotten Owend huet, e flotte Mëtten huet. Mee da soen ech deem, deen dann elo eemol op Déifferdeng kënnt: Du hues keng Diffcard, du häss se zwar kënne kafe kommen, mee ech verstinn awer, wann s du eemol, wou s de op Déifferdeng bei den Dokter oder an e flotte Restaurant kënns, keng keefs. Du bezils dann elo méi deier wéi deen, dee méi oft op Déifferdeng kënnt. Domadder hunn ech dann awer net esou vill fir d'Commercë gemaach. Well ech wëll jo, dass d'Leit all op Déifferdeng kommen.

Also verstitt mech net falsch, ech fannen definitiv, dass ee soll fir Parking bezuelen. Ech sinn der Meenung, wann een en Auto huet, da muss ee sech och Gedanke maachen, wou een deen Auto ënnerstellt. Dat ass an der Rei. Mir si gënschteg gewiescht, mir si vläicht nach ëmmer gënschteg, mee den Aquasud fannen ech einfach onmoosseg iwwerdriwwen. Ech verstinn einfach d'Logik net hannendrun. Geet et drëms, d'Keesen ze fëllen oder ass iergendeng Mobilitéitslogik hannendrun?

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Sowohl als auch.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Dat feelt mir hei. Hei feelt en Avis vun der Mobilitéitskommissioun am Dossier. Et ass ee vun der Finanzkommissioun dran. D'Mobilitéitskommissioun ass, menges Erachtens, awer op d'mannst esou, wann net méi wichteg. Et geet net onbedéngt just ëm d'Präisser, mee och ëm eng Logik hannendrun. Ech mengen, ech brauch net weider ze betounen, dass mir dee Punkt do net positiv wäerte bewäerten.

Eng aner Fro, déi ech nach hunn zum Reglement vun de Foodtrucks, do feelt mir oder do feelt eis dran: Dierf ech dann elo mäi Foodtruck all Dag dohistellen? Well Dir schwätzt vun engem Dag d'Woch.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Dir wësst jo, wéi d'Foodtrucks funktionéieren. Déi wëllen eppes verkafen.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Jo, jo. Ech denken, Dir wëllt bestëmmt herno nach Stellung dozou huelen an e puer Saache méi kloerstellen. Villmools merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Den Här Cilien, wannechgelift.

**ERIC CILLIEN (DP):**

Merci villmools fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, et ass scho ganz vill vu menge Virriedner gesot ginn. Ech probéieren, et net weider an d'Längt ze zéien. Ech géif awer gären eng Umierkung maachen.

Et deet mer leed, datt an dësem Moment verpasst ginn ass – ech hat et schonn ugeschwat, an Dir hat, mengen ech, och positiv dorobber reagéiert –, datt een och eppes misst maache fir eng Vignette fir déi Leit, déi op Déifferdeng géife schaffe kommen. Déi ganz gären den Tarif och bezuelen, dee se missten all Stonn bezuelen op enger Parkplaz.

(Ënnerbriechung)

Nee, déi professionell Vignette ass fir Camionnetten oder?

(Diskussiounen)

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Net onbedéngt.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Et ass eng professionell dran.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Nee, dat ass eppes anescht.

**ERIC CILLIEN (DP):**

Dat ass eppes anescht. Wann ech an enger Schoul schaffen, an enger EIDE oder Gott weess wou an all Dag a meng

*tionnement. Elle ne comprend pas ces différences de tarifs entre la villa Hadir et le 1535°.*
*En plus, elle a lu dans le journal que le collège échevinal souhaite attirer du monde à Differdange. C'est bien. Mais une personne qui se rend de temps en temps au restaurant ou chez le médecin ne va pas demander une Diffcard. Cette personne paiera donc plus qu'une autre personne qui vient à Differdange plus souvent. Est-ce vraiment une façon d'aider les commerçants ?*
*Laura Pregno ne veut pas que le stationnement soit gratuit. Mais les tarifs d'Aquasud sont exagérés. Quelle est la logique ? Gagner de l'argent ou améliorer la mobilité ?*

**TOM ULVELING (CSV)** *répond que c'est les deux à la fois.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *se demande par ailleurs où est l'avis de la Commission de la mobilité. Elle ne trouve que celui de la Commission des finances.*
*Pour ce qui est des camions-restaurants, le Règlement n'est pas précis. Peut-on utiliser les emplacements tous les jours ?*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *réplique que madame Pregno connait le fonctionnement des camions de restauration.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *suppose que monsieur Bertinelli prendra position tout à l'heure.*

**ERIC CILLIEN (DP)** *va essayer de se montrer bref. Il regrette que le collège échevinal n'ait pas profité de la situation pour introduire une vignette pour les gens travaillant à Differdange. Ce n'est pas une question de prix.*
*(Interruption)*
*Eric Cillien suppose que la vignette professionnelle est réservée aux camionnettes.*
*(Discussions)*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *explique qu'il y a une vignette professionnelle.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *réplique que ce n'est pas ce que monsieur Cillien demande.*

**ERIC CILLIEN (DP)** *précise qu'un enseignant travaillant dans une école à Differdange ne peut pas se rendre à l'horodateur toutes les heures.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *rétorque que c'est pourtant ce que certains font.*

**ERIC CILLIEN (DP)** *répète qu'il regrette que cette vignette n'ait pas été créée. Ces personnes viennent travailler à Differdange et n'en font pas une question de prix. Eric Cillien propose d'introduire une vignette à 80 € ou 100 € par mois — le prix que coute le stationnement à l'horodateur. À Luxembourg-Ville, la vignette est facturée soixante euros.*

**CLAUDE OLTEN (CSV)** *voudrait connaitre les horaires des camions de restauration.*
*Par ailleurs, il trouve que le parking des Écoles est trop petit. Ne pourrait-on pas le déplacer dans la rue Pierre-Gansen près d'ArcelorMittal ?*
*(Interruption)*
*Claude Olten confirme qu'il parle bien de la rue Pierre-Gansen.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *a analysé le dossier et peut accepter les explications du collège échevinal. Malgré les augmentations, les tarifs restent moins élevés qu'à Esch ou à Dudelange.*
*En plus, à Differdange, on a droit à une heure de stationnement gratuite. C'est une vraie plus-value.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *signale que cela n'a rien de nouveau.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *confirme les propos de madame Pregno.*
*(Discussions)*
*Erny Muller tient simplement à souligner les avantages de Differdange par rapport à d'autres. À Esch, on paie neuf euros pour trois heures. Mais Differdange ne doit pas forcément suivre cet exemple.*
*Erny Muller salue les initiatives du parking de nuit et du stationnement pendant les vacances.*
*Les frais de fonctionnement des parkings augmentent. Erny Muller insiste sur le fait qu'il ne parle pas d'amortissement, mais du fonction-*

Gemeng schaffe kommen, da steet um 10 Auer de Pechert do. Ech kann dee Moment net erausgoen, fir meng Vignette ze changéieren, an da voilà. Dat däerf ech net, okay, mee Dir wësst, wéi et ass.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Et gëtt awer gemaach.

**ERIC CILLIEN (DP):**

Mir haten dat ugeschwat. Do war och gesot ginn, doriwwer géif nogeduecht ginn. Ech fannen einfach, datt verpasst ginn ass, an dësem Moment esou eng Vignette anzeféieren. Déi Leit si jo gäre bereet, den Tarif ze bezuelen. An déi kommen och an d'Gemeng schaffen. Déi droe jo och eppes zu eisem ekonomesche Roulement bäi oder zu eisem Sozialen, zu der Edukatioun oder zu wat och ëmmer vun all eise Schüler.

Ech wëll drop hiweisen, datt ee kéint eng Vignette aféiere fir déi Leit. Déi dann de Mount 80 oder 100 Euro bezuelen, dat, wat se eeben och reell géif bezuele fir déi Stonnen, wou se do stinn. Déi si jo och gäre bereet, dat ze bezuelen. Beim Staat kréie se och eng Parkplaz zu engem gewëssenen Tarif, wou se all Mount dofir bezuelen. 60 Euro an der Stad.

Ceci étant dit, dat wier meng Ureegung, vläicht sech dat ze iwwerleeën. Villmools merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Cilien. Den Här Olten, wannechgelift.

**CLAUDE OLTEN (CSV):**

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Ech hunn eng Fro zu de Foodtrucks: Sinn Horairë festgesat, déi Zäit, wou se do stinn?

Déi aner Saach, et ass ee virgesinn an der Rue des Écoles um Parking. Deen ass e bësse kleng. Do ass schonn ëmmer Gewurschtels mat den Autoen. Wär et net besser, deen ënnen an d'Rue Pierre Gansen bei ArcelorMittal ze stellen?

(Ënnerbriechung)

Jo, d'Rue Pierre Gansen. Well uewen, an der Rue des Écoles, do ass et enk. Do si schonn net vill Parkplazen. Dat ass just eng Fro, déi ech stelle wollt. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Olten. Den Här Muller, wannechgelift.

Erny Muller (LSAP):

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Mir als Fraktioun hunn eis dat Ganzt ugekuckt. Mat deenen Erklärungen, déi mir elo kritt hu vun deene responsabele Schäffe vis-à-vis vum Gemengerot, kënne mir liewen. Trotz den Erhéijunge leie mer awer nach wäit ënner anere Stied wéi Esch, Diddeleng. Vun der Stad Lëtzebuerg net ze schwätzen. Do sinn d'Tariffer nach méi héich, souguer weesentlech méi héich.

Ech wëll och emol déi positiv Aspekter ervirhiewen. Ee positiven Aspekt ass, zum Beispill, wat vill anerer net hunn, déi gratis Stonn. Déi gratis Stonn an engem Parkhaus. Dat ass eng immens Plus-value, eng immens wichteg.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Déi gouf et och virdrun.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Jo, déi gouf et virdrun, mee déi hu mer och bäibehalen.

(Diskussiounen)

Nee, ech mengen, mir sollen awer mol soen, wat mir hei zu Déifferdeng hunn, wat déi aner net hunn. Mir hunn dat hei zu Déifferdeng. Zu Esch gesitt Der näischt dovun. Wann Der do dräi Stonne parkt, da bezuelt Der och néng Euro zu Esch.

Ech wëll elo net soen, dass mir dat da musse grad esou maachen. Mee dat

steet jo awer hei schwaarz op wäiss, wéi do d'Tariffer sinn.

Wat wichteg ass, dass mer reagéiert hunn, an dee Parking de nuit, dee jo allgemeng hei och positiv bewäert gëtt, déi Garage de nuit aféieren. An och déi Initiativ, fir den Auto ofzestellen, wann d'Leit an der Vakanz sinn. Wat ech eng ganz gutt Initiativ fannen.

Et muss een och soen, firwat déi Augmentatiounen. Mir gesinn einfach, dass déi Käschte fir d'Bedreiwe vun engem Parkhaus wuessen. Mir schwätze nach net vum Amortissement vum Invest, hu mer nach ni geschwat, weeder bei engem 1535° nach hei bei de Parkhaiser, nach an de kulturellen Organisatiounen. Mee mir schwätzen einfach nëmme vun de Frais de fonctionnement.

Also déi normal Frais de fonctionnement, de gestion, den Entretien, Frais de maintenance, Frais logistiques, etc. Déi wuessen an d'Onendlecht. An dorop musse mer awer reagéieren, well dat belaascht eise Budget ordinaire.

A wat eise Budget ordinaire ze vill belaascht, dat hu mer net méi, fir am Extraordinär mat eriwwer ze huelen, fir nach kënnen hei vill eis Gemeng weiderzeentwéckelen. An dat ass jo awer och wichteg. Dass mer eis Stad och op anere Pläng weiderentwéckelen. Parkhaiser sinn immens wichteg, mee et ass net déi eenzeg wichteg Aufgab, déi eng Gemeng huet.

Da wollt ech op déi 20 % Diffcard ze schwätze kommen. Ech wär frou, wa mer déi kéinte bäibehale fir d'Utilisateuren. D'Haaptutilisateuren, dat sinn awer eis Leit. Ob een dann higeet an et gëtt een de Leit, déi hei schaffen och esou eng Diffcard, dat wär jo dann eng Alternativ. Dann hätte se schonn op d'mannst direkt de Benefice vun 20 %, wat Dir ugesprach hutt, Här Cilien. Déi kéinten dann och an de Genoss dovu kommen, zum Beispill. Dat wär eng Initiativ.

Uewerkuer gëtt ëmmer erwäänt, mee Uewerkuer ass e Parkhaus, dat musse mer kucken, do musse mer dru schaffen, dass mer dat besat kréien. An ech mengen, net eleng den Tarif wierkt dorop an.

(Ënnerbriechung)

Dat verflicht elo nëmme mech, zum Beispill, hunn ech mer iwwerluecht: Wéi kënne mer, ier dat City-Parkhaus fäerdeg ass an esou weider, d'Leit op Déifferdeng drainéieren, déi gär akafe kommen? Ech mengen, mer musse mol eng Kéier och iwwer e Shoppingbus nodenken. Mee dat si Saachen, dat ass nach Zukunftsmusek. Awer trotzdeem net méi esou wäit ewech.

Fir dass mer einfach eis Parkhaiser gläichméisseg besat kréien. Well et ass jo och wichteg, dass den Invest am beschten amortiséiert gëtt. Alles gratis maachen, dovun hu mer och näischt. Well domat ginn déi aner Fraise jo net erof, déi ginn nach héchstens an d'Luucht, déi direkt Fraisen, déi mer am Moment hunn.

D'LSAP steet hanner deenen Erhéijungen. Dir kënnt elo, dat ass jo normal, wa mir an der Oppositioun wäre géife mir och vun 300 % schwätzen, Madamm Pregno. Mir hunn dat och scho gemaach. Ech mengen, dat si Rechebeispiller, et brauch ee jo nëmmen ze extrapoléieren, da weess een direkt, dat do dat geet 300 % an d'Luucht.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Et steet och schwaarz op wäiss do, Här Muller.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Jo, jo. Dat hätte mer och an der Oppositioun ervirbruecht. Mee wann ech awer elo d'Gesamtkonzept huelen, da gesinn ech do …

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Wéi ee Konzept?

(Gelaachs)

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Dat gëtt et net.

*nement, de la gestion, de la maintenance… Le collège échevinal ne peut donc rien faire d'autre que de réagir. Car si le budget ordinaire est impacté trop fortement, il n'y aura plus assez d'argent pour les investissements. Or Differdange doit pouvoir continuer à se développer. Les parcs de stationnement ne constituent pas la seule mission d'une commune.*
*Erny Muller trouve qu'il faut maintenir la réduction de 20 % avec la Diffcard. Les gens travaillant à Differdange peuvent aussi en profiter. Pour ce qui est du parking d'Oberkorn, il faut trouver un moyen de le remplir. Les tarifs ne sont pas les seuls leviers.*
*(Interruption)*
*Erny Muller se demande comment drainer les gens à Differdange en attendant que le City Parking ouvre ses portes. Il suggère la création du bus pour le shopping. Mais ce sera pour plus tard.*
*En attendant, la commune doit essayer de remplir au maximum tous les parkings afin d'amortir ses investissements. Rendre le stationnement gratuit ne servirait à rien parce que les frais ne font qu'augmenter. C'est pourquoi les socialistes soutiennent ces augmentations. Bien sûr, s'ils faisaient partie de l'opposition, ils parleraient aussi de 300 % comme madame Pregno. Mais il ne s'agit que de quelques exemples.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *rétorque que cela figure noir sur blanc dans le document.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *répond que s'il faisait partie de l'opposition, il dirait la même chose. Il faut évaluer le concept.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *s'étonne que monsieur Muller parle de concept.*
*(Rires)*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *ajoute qu'il n'y en a aucun.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *attend de voir ce fameux concept depuis six mois.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *réplique que si madame Pregno avait fait son travail, Differdange aurait déjà un concept.*
*L'opposition ne fait que critiquer la majorité. Il vaut mieux se concentrer sur l'avenir. Le LSAP soutient les augmentations.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *demande de la discipline.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *constate qu'augmenter les prix fait toujours mal. Le collège échevinal a fourni des explications pertinentes. D'autres conseillers ont souligné les incohérences.*
*François Meisch souhaite revenir sur les manifestations culturelles. Les augmentations concernent-elles seulement les spectacles intérieurs ? Il rappelle qu'il y a des années, Rod Stewart, Seal, ZZ Top ou José Carreras ont tenu des concerts en plein air. Si la commune veut rentrer dans ses frais avec ce type de concerts, les spectateurs devront contracter un prêt.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *remercie monsieur Diderich pour ses remarques pertinentes.*
*En revanche, il ne peut que rire quand il entend madame Pregno. Elle ne fait que critiquer les mesures qu'elle a prises elle-même. Il rappelle que le parking des Hauts-Fourneaux va disparaitre. Le centre sportif d'Oberkorn va ouvrir. La piscine va être rénovée et un hôtel va être construit. Où les gens vont-ils aller se garer ?*
*Le collège échevinal a besoin d'une vision pour éviter de modifier le Règlement tous les six mois. En outre, la situation sur les routes n'est pas exclusivement un problème differdangeois, mais national. C'est pourquoi la commune préfère attendre les résultats de l'étude du Fonds des routes.*
*Attendre le Fonds des routes permettra à Differdange d'économiser de l'argent. En plus, de nouvelles gares sont prévues à Niederkorn. Mais Fred Bertinelli préfère attendre que les plans soient réalisés*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Mir waarde scho sechs Méint op d'Konzept, Här Muller.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Wann Dir gutt geschafft gehat hätt, dann hätte mer elo e Konzept, wat d'Mobilitéit ubelaangt. Da wär alles scho fäerdeg a mer missten elo net erëm vu vir ufänken. Jo, dat muss een awer och emol eng Kéier soen.

Et gëtt ëmmer nëmme kritiséiert. Mee dat ass jo elo egal, mir kucken elo an d'Zukunft. Op jidde Fall wëll ech soen, dass mir als LSAP dat hei ënnerstëtzen an och wäerte stëmmen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen Iech Merci, dass mer e bëssen disziplinéiert bleiwen, an dass nëmmen dee schwätzt, deen d'Wuert kritt huet. Well soss komme mer guer net virun. Den Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Ech hätt eng Fro. Präisser erhéijen, dat deet ëmmer wéi. Mir hu verschidden Erklärunge kritt, déi och zum Deel novollzéibar sinn. Verschidden Inkohärenze sinn och genannt ginn, op déi ginn ech net méi an.

Zu menger Fro, déi betrëfft de Beräich Tarifs d'entrée aux manifestations. Bezitt dat sech just op den Indoor, wéi zum Beispill d'Aalt Stadhaus? Oder awer och op eventuell Open-Air-Eventer, wéi virun enger Rei Joren, gréisser Concerte wéi Rod Stewart, Seal, ZZ Top, José Carreras? Well an deem Fall, mat dësem Fonctionnement, missten d'Leit da scho bal e Prêt ophuelen, fir sech en Ticket ze kafen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Meisch. Komme mer zu den Erklärungen. Här Bertinelli, wannechgelift.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Merci fir d'Äntwerten an d'Froen. Ech wëll dem Här Diderich Merci soe fir Är Äntwert. Ech kann Iech do Recht ginn. Wann ech driwwer nodenken, fannen ech dat och nach guer net esou falsch.

Madamm Pregno, also ech muss laachen, wann ech Iech hei héiere schwätzen. Dat ass jo wierklech fir mech d'Satisfaktioun. Dat, wat ech ëmmer vun Iech geduecht hunn, wat Der am Verkéier maacht. Dir bloost einfach do eppes eraus. Déi lescht Joren hutt Der de Verkéier hei esou gemaach an et huet een Iech et ëmmer gesot. An elo gitt Der déi Saache kritiséieren, déi Der selwer falsch gemaach hutt. A gitt déi Leit da kritiséieren, déi probéieren, et dann elo richteg ze maachen. Ech erklären Iech awer, firwat dat esou ass, Madamm Pregno.

Dir jäizt hei fir den Aquasud. Den Aquasud, do wëll ech Iech emol soen, elo an zwee Méint steet op eisem Parking Hauts-Fourneaux e Lycée. Déi Plaze si fort. Wou ginn déi parken, Madamm Pregno? Wou ginn déi Leit parken? A véier Méint geet d'Sportshal zu Uewerkuer op. Wou ginn déi Leit parken? A siwe Méint gëtt de Maxim's ewechgeholl, d'Schwämm gëtt nei gemaach an et gëtt en Hotel dohinner gebaut. Wou ginn déi Leit parken?

Et muss ee jo e bëssen eng Visioun hunn, wann een eppes mécht. Datt een net no all sechs Méint erëm dat ganzt Reglement muss op den Ordre du jour huele fir déi Taxen. Et muss ee jo och kucken, wat an Déifferdeng geschitt. Mir sinn an enger Ëmwälzung, verkéierstechnesch.

Ech géif Iech gäre muer soen, mee et huet näischt mat der Déifferdenger Gemeng eleng ze dinn, et ass en nationale Probleem, et ass en nationale grousse Change, deen do kënnt, wat dee ganze Kordall ugeet.

An duerfir hu mer déi eng Etüd ofgewaart, fir ze kucken, wat de Staat, Fonds des routes an déi alleguerten amgaange sinn ze maachen, datt mer eis do kënnen drunhänken.

Éischtens emol, well mer jo och net wëllen alles selwer bezuelen. Villes wëllen iwwert de Staat bezuelt kréien,

iwwert de Fonds des routes an iwwer anerer, déi do amgaange sinn, Saachen ze maachen.

Mir kréien eng komplett nei Zuchlinn. Mir sinn amgaangen, zu Nidderkuer, fir do nei Garen hin ze kréien. Déi Gespréicher lafen.

Ech wëll Iech et awer net soen, Madamm Pregno, well wann dat eent oder dat anert herno dann net kënnt, da sot Dir zu mir: „Dir hutt awer gesot, dat kéim". Duerfir wëll ech ofwaarden, bis déi Pläng do sprochräif sinn, da kommen ech Iech se weisen.

Dir sidd déi Éischt, déi se ze gesi kritt, gleeft mir dat. Als Éischt kritt Dir se gewisen. Mee Dir musst awer och verstoen, wa mer elo e Konzept vun neien Tariffer maachen, da kucke mer jo och e bëssen: Wat geschitt déi nächst zwee, dräi Joer hei an Déifferdeng? Wat ass lass an Déifferdeng? Wou gi mer hin?

Mir bauen. Den Hauts-Fourneaux geet zou, vis-à-vis gëtt fënnef Joer laang een neie Parking gebaut. Wou och esou vill Parkinge verschwannen, wou kee ka stoen. Wou ginn déi Leit parken?

Déi ginn all an de Parc des Sports. De Parc des Sports wäert dee Parking sinn, an nächster Zäit, deen ëmmer wäert voll sinn, well keen aneren och do ass, bis mer mat deene Parkingen, déi mer alleguerte geplangt hunn, fäerdeg sinn. Esou ass et emol am Fong geduecht.

Mir hunn e bësse méi wäit geduecht. Duerfir soen ech Iech dat. An Dir hätt och kënne wëssen, datt d'Sportshal an zwee Méint fäerdeg ass. An Dir wësst jo, wat fréier schonn an der Sportshal gelaf ass, wéi vill Leit an déi Sportshal gaange sinn. Ech schwätzen net nëmme vum Fussball. Mee, wéi gesot, do an der Schwämm geschitt elo vill. Et ginn och vill Leit an der Woch an den Aquasud. Also ech gesinn dat guer net esou, wéi Dir dat gesitt.

Ech muss soen, datt dat mech e bëssen enttäuscht, datt Der déi doten Attitüd hutt. Bei där enger oder där anerer Saach hätt ech nach kënne soe jo, mee do awer absolutt net.

Wat d'Foodtrucks ugeet, déi Leit hunn esou eng Dose Plazen ausgewise kritt, wou se sech kënnen histellen. Et ass just een, dee fix ass. An do muss een och soen, dat si jo Geschäftsleit, déi bezuelen 300 Euro all sechs Méint, wat jo näischt ass, déi probéiere jo Geschäfter ze maachen. Déi ginn dohinner, wou Schoulen, Sportsinfrastrukture sinn.

Mir hunn hinne méi Plazen ugewisen, datt se sech emol do stellen, emol do stellen. Et ass normalerweis virgesinn, am Ufank, wat mer mat hinnen ofgemaach hunn, eemol an der Woch oder zweemol an der Woch. Et ass dann ze gesinn, wéi hir Geschäfter lafen. Wann elo een enzwousch steet an en huet keen Thüringer verkaf, da geet en net méi op déi Plaz zréck. Wat jo logesch ass.

Ech mengen, et si Geschäftsleit. Mir si frou, wa se kommen a sech dohinner stellen an do e Vide fëllen, dee mer am Moment hu bei Sportsinfrastrukturen oder aneren Infrastrukturen. Mer hunn hinne verschidde Plazen ugewisen.

Dee Fixen, dee kënnt bei de Rond-point an d'Zone industrielle Haneboesch, op den Eck en face vum CID. Well déi Strooss, déi mer elo vum Staat kritt hunn, wou Der jo wësst, datt do nuechteweis Camione stinn, déi Leit hire Besoin do an d'Hecken an d'Wise maache ginn, well do keng Toilette ass an näischt. Do wollte mer souwisou Duschen an Toiletten dohinner bauen.

An do hu mer geduecht, déi Leit hu jo och näischt ze iessen. An do si jo esou vill Leit, déi an där Zone industrielle Haneboesch schaffen, dat wier jo gutt, wann och do den Aarbechter, deen eng hallef Stonn Mëttespaus huet, do kann en Thüringer oder iergendee Bréitchen iesse goen. Duerfir hu mer geduecht, datt dat déi richteg Plaz wär.

Zum Här Cilien. Zemools wat d'EIDE ugeet, hu mer Probleemer de Moment a verschidde Quartieren, well d'Proffe sech an d'Quartiers résidentiels stellen. Wou mer Offere gemaach hunn. Elo musse mer kucken, mir sollten en neie Rendez-vous mat der Direktioun hunn, fir ze kucken, wat fir eng Offer mer do kënne maachen, datt och déi Proffen eng Méiglechkeet hunn, déi net zu Déifferdeng wunnen, iergendwou ze parken. Dat ass amgaangen.

Et war schonn e Rendez-vous festgeluecht, deen ass du versat ginn. Dat war

*pour éviter que madame Pregno ne parle de promesses non tenues. Fred Bertinelli promet de lui montrer ces plans en premier.*
*Pour établir un nouveau Règlement des tarifs, le collège échevinal doit réfléchir au développement de Differdange au cours des prochaines années. Le parking des Hauts-Fourneaux va fermer. En face, il va y avoir un chantier. Or les gens doivent pouvoir trouver une place de stationnement.*
*En toute logique, ils occuperont le parking du Parc-des-Sports, car ce sera le seul disponible. En plus, le centre sportif sera terminé dans deux mois. La piscine va être refaite. C'est pourquoi Fred Bertinelli ne partage pas l'opinion de madame Pregno et se dit déçu de son attitude.*
*Les camions de restauration disposent d'une douzaine d'emplacements. Un seul camion a un emplacement fixe. Le tarif est fixé à 300 € tous les 6 mois. Ce n'est pratiquement rien du tout. Ensuite, il faudra voir comment les affaires se passent. Quelqu'un qui ne vend pas de Thuringer à un endroit ne va pas y retourner toutes les semaines. C'est logique.*
*Fred Bertinelli est content que des commerçants viennent à Differdange combler un manque — notamment près des infrastructures sportives.*
*L'emplacement fixe est situé au rondpoint de la zone industrielle Haneboesch. Il rappelle que des camionneurs passent la nuit sur ce site et que jusqu'à présent, ils ne disposaient même pas de toilettes. Mais cela va changer. Pouvoir s'acheter quelque chose à manger est une bonne chose pour ces camionneurs, mais aussi pour tous ceux qui travaillent dans la zone industrielle.*
*En ce qui concerne la remarque de monsieur Cillien, les enseignants de l'EIDE ont tendance à se garer dans le quartier résidentiel. Le collège échevinal a rendez-vous avec la direction de l'école pour voir comment aider les enseignants qui n'habitent pas à Differdange.*
*En revanche, il ne croit pas monsieur Cillien quand il dit que les enseignants paient cent euros pour se garer. Il rappelle qu'à dix mètres de*

*l'EIDE, il y a un parking à moitié vide. Les enseignants pourraient l'utiliser.*
*(Discussions)*
*Fred Bertinelli insiste sur le fait que les enseignants préfèrent se garer dans le quartier. Mais peut-être qu'ils accepteraient un tarif préférentiel. À voir.*
*Le service de la circulation a déjà essayé de rencontrer la direction de l'EIDE, mais le rendez-vous a dû être reporté.*
*La commune a vidé le parking Reggio – comme il lâ fait pour celui du Casino –, qui lui appartient, mais qui a été utilisé pendant des années par des particuliers. Désormais, il est muni d'une barrière et peut accueillir 25 voitures.*
*Fred Bertinelli conclut en disant qu'il faut évaluer les choses à fond pour savoir comment elles sont réellement.*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *revient sur la question des cours de langues. Differdange s'est inspirée de ce que fait Esch en favorisant les langues de l'intégration. Le luxembourgeois est la première langue. Viennent ensuite le français, l'allemand et l'anglais. Thierry Wagner trouve impressionnant le nombre de personnes parlant l'anglais à Opkorn ou près de l'EIDE.*
*En revanche, ceux qui s'inscrivent aux cours d'espagnol, italien ou portugais le font par intérêt personnel. C'est pourquoi Thierry Wagner trouve normal qu'ils paient un peu plus. De toute façon, il ne s'agit que de vingt euros.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *explique que la commune continue de participer aux financements des Repas sur roues. Elle paie notamment les plaques chauffantes à hauteur de 646 € par personne ainsi que les frais administratifs. Les clients ne financent que la prestation individuelle.*

awer net eis Schold. Mee do si mer och hannendrun.

Natierlech probéiere mer, wa mer op enger Plaz vill Leit hunn, déi era schaffe kommen an déi kee feste Parking hunn, mee ech muss awer soen, datt ech dat net esou ganz gëlle loossen, wat Dir sot, datt Der 100 Euro bezuelt. Op zéng Meter vun der EIDE ass e Parking, dee steet hallef fräi. Déi kéinten deen och benotzen.

(Diskussiounen)

Déi kéinten deen och benotzen. Dee gëtt awer och net vun deene benotzt. Déi stinn och an de Quartieren. Soudatt een dat ëmmer ka vun zwou Säite gesinn. Ob déi Leit dann e Parking unhuelen an dann dee Präis do bezuelen, wann een elo eng Offer mécht! Datt een en Tarif préférentiel, zum Beispill, huet. Dat muss e kucken dann. Mee da muss ee matenee schwätzen.

Wéi gesot, mir haten d'Direktioun eng Kéier an de Verkéiersservice geruff, dat ass awer no hanne verréckelt ginn, mee dat steet nach ëmmer bei eis op der Lee. Mir maachen dat och.

Mir hunn elo de Reggio an der Grousstrooss, wou fënnef Joer Privatleit dra geparkt hunn, wou kee weess, wien do dran ass. Dat ass e Parking vun der Gemeng, deen hu mer elo eidel gemaach, sou wéi mer de Casino eidel gemaach hunn. Do kréie mer da Plaze fräi. Dat ass mat Barriär, do ginn eng 25 Autoen dran. Wou mer dann och de Geschäftsleit eng Méiglechkeet kënne ginn am Zentrum, fir sech e Parking ze lounen.

Wann een op de Fong kucke geet, ass dat alles net ëmmer esou, wéi ee mengt, datt et ass. Mee et muss een dann och emol heiansdo bis op de Fong kucke goen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Bertinelli. Den Här Wagner, wannechgelift.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci. Ech wollt dem Här Diderich äntweren zum Volet Sproochecoursen. Mir hunn eis dat e bëssen ugekuckt. Eis Philosophie ass änlech wéi déi zu Esch, dass mer d'Integratiounssprooche favoriséieren. An do ass d'Lëtzebuergescht natierlech d'Nummer eent. Kloer. An dann hu mer Franséisch, Däitsch an awer och Englesch.

Ech mengen, Dir sidd jo och heiansdo am Opkorn, wann Der do héiert, wéi vill Englesch do geschwat gëtt, respektiv niewendrun an der EIDE. Dofir ass Englesch, menger Meenung no, eng Integratiounssprooch hei am Land. Duerfir wëlle mer déi och favoriséieren.

Spuenesch, Italieenesch a Portugisesch ass gréisstendeels, wann een d'Statistik e bësse kuckt, déi Leit, déi sech do umellen ass éischter méi Fräizäit, den Interessi. Dat sinn net onbedéngt déi, déi d'Sprooch brauchen. Mee dat ass, wéi gesot, méi den Interessi. A wann een déi e bësse méi deier mécht, ass dat och nach kee grousse Probleem. Et si jo schliisslech och nëmmen 20 Euro. Dat mäi Statement dozou.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Wagner. Här Hartung, wannechgelift.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. Ech wollt beim Repas sur roues nach preziséieren, datt d'Gemeng natierlech weider participéiert, wéi et ëmmer geduecht war. Dat heescht, d'Gemeng iwwerhëlt d'Onkäschte vun de Placken. Hei schwätze mer vu 646 Euro pro Persoun. An och wat d'Personal fir d'Facturatioun ugeet. D'Clientë bezuelen individuell d'Prestatioun 1:1.

D'selwecht wéi den Akafsservice, dee mer fir d'Senioren ubidden. Do ass et jo och esou, datt se den Akaf 1:1 bezuelen an d'Gemeng d'Logistik hannendru bezilt.

Ech mengen, wa mer d'Facturatioun net géifen iwwert d'Gemeng lafe loossen, mee direkt iwwer Servior, da géife mer warscheinlech guer net doriwwer

schwätzen, datt mer dës Adaptatioune misste maachen. Mee da wieren déi scho längst en place. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Den Här Ulveling.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech wollt dem Här Meisch äntweren, dass mer déi Tariffer indoor wäerte praktizéieren, à ce stade. Un Outdoor denke mer elo net. Ausser eise Blues Express, deen dëst Joer 20 Joer feiert an deen natierlech gratis bleift. Mer plangen elo keng grouss Fester mat internationale Staren hei zu Déifferdeng. Dir wësst selwer, wat dat kascht huet a wéi vill Leit do waren, dass mer deemools och nach Leit hu misse gratis dohinner schécken, fir dass den Artist iwwerhaapt opgetratt ass.

Soudass ech mengen, dass mer, à ce stade, elo mol eis solle beschränken op déi Institutiounen, déi mer hunn an dat emol gutt ausbauen an da kann een duerno nach ëmmer drun denken, ob een net eppes méi Grousses mécht.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. D'Madamm Pregno freet d'Wuert nach eemol.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci. Ech hunn zwou Prezisiounsfroen: Wat ass d'Philosophie hannendrun, d'Place Jéhan Steichen méi bëlleg ze maache wéi de Parking Parc des Sports, wa mer an enger Logik sinn, dass mer de Stroosseraum wëlle fir d'Residenten huelen? Dat wär déi éischt Fro.

Déi zweet Fro: Dir sot, Dir géift de Casino eidel maachen. Wëllt Der elo Autoen dohistellen oder …?

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Ech hunn de Reggio gemengt.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Nee, Dir hat vum Casino geschwat.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

De Casino, dee gëtt jo eidel gemaach, mee …

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

A, da war et einfach e Mëssel an der Sprooch. Okay, et ass gutt. Well Dir hat eng Kéier Reggio gesot an duerno Casino. Well Der vum Casino geschwat hat, hat ech dat net verstanen.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Do ware jo zéng Joer Autoen dran.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Nee, nee, dann ass et okay. Well et herno nach eng Kéier komm ass. Mee vläicht kënnt Der mer op déi éischt Fro dann äntweren. Merci.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Madamm Pregno, ech hunn Iech jo gesot, do ass esou vill, wat an eiser Stad amgaangen ass ze geschéie mat deene ville Parkingen, déi mer elo wëlle bauen.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Dir hutt keng Philosophie do?

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Dach, mir hunn eng Philosophie. Ech soen Iech, wann Der d'nächst Joer erëmkommt, da schwätze mer iwwert de Parking.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Nächst Joer oder schonn dëst Joer?

*En outre, si la commune ne gérait pas la facturation elle-même, les adaptations dont il est question aujourd'hui auraient déjà été facturées il y a longtemps.*

**TOM ULVELING (CSV)** *revient sur la question des manifestations culturelles et précise que les adaptations ne concernent que les évènements intérieurs. De toute façon, le collège échevinal ne prévoit pas de concert avec des stars internationales. Monsieur Meisch sait combien de tels évènements ont couté et il a même fallu offrir des billets à cause du manque de spectateurs. C'est pourquoi Tom Ulveling préconise de se concentrer sur les institutions existantes dans un premier temps.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *voudrait comprendre pourquoi le stationnement sur la place Jehan-Steichen coute moins que dans le parking du Parc-des-Sports.*
*Monsieur Bertinelli a parlé de vider le Casino. Compte-t-il y mettre des voitures ?*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *parlait du Reggio.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *insiste.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *confirme que le Casino sera vidé…*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *suppose que c'était un malentendu. Monsieur Bertinelli avait bien mentionné le Casino.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *répond qu'il y avait une dizaine de voitures.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *avait mal compris.*
*Monsieur Bertinelli pourrait-il répondre à la première question ?*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *répète que de nombreux parkings vont être construits à Differdange.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *ne comprend pas la philosophie du collège échevinal.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *répond qu'il en parlera l'année prochaine.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *demande si monsieur Bertinelli ne parle pas plutôt de cette année.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *n'était pas là l'année dernière. Madame Pregno était échevine.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *rappelle qu'en décembre, monsieur Bertinelli avait promis un concept pour mars.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *n'y peut rien. Il doit attendre…*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *rétorque qu'elle n'y peut rien non plus.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *veut connaitre d'abord la politique nationale.*
*(Interruption)*
*Fred Bertinelli réplique que madame Pregno n'a qu'à attendre pour voir toutes les places de stationnement qui vont être aménagées. Mais en attendant, le parking du Parc-des-Sports sera le seul à rester ouvert. Il va donc être plein et le collège échevinal doit chercher des solutions de rechange.*

**ERIC CILLIEN (DP)** *précise que sa question ne portait pas seulement sur les enseignants de l'EIDE, mais aussi sur les commerçants — notamment à Niederkorn. Ce n'était pas un reproche, mais une suggestion. Les gens qui travaillent à Differdange savent à quel point il est difficile de trouver une place de stationnement.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *rappelle qu'à Niederkorn, il va y avoir deux parkings : un qui ouvrira rapidement et un autre qui doit encore être construit. Il s'agit aussi d'éviter que les travailleurs du CID ne se garent partout dans la zone Haneboesch quand ils emménageront à Niederkorn. Le collège échevinal doit réfléchir à l'avance.*
*Fred Bertinelli a trouvé un accord pour un parking pour le CID. Des parkings sont prévus en face du stade à Niederkorn, dans le centre-*

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

D'lescht Joer war ech nach net do. Do souzt Dir hei. Ech sinn nach kee Joer do. Do waart Dir do.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

D'lescht Joer am Dezember sot Der, am Mäerz kritt Der e Mobilitéitskonzept. Et ass Abrëll, elo sot Der d'nächst Joer.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Ech hunn Iech elo virun zwou Minutte gesot, datt et näischt mat mir ze dinn huet. Ech muss ofwaarden …

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Et huet och näischt mat mir ze dinn.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Ech muss ofwaarden. Wa mer eng Äntwert op déi grouss Linnen hunn, wat amgaangen ass ze geschéien. An do si wierklech – gleeft mer, wann ech Iech dat soen – grouss Saachen dran.

(Ënnerbriechung)

Ma da gleeft et net. Da maacht, wéi Der denkt. Ech soen Iech, wéi et ass. Ech soen Iech just, datt Der wäert gesinn, datt an e puer Méint, wann all déi Saachen do op sinn, den Hauts-Fourneaux, wa mer deen neie Parking bauen, de Parc des Sports dee Parking am ganzen Eck nach wäert sinn, wou ee ka parke goen.

An da wäert dee ganz, ganz schnell voll sinn. Wann d'Hal op ass a wa mer e Parking bauen, wou fënnef Joer Bauzäit ass, a wann den Emile Metz op der Plaz ass, da bleift net méi vill Parking iwwreg. An da muss ee kucken, datt een dann Alternativen huet. Dat si mer amgaangen ze kucken, datt mer fir déi Zäit Alternativen hunn. Mir plange jo net nëmmen en neie Parking, mir plangen och: Wat geschitt dann? Wou ginn dann d'Autoen hin, wann dee Parking amgaangen ass gebaut ze ginn? Dat ass jo logesch.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Den Här Cilien nach, wannechgelift.

**ERIC CILLIEN (DP):**

Ech wëll preziséieren: Et war net nëmme fir d'Enseignantë vun der EIDE, et war allgemeng och fir d'Commerçanten. Zu Nidderkuer sinn och Leit, déi dee ganzen Dag musse parken, well se e Commerce geréieren an esou weider. Et sollt wierklech kee Virworf sinn. Gesitt et net esou. Et war wierklech eng Suggestioun, déi ech Iech wollt mat op de Wee ginn. Well, ech mengen, dat géif ganz ville Leit hëllefen, déi hei op Déifferdeng schaffe kommen. A mer wëssen, wéi schwiereg d'Parken ass, wéi einfach een et ka maachen.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Här Cillien, mir hunn zu Nidderkuer elo zwee Parkingen. Ee Parkhaus, wat schnell wäert fäerdeg ginn, vill méi schnell wéi dat anert, well et ganz einfach gebaut gëtt. A mir hunn och elo, well mer jo och d'Urgence gesinn hunn, e Parking vun enger Industrie do kritt zu Nidderkuer am Haneboesch. Wou wéinstens eis Aarbechter, wann de CID op Nidderkuer plënnert, net dee ganze Zoning iwwerschwemmen. Datt déi kënnen déi Zäit, bis dee Parking fäerdeg ass, do kënnen drop stoen.

Mir maachen eis scho Gedanken, och en aval: Wat geschitt, wa mer eng Zone industrielle mat 600-700 Leit iwwerschwemmen? Ass nach genuch Parkraum do fir déi Leit?

An dat ass dat, wat ech Iech wëll soen. Do hu mer elo mat engem en Accord, mat deem mer e Parking zesumme wäerten hunn. Wat wierklech e Parking wäert si fir eis Leit aus dem CID, déi do kënne parken. A mir maache ganz, ganz schnell virun, fir dee Parking en face vum Stadion hin ze kréien. An och fir deen am Zentrum vun der Stad an deen zu Uewerkuer hin ze kréien. Mee zaubere kënne mer net.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Bertinelli. A Relatioun zu deem, wat ech elo hei héieren hunn, an a Relatioun zu deene verschiddene Meenungen an deene verschiddenen Detailer, déi mer nach héieren, géif ech Follgendes proposéieren:

Dass mer de Punkt 8a en bloc ofstëmmen, awer d'Stationnementer erausHuelen. De Punkt G1, wou d'Stationnement dran ass, da separat ofstëmmen. Entspriécht dat Äre Virstellungen? Also 8a, d'Modifikatiounen an d'Reglementer vun den Taxen, stëmme mer en bloc of. A mer huelen d'Stationnement eraus. Déi Haussen, déi stëmme mer separat of.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Stationnement, mengt Der d'Vignetten?

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Alles. Mir kënnen elo net all eenzel Säit ofstëmmen. Soss si mer jo nach an dräi Wochen hei. Just de G1.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Dee muss separat ofgestëmmt ginn.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Genau.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Mee mir mussen alles separat stëmmen, de Repas sur roues …

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ma wa mer eis eens sinn, géife mer en bloc ofstëmmen, ausser d'Stationnement. Soss musse mer sechs Ofstëmmunge maachen.

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Dat ass egal.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

D'Stationnement huele mer eraus, dat stëmme mer eenzel of.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

De Repas sur roues stëmmen ech net.

(Diskussiounen)

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Da maache mer sechs Votten.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ass gutt. Mir maache sechs Votten, well bis mer eis elo eens sinn, wat mer net sollen a wat mer sollen, hu mer méi laang Zäit verluer, wéi wa mer sechs Votte maachen.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Dat ass dat, wat mer elo eng hallef Stonn hei gemaach hunn. Dat huet laang gedauert.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Kuckt elo, wéi zügeg mer virukommen. Maache mer vum 8a sechs Votten. Deen éischte Vott ass d'Mise à disposition vum Material.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'adaptation du chapitre B-6* Mise à disposition du matériel *du Règlement des taxes, tarifs et prix.*

Vott iwwert de Punkt B8, d'Tariffer, d'Entréespräisser vun de Manifestatiounen.

*ville et à Oberkorn. Mais il n'est pas magicien.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *propose de voter le point 8a en bloc, mais sans le stationnement compte tenu des prises de position.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *demande si monsieur Altmeisch fait allusion aux vignettes.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *parle à la fois des vignettes et du stationnement.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *constate qu'il s'agit du point G1.*
*Mais qu'en est-il des Repas sur roues ?*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *répète qu'il voudrait tout voter en bloc sauf le stationnement. Autrement, il faudra procéder à six votes.*

**HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)** *répond que ce n'est pas un problème.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *répète qu'il ne voudrait séparer que le stationnement.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *réplique qu'il n'approuvera pas les Repas sur roues.*
*(Discussions)*

**HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)** *propose six votes.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *est d'accord. Car si l'on continue à discuter sur le nombre de votes, on va perdre encore plus de temps.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *rétorque que les discussions ont duré une demi-heure.*
*(Votes)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe aux règlements d'urgence.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *signale que des travaux sont en cours un peu partout. Il mentionne notamment la route langeant l'école du Woiwer, qui va être barrée pour des travaux. En tout cas, l'objectif à terme est d'empêcher le chaos pour les riverains le matin quand les parents conduisent leurs enfants à l'école.*
*À Niederkorn, la commune va refaire trois rues. Il s'agit de la phase 3 de la rénovation de la localité.*
*Le lycée Émile-Metz va procéder aux premières installations sur le parking des Hauts-Fourneaux après le départ de la kermesse.*
*(Vote)*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'adaptation du chapitre B-8* Amusement public *du Règlement des taxes, tarifs et prix.*

Merci. De Vott iwwert de Punkt C2, d'Owescoursen.

*Le conseil communal décide avec 18 voix oui et 1 voix non d'approuver l'adaptation du chapitre C-2* Cours de langues pour adultes *du Règlement des taxes, tarifs et prix.*

Merci. De Vott iwwert de Punkt D1, Repas sur roues.

*Le conseil communal décide avec 18 voix oui et 1 voix non d'approuver l'adaptation du chapitre D-1* Repas sur roues *du Règlement des taxes, tarifs et prix.*

Merci. De Vott iwwert de Punkt G1, d'Stationnementer.

*Le conseil communal décide avec 15 voix oui et 4 voix non d'approuver l'adaptation du chapitre G-1* Stationnement *du Règlement des taxes, tarifs et prix.*

Merci. De Vott iwwert de Punkt G2. Dat ass déi Situatioun vun de Foodtrucks.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'adaptation du chapitre G-2* Droits de place *du Règlement des taxes, tarifs et prix.*

Ech soen Iech Merci. Da kéime mer zum Punkt 8b, den Drénglechkeetsreglementer. Do géif ech d'Wuert un den Här Bertinelli ginn. Här Bertinelli, wannechgelift.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Do hu mer der e ganze Koup, well mer op ganz ville Plazen amgaange si mat schaffen. Dir hutt se vläicht gesinn, déi Stroossen do. Ech wëll just bemierken: Déi Leit, déi mat der Schoul ze dinn hunn, datt mer amgaange sinn – ech mengen, dat ass nach ee Projet vun Iech, Madamm Pregno –, datt mer d'Strooss um Fousbann bei der Woiwer Schoul, zoumaachen. Déi Bull gëtt elo gesat.

Aus Budgetsgrënn gouf se net gesat, mee déi gëtt elo gesat. Dat ass elo amgaange gemaach ze ginn. A wann déi zou ass, da kréie just déi Leit, déi an där Strooss do wunnen en Déngen. An dann ass dat endlech eriwwer mat deem Chaos, dee mer all Moien do hunn, wat de Parking ugeet. A wat déi Saache vun där Schoul do ugeet.

Zu Nidderkuer gi verschidde Stroossen nei gemaach. Dat ass d'Phas 3 vun der Renovéierung vun Nidderkuer. Dat anert si kleng Schantercher, do ass elo näischt Weltbeweegendes dobäi, wat ech Iech misst soen.

De Parking Hauts-Fourneaux, dat wäert schonn den Emile Metz sinn, déi do déi éischt Installatioune wäerte maachen. Oder d'Kiermes. Mee direkt no der Kiermes, wann déi fort ass, da fänken déi schonn un.

Wéi gesot, soss ass näischt Spezielles dobäi.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Bertinelli, fir déi Erklärungen. Gëtt et Wuertmeldungen dozou? Nee. Mir kommen zur Ofstëmmung.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.*

Ech soen Iech Merci. Komme mer zum Punkt 9, Denominatioun vun deem schéine Park um Fousbann. Den Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, en ass net besonnesch originell, den Numm, dee mer do erausgesicht hunn. En drängt sech einfach op. Dat war fréier den Terrain vum AS-Fussballclub. Ech ginn net an den Detail, den Här Muller wäert eis herno méi genau driwwer erzielen.

Ech wëll just zwou Saache bemierken. Mir géifen dat Monument erëm dohinner setzen, mat där Plack, déi verluergaange war. Oder et hat ee se matgeholl, et war net keen. Déi hu mer nei gemaach. Säitlech kënnt nach eng Cortensplack, wou „Parc AS Terrain" drop steet. An do kënnt dann nach dobäi „ASD – à nos morts". Soudass dat, wéi et original war, elo erëm nogebaut gëtt.

De Park ass gutt besicht. Ech wéilt dofir gären e klengen Opruff maachen, well ech vun eise Servicer gemellt kréien, dass dat e bëssen als Hondskackwiss, wéi een dat op Lëtzebuergesch seet, mëssbraucht géif. Ech géif wëllen e bëssen un d'Zivilitéit vun eise Bierger appelléieren, fir ze soen: Wannechgelift, aner Leit ginn och gär do spadséieren. Wann Der en Hond hutt, dann huelt dat, wat e produzéiert, erëm mat heem oder gehäit et an eng Poubelle, mee loosst et net leien.

Dat gesot, wär ech frou, wa mer deem Park kéinten deen Numm ginn.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Den Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci fir d'Wuert. Erlaabt mer, e bësse méi wäit auszehuelen. Mir hunn haut eng Propositioun virleien, fir deen neie Park, deen – an ech soen et och bewosst – um fréieren AS-Terrain am Quartier Fousbann ugeluecht gouf, elo dann och Parc Terrain AS ze nennen. Erlaabt mer e klengen Historique.

Enn 1956 huet d'AS Déifferdeng dëse Fussballterrain um Fousbann a Besëtz geholl. Virdrun huet d'AS um fréieren Terrain vun de Red Boys gespillt, an der ehemoleger Escher Strooss geleeën. „Beim klenge Courtois" huet dat geheescht, zu Uewerkuer. Wat haut och nach ëmmer e Begrëff fir déi Uewerkuerer ass. Do huet d'AS gespillt bis 1956 säit hirer Grënnung.

Deen neien AS-Terrain um Fousbann war direkt ugrenzend un dat ehemolegt Thomas-Stolwierk, wou d'Converter heiansdo Stëbswolleken erausgeblosen hunn, dass d'Spiller de Ball net méi konnten erkennen. Glécklecherweis gehéiert dësen Ëmstand laang der Vergaangenheet un! Och am Interêt vun eise Biergerinnen a Bierger.

Obwuel am Sproochgebrauch ëmmer vum AS-Terrain geschwat gëtt, war dee richtegen Numm Stade Henri Jungers. No der Fusioun mat de Red Boys am Joer 2003 ass de Fussballterrain net méi benotzt ginn.

De Grond heifir war, well säitens der Schmelz en Deel vum Terrain gebraucht gouf, engersäits fir d'Realisatioun vun der Rocade, anerersäits de Bau vun engem Réckhaltebaseng fir Ofwaasser a Reewaasser ënner dem Terrain. Als Ersatz fir den AS-Terrain ass deemools e syntheeteschen Terrain um Woiwer amenagéiert ginn.

Nodeems d'Bauaarbechte vum Waasserbaseng fäerdeg waren, ass geplangt ginn, den Terrain zu engem Park ëmzegestalten. An hei sinn ech e bëssen houfreg drop, viru ronn siwe Joer am Schäfferot d'Verantwortung iwwert d'Ausschaffe vun de Pläng gehat ze hunn.

Déi vireg Koalitioun hat am Joer 2017, beim Untrëtt, déi fäerdeg Pläng virleien. Ech muss leider bedaueren, dass et méi wéi sechs Joer gedauert hat, bis de Park dunn endlech fäerdeg war.

Ech wëll Iech duerch deen neie Park guidéieren an op d'Haaptelementer agoen. Éischtens: d'Gebai vun der Jugendfabrick, dem Jugendhaus Fousbann.

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe à la dénomination du parc du Fousbann.*

**TOM ULVELING (CSV)** *constate que le nom n'est pas vraiment original, mais il est logique. Le site accueillait le terrain de football de l'AS.*
*La commune va y installer le monument et la plaque qui avait disparue. Une deuxième plaque indiquera le nom du parc : parc Terrain-AS.*
*Le parc connait du succès. Malheureusement, les services communaux ont dit à Tom Ulveling qu'il est utilisé comme toilettes pour chiens. L'échevin exhorte les citoyens possédant un chien à faire preuve de civilité et à ramasser les déjections.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *répète que le parc du Fousbann va s'appeler parc Terrain-AS. Il souhaite faire un historique des lieux.*
*Fin 1956, l'AS Differdange a pris possession du terrain. Avant, l'AS jouait sur le terrain des Red Boys au lieudit Beim klenge Courtois.*
*Le terrain de l'AS se trouvait à côté de l'usine Thomas. À cause de la poussière, on voyait à peine la balle. Heureusement, ce n'est plus le cas aujourd'hui.*
*Erny Muller explique que si l'on parle toujours de terrain de l'AS, son véritable nom était stade Henri-Jungers. Ce stade n'a plus été utilisé après la fusion avec les Red Boys en 2003. L'usine souhaitait utiliser une partie du terrain pour construire la rocade et une partie pour aménager un bassin de rétention. Pour remplacer le terrain de l'AS, la commune a construit un terrain synthétique au Woiwer.*
*Après la réalisation du bassin de rétention, l'idée est venue de transformer le terrain en parc. C'est d'ailleurs Erny Muller qui a conçu les plans quand il était échevin. Le collège échevinal précédent disposait de ces plans en 2017, mais il a fallu attendre six ans de plus pour terminer le parc.*
*Erny Muller passe aux éléments principaux du parc. Il mentionne la maison des jeunes du Fousbann, un terrain multisport du côté de la pénétrante, une piste de pétanque pour les séniors, des jeux pour les*

*enfants, une aire de jeux autour du thème de l'aventure et le bassin de rétention.*
*Une allée part du 1535° pour traverser tout le parc en direction du Woiwer. Une piste cyclable longe la pénétrante.*
*Le parc comprend des arbres, des plantes, des fleurs, des bancs et une aire de piquenique. Des jeux d'eau se trouvent près de l'entrée en direction de la rue Henri-Jungers.*
*Erny Muller s'est promené dans le parc lundi, même si le temps ne s'y prêtait pas vraiment. Il a constaté que les poubelles étaient pleines. Il faudrait que la commune les vide plus souvent.*
*Erny Muller a aussi constaté que les cyclistes roulent très vite sur l'allée alors qu'une piste cyclable se trouve à côté. Il faudrait la signaliser. On pourrait également aménager un petit chemin pour que les enfants puissent faire du vélo. Mais en tout cas, les vélos électriques ne peuvent pas traverser le parc à trente ou quarante kilomètres à l'heure.*
*Monsieur Ulveling a aussi mentionné d'autres incivilités.*
*En ce qui concerne la maison des jeunes, Erny Muller trouve qu'elle devrait être intégrée au sein d'un projet intergénérationnel. On pourrait mettre en place des initiatives entre les jeunes et les autres visiteurs du parc.*
*Pour ce qui est du boulodrome, Erny Muller demande à monsieur Ulveling de réfléchir à la question d'un voile de protection contre le soleil pour les spectateurs.*
*Quand on entre dans le parc, on voit tout de suite le monument, qui a été rénové. C'est une réussite. Il s'agit d'un monument aux Morts portant le visage de l'ancien président et membre fondateur de l'AS, Jean-Pierre Nürnberg, mieux connu sous le nom de Bolchen. Sur la stèle, on reconnait aussi le nom du parc.*
*Erny Muller souhaite aux habitants du Fousbann et du reste de la commune de bien profiter du parc Terrain-AS.*
*(Vote)*

Zweetens: en Terrain multisport op der Säit vun der Penetrante Richtung 1535°. Op d'mannst ee klenge Fussballterrain fir d'Jugend sollt hei bestoe bleiwen.

Drëttens: eng Petanquespist, geduecht fir d'Senioren.

Véiertens: Ganz flott Spiller fir déi kleng Kanner, mat enger sougenannter Abenteuerspillplaz am anere Véierel längs der Penetrante Richtung Woiwer. Op dëser Plaz ass och eng natierlech Waasserretentioun fir d'Reewaasser ugeluecht.

Fënneftens: eng ugeluechten Allee, déi vum 1535° ausgeeënd, duerch dee ganze Park a Richtung Woiwer verleeft.

Sechstens: den offizielle Vëloswee, deen nieft der Penetrante baussen um Park verleeft.

De Park selwer ass ugeluecht a verschidde Gréngzone mat Beem, Planzen, Blummebeeter, enger Partie Bänken an enger klenger Picknicksplaz.

Säit vun der Entrée Richtung Henri Jungers fanne mir och Waasserspiller.

Ech wéilt zréckkommen op dat, wat den Här Ulveling gesot huet. Ech war e Méindeg, do war d'Wieder mëttes net esou gutt, leider, an de Park kucken. An do hunn ech och gesinn, dat, wat Dir sot. Also, do sinn eng Partie Drecksbacken ubruecht, déi si voll. Ech mengen, wann d'Saison erëm ugeet, da wäerte mer déi méi oft mussen eidel maache goen. Mee wat mer opgefall ass, do fuere ganz schnell Vëloen iwwert d'Allee. De Vëloswee, deen ass awer op enger anerer Plaz. Soudass mer eis och doriwwer musse Gedanke maachen, fir vläicht Schëlter unzebréngen.

---

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Oder eng kleng Bande op der Säit.

---

**ERNY MULLER (LSAP):**

Vläicht Saache maachen, fir ze weisen, do ass Vëloswee. Vläicht e Wee och, wou déi kleng Kanner kënnen a solle mam Vëlo fueren. Mee et ass kee Vëloswee, fir do mat engem Elektrovëlo mat 30 oder 40 à l'heure derduerch ze flitzen.

Dat ass e bëssen, dat, wat Dir och gesot hutt, nieft deenen aneren Onanneemlechkeeten.

Ech kéim dann op meng Propositioun zréck, déi ech jo och scho gesot hat fir d'Jugendhaus an och d'Aussenanlagen zum Jugendhaus. Dass déi sollten an engem intergenerationelle Projet matagebonne ginn. Mer kéinten do ganz flott Initiativen entwéckelen tëschent de Jugendlechen an deenen anere Leit, déi an hirer Fräizäit, mueres oder mëttes, zesumme mat deene Jugendleche kéinten Aktivitéiten do maachen.

Wat de Boulodrom ubelaangt, Här Ulveling, do riichten ech nach eng Kéier e klengen Appell un Iech, vläicht awer dat sougenannte Sonneseegel unzebréngen. Mir hate jo scho rieds driwwer. Wa mer Boule spillen, et sinn der vläicht heibannen, déi wëssen dat, do sinn ëmmer eng Partie Leit, déi do stinn ze waarden an nozekucken. Dass déi dann net allkéiers de Kapp verbrannt hunn, wa se owes heem ginn.

Zum Ofschloss kéim ech op den Numm vun deem neie Park zréck a géif och heimat mäin Exkurs schléissen.

Am Agang vum Park, et huet mech gefreet, do steet dat Monument schonn. Dat ass komplett erneiert ginn. Wierklech chapeau. Also esou, wéi den Här Ulveling eis weist, steet et schonn do. Ech muss soen, dat ass méi wéi gelongen. An dat ass och deene Leit an der AS würdeg. An och deene Leit, déi do drop sinn. Well nämlech gesi mer, et ass eng Stèle, also e Monument aux morts, wéi den Här Ulveling sot, mam Kapp vum fréiere President a Member fondateur vun der AS, dem Jean-Pierre Nürnberg, och nach genannt Bolchen.

Et ass wierklech ze begréissen, wéi dat do erëm a Stand gesat ginn ass.

Op dëser Stèle gesitt Der, gëtt den Numm Parc AS Terrain säitlech ubruecht. Ech wënschen alle Leit vum Fousbann, awer och allen aneren aus eiser Gemeng, vill Spaass an Erhuelung am neie Parc AS Terrain. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Muller. Eng weider Wuertmeldung zum neie Park? Nee. Mir kënnen zur Ofstëmmung kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la dénomination du parc Terrain-AS.*

Ech soen Iech Merci.

Ech soen Iech Merci. Da kéime mer zum Punkt 10. Ech mengen, mer hu keng Changementer an de Kommissiounen.

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Dach, dach.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Da waart ee Moment.

(Diskussiounen)

**GUY TEMPELS (CSV):**

Fir d'CSV. Commission des festivités: M. Thierry Ternes sera remplacé par M. José Manuel Domingues Patarra.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen dem Här Tempels Merci fir déi Erklärungen.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Op der Cloud steet nach eppes vun der Seniorekommissioun vun de Bierger.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Dann deelt eis dat esou mat. Dann huele mer dat esou mat, och elo wéi dem Här Tempels seng Matdeelung.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Nee, net mir. Déi op der Cloud.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Wie war et dann? Vu wat fir enger Partei?

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Et ass Biergerbedeelegung, wou ännert. Et ass de Monsieur Denis Mancini, deen ophält. An d'Madamm Chantal Kinn géif de Posten iwwerhuelen. An der Seniorekommissioun.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen Iech Merci fir déi gutt Erklärungen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les changements des commissions consultatives et groupes de travail.*

Wann Der domadder d'accord sidd, da géife mer zu de Froe kommen. Do hat den Här Meisch eng ugemellt. Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Eng Fro zum Quartier Wangert. Den Zoustand vun der Infrastruktur gëtt ëmmer méi schlecht. D'Lächer an der Strooss ginn zum Deel esou déif, dass et eng Gefor fir Mënsch, Déier an Auto ass, fir sech do ze beweegen.

Ass ugeduecht, dass, zumindest bis zu enger definitiver Astandsetzung, eis Servicer reegelméisseg do passéieren, fir déi gréisst Schied punktuell ze flécken? Dass wéinstens e bëssen normale Betrib ka garantéiert ginn? Well ech hat selwer virgëschter d'Geleeënheet dat ze gesinn. Dat ass wierklech ganz, ganz krass, wéi et do ausgesäit.

Dat war déi éischt Fro. Soll ech déi zweet och direkt stellen?

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe aux changements dans les commissions. Il n'y en a pas.*

**HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)** *proteste.*
*(Discussions)*

**GUY TEMPELS (CSV)** *précise que monsieur Thierry Ternes est remplacé par monsieur José Manuel Domingues Patarra au sein de la Commission des festivités.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *signale que sur le Diffcloud, il est aussi question de la Commission des séniors.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *approuve les modifications de monsieur Tempels et de madame Pregno.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *réplique que ce n'est pas une modification des écologistes.*

**TOM ULVELING (CSV)** *demande de quel parti il s'agit.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *répond qu'il s'agit d'un citoyen. Monsieur Denis Mancini est remplacé par madame Chantal Kinn.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe aux questions.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *constate que les infrastructures du Wangert ne cessent de se détériorer. La route représente un danger pour les voitures, les piétons et les animaux. Le collège échevinal prévoit-il au moins de réparer les dommages les plus importants ? François Meisch y est passé hier et l'état est catastrophique.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *propose à monsieur Meisch de poser également sa deuxième question.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *signale que dans la Grand-rue, des maisons avec des façades remarquables doivent laisser la place à un grand projet de construction. Or il semblerait que l'investisseur ne puisse plus réaliser les travaux. Le collège échevinal a-t-il des détails ? Il ne faudrait pas que le site devienne un taudis.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *confirme qu'il n'est plus assez téméraire pour passer par le Wangert. Il y a trois jours, il en a discuté avec les riverains. Il est prévu d'effectuer des travaux dès que la météo le permettra. L'année prochaine, la commune fixera un budget suffisant pour refaire toute la rue.*
*En attendant, la commune a dû chercher un goudron particulier pour effectuer les réparations urgentes. En effet, sous le goudron se trouvent des pavés qui ne garantissent pas un maintien suffisant.*
*La commune a demandé des devis. Tout ne dépend plus que de la météo.*

**TOM ULVELING (CSV)** *ajoute que cela dépend aussi de l'argent.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *confirme les propos de monsieur Ulveling. Mais la météo n'arrange rien.*
*Pour ce qui est de la Grand-rue, le collège échevinal n'a pu que constater la faillite de l'entreprise. Six maisons sont concernées. Hier, une agence immobilière a contacté le collège échevinal pour discuter d'un rachat des maisons qui sont encore en bon état.*
*Dès que Guy Altmeisch disposera de plus de détails, il en informera le conseil communal.*
*Madame Pregno n'a pas demandé la parole elle-même ce matin.*

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Jo. Da kënne mer se direkt zesumme beäntwerten.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Déi Fro betrëfft d'Gemeng net selwer. Dat ass an der Grand-Rue. Do gëtt et jo e Projet, wou eng ganz Rei Haiser mat markante Fassade solle Plaz maache fir e gréissere Wunnengsbauprojet. Et koum eis zu Oueren, Iech warscheinlech och, dass den Investor net méi handlungsfäeg wär. Dofir eis Fro: Hutt Dir méi Detailer, wéi et do weidergeet? An der Hoffnung, dass do net e weidere Schandfleck entsteet a jorelaang déi Plaz wäert broochleien. Hutt Dir Informatiounen, déi mir nach net hunn?

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Op déi zwou Froen äntweren ech. Ech si selwer bal net méi esou kéng, fir duerch de Wangert ze fueren. Net méi spéit wéi virun dräi Deeg hat ech nach Kontakt mat Bierger, déi eropkomm si bei mech an de Büro, mat deenen ech geschwat hunn.

No Réckspprooch mam Här Ulveling a mam Responsabelen aus dem CID, si mer zur Konklusioun komm, soubal d'Wieder et géif zouloossen, d'Temperaturen et géifen zouloossen an d'Fiichtegkeet vun der Loft et géif zouloossen, dass mer eng adequat Reparatur géifen duerchféieren, fir dass d'Leit mol erëm kéinten erop- an eroffueren an dann, schlussendlech am nächste Budgetsjoer, déi Renovatioun vun der Strooss vun uewe bis ënnen da ganz ze maachen.

Mee mir hunn de Leit versprach, dass mer do géifen eppes maachen, mat engem Goudron, dee sou laang wéi méiglech hält. Well mer wëssen, dass ënnendrënner Paweesteng sinn an dann net déi richteg Festegkeet garantéiert ass duerch dee Fong, deen do ass. Mee mir hunn awer e Spezialist, deen do de Goudron placéiert. Mer hunn eng extra Zort Goudron fonnt. Mer wäerten an deenen nächsten Deeg, wéi gesot, soubal d'Wieder et erlaabt, de Fournisseur prett ass an alles an der Rei ass, déi Reparaturen duerchféieren.

D'Devise sinn ugefrot. Dat ass alles um Lafen. Wéi gesot, et hänkt nach just um Wieder.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

An un de Suen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

An un de Suen, jo, och nach.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

D'Wieder arrangéiert och näischt.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Jo, d'Wieder ass och net op eiser Säit. Mee mer waarden op gutt Wieder an da gëtt dat alles matenee gemaach.

Déi aner Saach an der Grousssstrooss, déi Faillite, déi mer do leider vun där Firma hu misse feststellen. Do sinn ech laanschtgefuer, ech hunn dat och du selwer festgestallt, dass do eng sechs Haiser, Privathaiser, déi ofkaaft gi ware vum Promoteur, concernéiert sinn.

Den Här Hartung an ech haten eis ofgeschwat. Net méi spéit wéi gëschter hu mer eng Offerte kritt. Ganz komesch, mir haten eis mam Affekot a Verbindung gesat, dee sech ëm d'Faillite këmmert an net méi spéit wéi gëschter hu mer eng Offerte kritt vun enger Immobilière, dass se gäre géife mat eis zesummekommen, fir iwwer e Präis ze schwätze vun deene sechs Haiser. Déi nach an engem relativ gudden Zoustand awer sinn, déi nach kuerzfristeg elo bewunnt waren.

A soubal mer do méi Detailer hunn, wéi gesot, dat ass elo nach ganz frësch, vu gëschter ass dat, hale mer Iech do um Lafenden, wéi mer do virufueren. A wéi déi finanziell Situatioun ass, respektiv wéi mer virukomme mat där Faillite.

D'Madamm Pregno, Dir hutt Iech zwar net selwer ugemellt, mee Äre Fondé de pouvoir.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Ech war Affer vun der Mobilitéit de Moien, ech stoung am Stau zu Nidderkuer.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Dir waart vläicht ze spéit fortgefuer. Mee et ass awer net schlëmm.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Nee. Ech hu mäi Meedchen an d'Bëschschoul bruecht. An ech stoung duerno do.

(Ënnerbriechung)

Nee, et ass ni Stau zu Nidderkuer. Ni. Just haut.

(Gelaachs)

Ech hätt eng Fro. Ech wollt op eis Motioun vu leschter Kéier bezüglech der Police, zréckkommen. Ech hat elo e Samschdeg an der Zeitung gelies, do war en Interview mat der Presidentin vum Syndicat national de la Police grand-ducale, der Marlène Negrini dran. Wou drastoung, dass nach ëmmer 88 Patrulle vu verschiddene Kommissariater am Rotatiounsprinzip ausgeléint, stonneweis detachéiert ginn – ech weess net méi genau de Wuertlaut, deen Der mer genannt hat, deen ech misst benotzen, ech wollt dat nolauschteren nach, mee d'Zäit war net méi duergaangen.

A si hat eben och gesot, dass ganz wéineg Verstéiss do géife registréiert ginn an déi, wéi mer da wëssen, déi registréiert goufen, ënner anerem, da vu jo engem Monsieur, dee sech selwer ugeklot hat, déi goufen ad acta geluecht.

An de Probleem, laut der Madamm, wär awer do. An der Police, am Policewiese wär een zwar gewinnt, dass géif zäitweileg ausgeléint ginn – ech benotzen elo mol dat Wuert, ass dat okay? Mee dass et awer e Probleem géif ginn, well, ech zitéieren: „Für Probleme hat die Wiederholung gesorgt, die Dauer", stoung am Artikel. Dir hat eis am leschte Gemengerot gesot, Dir géift dat nofroen. Ech ka mer virstellen, Dir wéilt äntweren? Dir hutt eng Info, oder? Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Selbstverständlech. Ech sinn ëmmer bereet, fir ze äntweren, wa Froe gestallt ginn. Ech hunn och deen Interview gelies vun der Madamm Negrini. Ech kann Iech just Follgendes confirméieren. Enn Abrëll ass déi Moossnam um Enn. Enn Abrëll gi keng Locatioune méi gemaach vu Beamten. Déi jo net detachéiert ginn, mee déi „en renfort" an d'Stad ginn.

Ech kann Iech awer confirméieren, wat ech gewuer gi sinn, dass dat hei an der Stad Déifferdeng esou ofgelaf ass: D'Kommissariater sinn telefonesch benoriichtegt ginn, wat se kéinte vu Leit ofstellen. Zum Beispill hei zu Déifferdeng hate mir eng Kéier ee Beamte véier Stonnen an eng Kéier ee Beamte sechs Stonnen, déi mir am Delai vun enger Woch an d'Stad verléint hunn. Fir Iech ze soen, wéi grouss d'Envergure, d'Personalenvergure war, déi mir hei vum Déifferdenger Kommissariat zur Verfügung gestallt hunn.

D'Resultat vun där ganzer Affär a vun där ganzer Situatioun, ech mengen, déi gëtt op Niveau vum Minister gemaach, zesumme mat der Stad Lëtzebuerg. An do musse mer ofwaarden, bis déi Aktioun fäerdeg ass. Enn Abrëll leeft dat aus.

An déi Verstäerkungen, déi vun Déifferdeng kommen, déi sinn och minimal, hunn ech mer confirméiere gelooss. Mee aner Chiffere weess ech och net. Well déi dat och net elo am Grand public wëllen duerstellen, bis d'Resultat bekannt ass. Méi Detailer kann ech Iech leider net liwweren.

Mee ech sinn awer, nach wie vor, der Iwwerzeegung, dass, wat eis Sécherheetspolitik hei um Territoire vun der Gemeng ubelaangt, mer do net weider gelidden hunn ënner deene kuerzfristegen an deene ganz minimale Renforten, déi mer an d'Stad ginn hunn.

Ech hoffen, dass mer net méi brauchen iwwer esou Renforten oder esou Netdetachierungen ze schwätzen. Ech sinn och net méi wéi frou, wa mer Renfort

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *a été victime de la mobilité. Elle se trouvait dans un embouteillage à Niederkorn.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *réplique qu'elle est partie trop tard. Mais ce n'est pas grave.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *a conduit sa fille à l'école forestière.*
*(Interruption)*
*Laura Pregno plaisante sur le fait qu'à Niederkorn, il n'y a jamais d'embouteillages.*
*(Rires)*
*Laura Pregno souhaite revenir sur la motion de la dernière fois concernant la police. Elle a lu dans le journal que 88 patrouilles de différents commissariats sont détachées ponctuellement. Elle ne sait plus quel mot monsieur Altmeisch voulait utiliser au lieu de* détaché *et n'a pas eu le temps d'écouter la séance de la dernière fois.*
*Marlène Negrini, la présidente du Syndicat de la police nationale a expliqué, a dit que la police avait constaté peu d'infractions. Elle a ajouté qu'il était habituel de prêter des agents ponctuellement, mais que la répétition et la durée de ces mesures ont créé des problèmes. Monsieur Altmeisch voulait se renseigner à ce sujet.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *a lu lui aussi l'entretien de madame Negrini. À partir de fin avril, il n'y aura plus d'agents envoyés en renfort à Luxembourg-Ville.*
*Les commissariats ont été consultés. Differdange a mis à disposition un fonctionnaire pendant quatre heures, puis un deuxième fonctionnaire pendant six heures.*
*Pour ce qui est des résultats de l'opération, il faudra attendre une communication de la part du ministre et de la Ville de Luxembourg. En tout cas, les renforts mis à disposition par Differdange ont été minimes. Guy Altmeisch n'a pas de chiffres ou de détails plus précis.*
*Le collège échevinal se dit convaincu que la sécurité à Differdange n'a pas souffert de ces renforts minimes. Guy Altmeisch espère qu'il ne sera plus nécessaire d'en discuter. Lui aussi préfère rece-*

*voir du renfort plutôt que d'en mettre à disposition.*

**TOM ULVELING (CSV)** *a oublié de communiquer en début de séance que samedi aura lieu un atelier dans le cadre de Net0Cities. Les conseillers communaux y sont les bienvenus. Il y sera question d'énergie.*
*Tom Ulveling souhaiterait que les partis politiques y soient représentés.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *clôture la séance publique*

kréie vun deenen aneren, wéi wa mir musse Renfort stellen. Selbstverständlech ass dat och meng Meenung.

Wann dat d'Froen all gewiescht wieren, da géif ech dem Här Ulveling nach d'Wuert ginn, deen nach eng Kommunikatioun fir Iech huet.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Ech hat vergiess am Ufank ze soen: Mir organiséieren e Samschdeg de Mueren um néng Auer am Kader vun NetZeroCities ee flotte Workshop, wou Der Iech nach all kënnt umellen. Et sinn nach e puer Plaze fräi.

Et geet haaptsächlech ëm Energie, et sinn e puer Speaker do, déi dat e bësse flott wäerten duerstellen, wat een do alles ka maachen. An et wär flott, wann och vun de Parteien deen een oder deen anere géif un esou engem Workshop emol deelhuelen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Da kéime mer zu der Séance non-publique

# CAFÉ DES LANGUES : INSCRIPTION

Venez pratiquer une langue et vous faire de nouveaux contacts !

Qu'est-ce qu'un café linguistique ?

Il s'agit d'une soirée dans un cadre agréable où les personnes intéressées ont la possibilité d'utiliser la langue qu'elles ont apprise ou qu'elles apprennent – en dehors d'un cours de langue.

Différentes langues sont parlées à différentes tables : luxembourgeois, allemand, français, anglais, portugais, italien, espagnol… Le café des langues sera organisé une fois par mois.

**Conditions d'admission**

Les participants doivent être âgés de plus de 16 ans et avoir le niveau A2 dans la langue qu'ils souhaitent pratiquer.

La participation est gratuite et les boissons sont incluses.

**Dates et inscription**

# LA PAGE DES ASSOCIATIONS


Le DIFFMAG met une page par mois à disposition des associations de la Ville de Differdange. Si vous avez une communication à faire, prévenez-nous la première semaine du mois pour une publication le mois suivant.

Vous aurez ensuite jusqu'au 20 du mois pour nous envoyer votre texte contenant 500 frappes au maximum (espaces comprises), une photo ainsi que vos coordonnées.

Une fois la page remplie, nous ne pourrons plus accepter de demandes. La publication se fera selon le principe du *premier arrivé, premier servi*.

N'hésitez pas à nous envoyer vos communications à dm@differdange.lu.






# Farben & Lacke

Sauber arbeiten und  auf Qualität achten.

Farb- und Lackreste, Reste von Holzschutzmitteln, wie z.B. Lasuren, Öle & Wachse, sowie Verpackungen mit Resten, verschmutztes Arbeitsmaterial aber auch lösungsmittelhaltige Marker und Stifte enthalten Schadstoffe und gehören nicht in den Restmüll und schon gar nicht in den Abfluss !

# *Peintures & laques*

*Travailler propre et faire attention à la qualité.*

*Les résidus de peintures et de laques, les résidus de produits de conservation du bois, par ex. les vernis, huiles & cires, ainsi que les emballages auxquels adhèrent des résidus, le matériel souillé, mais aussi les marqueurs et crayons renfermant des solvants contiennent des substances polluantes et ne doivent pas être mélangés aux ordures ménagères et encore moins être éliminés dans les éviers !*

## Vermeidung

→ Umweltfreundliche Farben und Lacke sind nicht nur gut für die Umwelt, auch für die Gesundheit.
→ Bei Anwendung im Innenbereich auf schadstoffarme bzw. -freie Produkte zurückgreifen.
→ Auf Umweltlabel wie ‚Shop Green' achten.
→ Für Ihren Zweck angemessene Gebindegrössen kaufen.
→ Achten Sie darauf, dass die Farbe ergiebig ist. Sie vermeiden dadurch mehrfaches Streichen.
→ Reste halten sich länger, wenn Sie die Behälter gut verschlossen auf dem Kopf stehend lagern.

## *Prévention*

*→ Les peintures et laques écologiques ne sont pas seulement mieux pour l'environnement, mais aussi pour votre santé.*
*→ En cas d'utilisation à l'intérieur, utilisez des produits à faible teneur en polluants ou exempts de polluants.*
*→ Faire attention aux labels environnement comme « Shop Green ».*
*→ Achetez des emballages convenant à vos besoins !*
*→ Veillez à ce que le rendement de la peinture soit élevé. Vous n'aurez pas besoin ainsi de passer plusieurs couches de peinture.*
*→ Les résidus se conservent plus longtemps, si vous fermez bien les récipients et les stockez à l'envers.*

**Information**
***Informations***


**Ressourcenpotential**
***Potentiel de ressources***

## Energetische Verwertung

Die eingesammelten Rohstoffe können somit in den Kreislauf zurückgeführt werden und für die Wiederverwendung benutzt werden.

Schadstoffe werden umweltgerecht behandelt und entsorgt, auch Wertprodukte - insbesondere Metalle aus Verpackungen werden wieder verwertet. Die Farbreste werden zudem nicht einfach so verbrannt, sondern zu Ersatzbrennstoffen aufbereitet.

**Korrekt entsorgen**
Mobile Sammlung der SuperDrecksKëscht®
Ressourcencenter




● **19,58%**
Zurückgewinnung von Rohstoffen
*Récupération de matières premières*

● **80,16%**
Herstellung eines Ersatzbrennstoffes
*Production d'un combustible de substitution*


● **0,26%**
Verunreinigungen werden beseitigt
*Les impuretés sont éliminées*

## *Utilisation énergétique*

*Les matières premières collectées peuvent ainsi être réintroduites dans le circuit et utilisées pour la réutilisation.*

*Les polluants soient traités et éliminés dans le respect de l'environnement et que les produits valorisables – en particulier les métaux des emballages – sont également recyclés. De plus, les résidus de peinture ne sont pas simplement incinérés, mais transformés en combustibles de substitution.*


***Elimination correcte***
*Collecte mobile de la SuperDrecksKëscht®*
*Centre de ressources*




● **7,33%**
Zurückgewinnung von Rohstoffen
*Récupération de matières premières*

● **92,44%**
Herstellung eines Ersatzbrennstoffes
*Production d'un combustible de substitution*

● **0,23%**
Verunreinigungen werden beseitigt
*Les impuretés sont éliminées*



# Leben ohne Pestizide

Weniger Gift für mehr Artenvielfalt

Pestizide sind schwer abbaubar, reichern sich im Boden und den Gewässern an und gelangen früher oder später in unsere Nahrungskette. Durch ihre unspezifische Wirkungsweise töten sie auch viele nützliche Insekten und Pflanzen. Deshalb sind Pestizide mit Vorsicht zu behandeln und sollten wenn immer möglich vermieden werden.

# *Vivre sans pesticides*

*Moins de poison pour plus de biodiversité*

*Les pesticides se dégradent difficilement, s'accumulent dans le sol et les masses d'eau. Par conséquent, ceux-ci entrent tôt ou tard dans notre chaine alimentaire. En raison de leur mode d'action non spécifique, ils tuent également de nombreux insectes et plantes bénéfiques. Pour cette raison, les pesticides doivent être traités avec prudence et évités dans la mesure du possible.*

## Alternativen

→ Hacken, Kratzen, gezieltes Mulchen, bzw. Abdecken mit Stroh.
→ Zusätzliche Strukturen im naturnahen Garten (Bsp. Insektenhotel, Totholzhaufen).
→ Natürliche Schädlingsbekämpfung durch Einsatz von speziellen Kräutern.
→ Schneckenzäune, Leimringe um Obstbäume oder Gelbtafeln aufstellen.

## *Alternatives*

→ *Binage, grattage, paillage ciblé ou couverture de paille.*
→ *Structures supplémentaires dans le jardin naturel (par ex., hôtel à insectes, piles de bois mort).*
→ *Lutte naturelle contre les parasites grâce à l'utilisation d'herbes spécifiques.*
→ *Posez des barrières à escargots, collez des anneaux autour des arbres fruitiers ou des piège de colle.*

## Information
## *Informations*

## Kennen Sie den Unterschied?
## *Connaissez-vous la différence ?*

**Herbizide** töten Pflanzen oder beeinträchtigen deren Wuchs oder hemmen die Ausbreitung. Durch ihre Wurzeln gelangen die Schadstoffe in unser Grundwasser.

*Les **herbicides** tuent les plantes, nuisent à leur croissance, ou empêchent leur propagation. Les polluants pénètrent dans nos eaux souterraines par leurs racines.*

**Nematizide** wirken gegen Fadenwürmer.

Les ***nématicides*** sont efficaces contre les nématodes.

**Fungizide** wirken dem parasitären Pilzbefall entgegen und töten deren Sporen ab.

Les ***fongicides*** s'opposent à l'infestation par les champignons parasites et tuent leurs spores.

**Rodentizide** werden drinnen und draußen gegen Nagetiere eingesetzt.

Les ***rodenticides*** sont utilisés à l'intérieur et à l'extérieur contre les rongeurs.

**Molluskizide** werden eingesetzt, um Schnecken zu bekämpfen.

Les ***molluscicides*** sont utilisés pour lutter contre les escargots.

**Insektizide** dienen der Abtötung, Vertreibung oder Beeinträchtigung der Fortpflanzung von Insekten.

Les ***insecticides*** sont utilisés pour tuer, chasser ou empêcher la reproduction des insectes.

**Korrekt entsorgen**

Mobile Sammlung der SuperDrecksKëscht®
Ressourcencenter

***Elimination correcte***

*Collecte mobile de la SuperDrecksKëscht®*
*Centre de ressources*

**Woche ohne Pestizide • *Semaine sans pesticides***
**20.03.2024 - 30.03.2024**
www.ounipestiziden.lu